

Sommaire

5695 - Projet de loi relative à l'eau modifiant

- la loi modifiée du 31 juillet 1962 ayant pour objet le renforcement de l'alimentation en eau potable du Grand-Duché de Luxembourg à partir du réservoir d'Esch-sur-Sûre,
- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
- la loi modifiée du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures,
- la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés,
- la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles,
- la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain,
- la loi du 3 août 2005 concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles et abrogeant: 1. les articles 7, 14 et 40 à 44 de l'édit du 13 août 1669 de Louis XIV portant règlement général pour les eaux et les forêts, 2. l'arrêté du 9 mars 1798 (19 ventôse an VI) du Directoire exécutif, contenant des mesures pour assurer le libre cours des rivières et canaux navigables et flottables, 3. la loi modifiée du 16 mai 1929 concernant le curage, l'entretien et l'amélioration des cours d'eau, 4. la loi modifiée du 29 juillet 1993 concernant la protection et la gestion de l'eau, 5. la loi du 27 mai 1961 concernant les mesures de protection du barrage d'Esch-sur-Sûre, 6. l'article 41 de la loi du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000

- Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire: M. Marco Schank (déposant une motion)*
- Discussion générale: M. Fernand Etgen (à qui M. Marc Spautz pose une question), M. Roger Negri, M. Camille Gira, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, M. Ali Kaes (qui répond à MM. François Bausch, Ben Fayot et Marco Schank), M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- Motion 1 adoptée*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 9.00 heures)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen? Här Minister?

(Négation)

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn och keng Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen. Da komme mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien. Dat ass d'Diskussioun iwwert d'Waassergesetz. Et sinn ageschriwwen als Riedner: déi Häre Roth, Etgen, Diederich, Gibéryen a Kaes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marco Schank. Här Schank, wann ech gelift.

5695 - Projet de loi relative à l'eau modifiant

- la loi modifiée du 31 juillet 1962 ayant pour objet le renforcement de l'alimentation en eau potable du Grand-Duché de Luxembourg à partir du réservoir d'Esch-sur-Sûre,
- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,
- la loi modifiée du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures,

4. la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés,

5. la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles,

6. la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain,

7. la loi du 3 août 2005 concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles et abrogeant: 1. les articles 7, 14 et 40 à 44 de l'édit du 13 août 1669 de Louis XIV portant règlement général pour les eaux et les forêts, 2. l'arrêté du 9 mars 1798 (19 ventôse an VI) du Directoire exécutif, contenant des mesures pour assurer le libre cours des rivières et canaux navigables et flottables, 3. la loi modifiée du 16 mai 1929 concernant le curage, l'entretien et l'amélioration des cours d'eau, 4. la loi modifiée du 29 juillet

1993 concernant la protection et la gestion de l'eau, 5. la loi du 27 mai 1961 concernant les mesures de protection du barrage d'Esch-sur-Sûre, 6. l'article 41 de la loi du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

» M. Marco Schank (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut diskutéiere mer e Gesetz, dat an eisen Ae vu ganz grousser Bedeitung ass fir de Waasserschutz an d'Waasserpolitik fir Lëtzebuerg an der Zukunft. De Projet ass den 8. März 2007 vum Innenminister an der Chamber deponéiert ginn a war begleet vun engem Exposé des motifs, engem Commentaire des articles an dem Text vun der Direktiv 2000/60/CE, der sougenannter Waasserkaderdirektiv vum 23. Oktober 2000.

Deen éischten Avis vum Statsrot datéiert vum 3. Juli 2007. An der Zäit duerno sinn eng Hällewull vun Avisë komm vu verschiddenen Institutionen, 17 am Ganzen, déi ech elo net alleguerte wäert opzielen. Dat kënnt Der selbstverständlech am detailléierte Rapport noliesen.

Och fir dee ganzen Detail vun den Antécédents - well et sinn der eng ganz Partie - verweisen ech op de Rapport. Ech wëll op dëser Plaz an där Zäit, déi ech hunn, just op déi wesentlech Inhalter vum Projet agoen. An et soll op dëser Plaz och gesot ginn, datt mer an der Kommissioun ganz intensiv, fir keng Zäit ze verléieren, an ech géif och mengen, ganz konstruktiv un deem Projet geschafft hunn. Mir haten net manner wéi 29 Sëtzungen, fir dës ganz techneschen a komplexe Projet ze debattéieren. Schlussendlech konnte mer haut virun enger Woch dës Rapport ouni Géigestëmm ofstëmmen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, erlaabt mer, ier ech op de Contenu vum Text aginn, nach e puer méi allgemeng Informationen, déi ech un den Ufank vun deem Rapport wollt stellen. D'Benotze vu Waasser ass fir eis Lëtzeburger eng Selbstverständlechkeet. Mir brauche just de Krupp opzedréinen a schonn hu mer es genausou vill an enger exzellenter Qualitéit, wéi mer es brauchen.

Doduerch, datt mer awer esou einfach u Waasser kommen, besteet d'Gefor, datt vill Leit och vläicht éischter oder ganz dacks lichterfankeg mat dësem elementare Liewensmëttel ëmginn. Als Konsequenz heivunner ginn all Dag dausenden an dausende vu Fudder verschwéngt.

Et muss een awer bedenken, datt méi wéi eng Milliárd Mënschen op eiser Welt keen Accès zu sécherem, propperem Drénkwaasser hunn. Gleeft een der UNO, da stierwen all Joer ongeféier véier Millioun Mënschen un de Suitë vu verschmotztem Waasser respektiv engem Manktum un Drénkwaasser. Dat sinn all Dag méi wéi 10.000 Leit, an dovunner weinstens 4.000 Kanner. All d'Kriecher zesummen op der Welt fuerderen deemno manner Affer, wéi knaschtegt Waasser respektiv e Mangel u Waasser.

Wann een dovun ausgeet, datt am Joer 2050 zirka 9 Milliárd Mënschen op eisem Planéit wäerte liewen, kann ee sech virstellen, datt d'Konkurrenz ëm dës liewenswichtigte Ressource ëmmer méi grouss wäert ginn. Momentan sinn et scho weltwäit 80 Länner, déi vun enger Waasserknappheet betraff sinn. An d'Zuel vun de betraffene Mënsche wäert bis 2030 op iwwer 5 Milliárd klammen.

Et gëtt deemno genuch Grënn, datt an Zukunft mat Konflikter a souguer Kriecher ëm d'Waasser muss gerechent ginn. Verschidden Experte ginn dervun aus, datt an noer Zukunft de Waassermangel d'Haaptursaach vun Auseinandersetzungen um afrikanesche Kontinent beispillsweis wäert sinn. Schonn haut këmpfen d'Bauern an d'Nomaden an der Sahelzon, a Kenia, Somalia, Nigeria, Burkina Faso - fir just e puer Beispiller ze nennen - ëm dat weinegt Waasser, wat et do iwwerhaupt nach gëtt. Et

reent net genuch, d'Bëscher gi futti, ginn zerstéiert, an d'Aarmut klëmmt.

Och hei zu Lëtzebuerg hu mir an de Joren 2003 an 2005 misse feststellen, datt och bei eis Problemer duerch Waasserknappheet entstoe kënnen; net an deem Mooss, wéi ech et elo beschriwwen hunn. An awer! An deene Joren hate mir ganz dréche Summer mat Grondwaasserpegelen, déi stänneg erofgaange sinn.

Et ass also onëmgängelech, datt d'Populatioun, d'Leit dobaussen, nach méi wéi bis elo fir dës Thematik a Problematik sensibiliséiert ginn, och wann do an deene leschte Jore scho munches passéiert ass. D'Waasser ass vläicht déi wäertvollst natierlech Ressource, déi mir hunn. An nëmmen duerch eng nohaltegt Waasserpolitik kënnen mir dat Waasser esou schützen, fir datt och zukünftegt Generatiounen dovunner kënnen profitéieren.

Politikerinnen a Politiker hunn zu Lëtzebuerg d'Verantwortung an d'Missioun, eise Matbiergerinnen a Matbierger däitlech ze maachen, datt Waasser eben net en einfacht Konsumgut ass, mä méi eng eenzegaarteg Ressource, déi mer musse bewosst a verstänneg flegen.

Fir datt mir dësem Zil kënnen méi no kommen, musse mir och ekonomesch Instrumenter hunn. An anere Wieder, de Präis vum Waasser soll och iergendwou säi Wäert erëmspigelen. De Coût de revient vum Waasser, dee sech aus dem Drénk- an dem Ofwaasser zesummestellt, ass d'Resultat vu sämtlechen Onkäschten, déi eng gutt Drénk- an Ofwaasserversuergung mat sech bréngt: d'Konzeptioun, de Bau, d'Exploitatioun an den Entretien vun de ville Réseauen, d'Evakuatioun an d'Propermaache vum Ofwaasser respektiv dem Reewaasser. Derbäi kommen natierlech d'Käschte fir den Émwelt- a Quellschutz am Zesammenhang vum Waasser.

An nëmmen duerch eng effizient Tarifpolitik am Waasserberäich kënnen d'Ziler vun der europäescher Waasserdirektiv erreecht ginn. Eng vun de Moosnamen ass d'Obligatioun, fir d'Käschten, déi um Gebrauch vum Waasser entstinn, ze récupéréieren; an dat net fir d'lescht nom Prinzip vum Utilisateur-payeur respektiv dee vum Pollueur-payeur. De Konsument soll incitéiert ginn, fir d'Waasser verstänneg a responsabel ze notzen.

Dës Projet ass ee Kadergesetz a beschäftegt sech selbstverständlech net nëmme mat sämtleche Facettë vum Waasserschutz, mä mat allen Aspekter vun enger nohalteger Waasserpolitik, zum Beispill och mat de Voleten Héichwaasserschutz, dem Volet, datt en neie Regime fir Autorisatiounen kënnt - een eenzeg; ech kommen nach dodrop -, den Énnerrhalt vun eise Gewässer insgesamt, wou och nei Strukturen op d'Bee gestallt ginn, zum Beispill de Comité de la gestion de l'eau, den Observatoire de l'eau, dann och d'Contrats de rivière. Och dozou soen ech nach herno e puer Wuert.

Dës Projet schaaft deemno definitiv e Kader, un deem d'Politik sech an deenen nächste Jore kann orientéieren, fir ee gudden Zoustand fir eis Gewässer a Waasserleef bei eis an Europa unze-striewen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer elo kuerz op d'Problematik vum Waasserschutz op europäeschem Niveau anzegoen. D'Grënn, firwat dës Direktiv ausgeschafft gouf, sinn nieft deenen, déi ech scho genannt hunn, ganz eendeiteg: 20% vum Uewerflächewaasser an der EU si schwéier mat Schuedstoff belaaucht; 65% vum Drénkwaasserbedarf an Europa ginn duerch d'Grondwaasser gedeckt; 60% vun den europäesche Stied iwwerlaaschten hir Grondwaasserreserven; 50% vun de Fichtgebiddern si weinst dëser Iwwerlaaschtung dann och a Gefor; d'Fläch vum künstlech bewässerte Land huet sech am südlechen Europa, wou ebe ganz vill künstlech irriguéiert gëtt, zënter '85 ëm 20% vergréissert.

Ufanks de 70er Joren, wéi virun allem am Rhäin op eemol kee Fësch méi war, ass de Waasserschutz eng Prioritéit an Europa ginn. Lues a lues huet d'Europäesch Unieoun sech selwer ganz ambitiéis Ziler gesat, fir

eng gutt Waasserqualitéit zrëckzekeréien. Haut steet d'Kaderdirektiv vum Oktober 2000 genau fir dës Ziler. Ech wëll elo hei net op all eenzel Etapp agoen tëschent 1970 an dëser Direktiv, mä ech verweisen och do op de schrëftleche Rapport.

Wat sinn elo déi wichtegst Elementer vun dëser Waasserdirektiv, iwwert déi scho vill diskutéiert gouf am Virfeld an déi mir duerch dëse Projet de loi an nationaalt Recht ëmsetzen?

Fir d'éischt, duerch déi enorm Belaaschtungen, deenen eis Waasserreserven aus-gesat sinn, war et onbedéngt néideg, dës Problemer mat wierksame Moyenen un-zegoen, fir datt och eben - ech hunn et scho gesot - zukünftege Generatiounen déi liewenswichtig Ressource erhalen bleift.

Honnerte vun Experten hunn un där Direktiv geschafft, aus verschiddene Beräicher: Landwirtschaft, Industrie, Ëmweltschutz souwiso, awer och nationalen a lokalen Administratiounen. D'Kaderdirektiv Waasser dehnt nämlech d'Protektioun op all Ge-wässer aus a setzt kloer Ziler fir ze ga-rantéieren, datt, éischstens, bis 2015 all europäesch Waasserleef ee gudden Zoustand erreecht hunn; zweetens, sämt-lech Ofsonnerunge vu geféierleche Substanzen an d'Waasser reduzéiert respektiv eliminéiert ginn; drëttens - e ganz wichtige Punkt -, datt d'Zivilgesellschaft un deem Prozess bedeelegt gëtt, wat jo och bei eis geschitt de Moment; a véiertens, datt de Prinzip vun der Käschttendeckung agefouert gëtt.

Sechs Haaptetappe si virgesinn: éischstens d'Charakteriséierung vun den hydro-graphesche Gebidder mat engem Register vun de Schutzgebidder, deen opgestallt gëtt; d'Ausschaffe vun engem Iwwer-waachungsprogramm; d'Ausschaffe vun engem Plan de gestion an engem Moos-snameprogramm bis 2009; d'Schafe vum käschttendeckende Waasserpräis bis 2010; een zweete Plan de gestion a Moosname-programm bis 2012; an dann, wéi scho gesot, d'Erreeche vum gudden Zoustand vun eise Gewässer bis 2015.

Et war iwwregens virgesinn, datt bis den Dezember 2003 all national a regional Waassergesetzer un d'Kaderdirektiv uge-passt wären. Lëtzebuerg ass domat dat leschte Land, dat dëser Obligatioun nokënnt. Dëse Retard kënn awer net fir d'lescht doduerch, datt nach verschidden Démarchen néideg waren, wéi zum Beispill d'Schafe vum Waasserwirtschaftsamt 2004 - Dir erënnert Iech dorunner -, fir datt mer iwwerhaupt dës Direktiv konnten an nationaalt Recht transposéieren.

Här President, erlaabt mer elo e puer Wuert zu eiser nationaler Gesetzgebung an dësem Domän. Ech ginn elo net op den Edikt vum Louis XIV zrëck, ech si keen Historiker. Ech wëll just soen, datt d'Waasser hei am Land bis Ufank vum 20. Jorhonnert haaptsächlech fir d'Schëfffahrt op der Musel an natierlech och fir d'Land-wirtschaft als wichtig ugesi ginn ass.

En éischte ganz wichtige Schratt ass am Joer 1993 geschitt mat engem Gesetz fir de Schutz an d'Gestioun vum Waasser. Déi nächst wichtig Etapp, ech hunn et scho gesot, war d'Schafe vum Waasser-wirtschaftsamt 2004. Heiduerch ass och d'Viraussetzung iwwerhaapt geschafe ginn, fir dës Direktiv ëmzesetzen.

Deen nächste ganz bedeitende Schratt geschitt elo haut mat der Ëmsetzung vun där Direktiv an nationaalt Recht an d'Schafe vun engem moderne Waassergesetz fir Lëtzebuerg fir d'21. Jorhonnert.

Am Moment ënnerleien d'Waasserver-suerung an d'Waasserentsuergung der Gemeengekompetenz. D'Gemeenge ginn déi Kompetenz, dat wësst Der, u Gemeenge-syndikater weider.

Mir hunn och an der Kommissioun fest-gestallt, an deem kleng Land, wou mer sinn, hu mer enorm vill Syndikater, souwuel am Drénkwaasser- wéi am Ofwaasser-beräich, siwen, wann ech de SEBES derbäi-zielen, am Drénkwaasserberäich. 23 Gemeenge sinn do iwwregens autonom a 34 si semi-autonom, well se entweder eege Quellen hunn oder vun interkommunale Syndikater gespeist ginn. D'Gemengen Iermsdref, Rouspert a Sandweiler gi vu

Quelle versuergt, déi um Territoire vun anere Gemenge leien.

Och am Beräich vum Assainissement gëtt et siwe Syndikater, déi eng oder aner zousätzlech Kooperatioun respektiv ver-schidde Gemengen, déi a kenger Struktur vun deene Syndikater sinn. Et muss ee sech also d'Fro stellen, dat steet och am Rapport, ob een net méi Masse critique misst erreechen, doduerch, datt een déi Zuel reduzéiert, fir an Zukunft méi effizient kënnen ze schaffen.

Wat d'Strukturen an d'Infrastrukturen am Beräich vun der Waasserversuergung uginnt, do kann ee soen, datt mer gutt équipéiert sinn, datt all Gemenge couvréiert sinn.

Op där anerer Säit muss een awer och soen, datt vill Strukturen am Beräich vun der Waasserentsuergung net um leschte Stand sinn. Eelef Gemengen zu Lëtzebuerg hu keng Infrastrukturen am Beräich vun der Waasseropbereedung. Dovunner leien der siwe laanscht d'Musel.

Här President, Léif Kollegeinnen a Kol-leegen, et ass kloer, datt d'Waasserpolitik sech virun allem och an de Kader - an dat ass wichtig - vun der territorialer Neiuerd-nung stelle muss. An duerfir ass et net verwonnerlech, datt am Rapport vun der Spezialkommissioun ënnert der Fieder-féierung vun eisem Fraktiounschef, dem Michel Wolter, sech e grousst Kapitel mam Thema Waasser erëmfënnt.

D'Autonomie communale gëtt hei con-firméiert. Dernieft gouf awer och festge-halen - an dat kënn Der am Rapport noli-se vun der Spezialkommissioun „Réforme territoriale“ -, datt probéiert soll ginn, eng Structure superposée ze schafen, zum Beispill ee Syndicat mixte État-Communes, fir no an no zu enger zentraliséierter Gestioun vum Cycle de l'eau ze kommen.

Et geet och Rieds vun enger Approche vu Solidaritéit iwwert dat ganz Land, fir à terme ee Waasserpräis ze erreechen, deen national gesinn an deemselwechten Ordre de grandeur läit; dat heescht, een eenheet-leche Waasserpräis. An datt d'Syndikater och innerhalb vun hiren eegene Strukturen - dat steet och am Rapport - eng Approche vu Prix unique solle verfollegen, doduerch, datt d'Solidaritéit spilt an de Syndikater selwer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat sinn elo déi kruzial Punkte vun deem Text, deen eis zur Ofstëmmung virläit?

Vu datt dësen Deel vu mengem Rapport relativ technesch ass, probéieren ech hei just d'Schwéierpunkte virzustellen. Et sinn insgesamt néng Schwéierpunkten.

Als éischt a wichtig Etapp ginn hei d'États des lieux gemaach, d'Iwwerwaachungs-programmer an de Register vun de Zones protégées, déi op d'Bee musse gestallt ginn, als wichtig Instrumenter, fir wéi gesot dee gudden Zoustand 2015 ze erreechen.

An hei muss ee soen, datt dëst Waasser-kadergesetz an éischer Linn ee Gesetz ass mat ökologeschem Charakter an d'Bases légales ageféiert ginn, unhand vun deenen dee gudden Zoustand erreecht soll ginn 2015. Et ginn also preventiv Moosnamen agefouert, awer och de Schutz vun de Gewässer, d'Verbesserung an d'Restau-ratioun gi respektéiert.

Dobäi gëtt ënner anerem gekuckt, wéi een Afloss d'Eaux souterraines op d'Qualitéit vun dem Uewerflähegewässer hunn.

Fir den Zoustand vun de Gewässer uewer-an ënnerierdesch ze kucken, gëtt vum Waasserwirtschaftsamt eben dësen État des lieux gemaach. Unhand heivun a vun enger systematescher Iwwerwaachung vum Zoustand vun de Gewässer sollen dann déi néideg Moosnamen ergraff ginn, fir déi gesaten Ziler och ze erreechen.

De Register vun de Zones protégées, deen am Artikel 20 vum Gesetz virgesinn ass, gesäit ënner anerem Schutzzone vir: fir de Captage vum Drénkwaasser, d'Badege-wässer a Schutzzone fir déi Liewewiesen, déi an a ronderëm d'Waasser sinn, esou wéi et och am Naturschutzgesetz virgesinn ass.

Dat Zweet ass: ee Wuert zu den ekono-meschen Instrumenter, notament d'Tari-ficatioun vum Waasser.

D'Artikelen 12 bis 17 vum Projet de loi féiere véier Elementer vun engem harmoniséierte Waasserpräis op nationalem Niveau an. Dës Tarification baséiert op deem, wat ech virdu gesot hunn, nämlech dem Prinzip vun der Käschttendeckung op nationalem Niveau op Basis vum Utilisateur-payeur a Pollueur-payeur, an all dëst am Sënn vun ebe grad den Ëmweltobjektiver, déi den Text sech setzt.

Ab 2010 besteet de Waasserpräis aus zwou Gemengeredevancen an zwou staatlechen

Taxen. Éischstens d'Redevance Waasser, notament Drénkwaasser. Dann d'Rede-vance fir d'Ofwaasser, wou ech net am Detail elo drop aginn, well dat eis ze wäit féiert. An dann d'Taxe de prélèvement, déi op 10 Cent fixéiert ass. An d'Taxe de rejet, déi no enger Formule gerechent gëtt a wou d'Kommissioun derfir gesuergt huet - wat ursprénglech am Text net virgesi war -, datt dës Tax uniform fir all Kläranlagen am Land gëllt. D'Kommissioun wollt de Solidaritéits-gedanke fir all d'Gemengen am Land hei an d'Realitéit ëmsetzen.

D'Gemengeredevancen ënnerscheeden och nach tëschent de Secteure Stéit - mat Kleng- a Mëttelbetriber -, Industrie a Land-wirtschaft.

Well ee groussen Deel vun den Infra-strukturkäschte mat der Densitéit vun de Gemengen an der Unzuel vun den Awunner zesummenhängt, ass virgesinn, datt regio-nal Ënnerscheeder berücksichtegt an iwwert de Statsbudget ausgeglach ginn.

D'Gemeenge si kompetent am Beräich vun der Waasserversuergung an -entsuergung. Deemo geschitt d'Berechnung vum Waasserpräis och an Zukunft op kommu-nalem Niveau; dat Ganzt awer no enger harmoniséierter Method, déi op nationalem Niveau verankert ass.

Doriwwer eraus soll de Stat fir e fairen an équitabele Präis suergen, deen ëmwelt-technesch, ekonomesch a geographesch Afloss berücksichtegt.

D'Kommissioun huet deemno däitlech gemaach - dat ass wichtig, an esou steet et och am Rapport -, datt de Stat déi Käschten, déi sech duerch ökologesch, ekonomesch oder respektiv regional topo-graphesch Konsequenzen erginn, hëlleft droen, an zwar iwwert d'Budgetsgesetz.

Dat stoung net am urspréngleche Projet de loi an duerfir invitéiert d'Kommissioun och d'Regierung - an dat steet am Rapport -, fir ee Kompensatiounsmechanismus ze schafen, fir d'Differenzen tëschent städ-teschen a ländleche Gemengen ausze-gläichen.

Zum Beispill opgrond vun Nodeeler mat méi grouse Versuergungsnetzer, mat méi opwändegen Infrastrukturen um Land, also am ländleche Raum, mat méi Opwand fir ze pompelen, respektiv d'Apasse vun Infra-strukturen, Bauwierker an d'Landschaft. Testgemengen hu gewisen, datt do grouss Ënnerscheeder sinn. Mir haten déi Op-stellung an der Kommissioun: Mamer, Feelen mat 5 Euro Coût de revient, Tandel mat schonn 8,40 Euro, Wäisswampech mat 6,74 Euro, eleng am Assainissements-beräich.

Dann e Wuert zu de Moosnamepro-grammer an de Gestiounspläng, Instru-menter fir déi nohalteg Waasserwirtschafts-politik, vun där ech geschwat hunn. D'Moosnameprogrammer sinn esou op-gestallt, datt se de gudden Zoustand an den Échéancé vun den Article 5 bis 11 erreechen. Dës Programmer ginn zesum-me mat alle Concernéierten opgestallt a bestinn aus Mesures de base a Mesures com-plémentaires. D'Mesures de base orien-téiere sech un der aktueller Législatioun, mat deene Reglementer, déi de Moment bestinn, an d'Mesures complémentaires kënnen aus administrativen, ekonomeschen oder steierlechen Instrumenter bestoen a beinhalten och déi Projeten, déi vun de Gemenge realiséiert ginn.

Fir all Waasserdistrikt gëtt vum Waasser-wirtschaftsamt ee Plan de gestion aus-geschafft. A ronn engem Joer, den 22. Dezember 2009, soll déi éischt Versioun vum Plang dann och fäerdeg sinn, an Zesummenaarbecht mat deenen anere Staten, déi un den internationalen hydrogra-pheschen Distrikter vu Rhain a Meuse leien.

E weidere Schwéierpunktberäich ass dee vun neie Regime vun den Autorisatiounen, eng Etapp a Richtung Simplification admi-nistrative. Den Artikel 23 vum Text gesäit just nach een eenzege Regime vun Autori-satioune fir all Beräicher vum Schutz an der Gestioun vum Waasser vir.

E fënnefte Schwéierpunktberäich ass dee vum Entretien vun de Waasserleef an d'Gestioun vun de Risike vum Héich-waasser, Schlësselelementer nach eng Kéier fir eng nohalteg Gestioun vum Régime hydrologique. Hei geet et drëm, datt den En-tretien vun de Waasserleef am Respekt vum natierleche Milieu geschitt. D'Waassers-wirtschaftsamt këmmert sech hei ëm d'Koordi-natioun. De Cofinanzement vum Stat vun den Entretiensmesuren an der Renaturéie-rung vun de Waasserleef geschitt via de Fonds pour la gestion de l'eau, wéi et an den Artikelen 62 bis 68 virgesinn ass.

Den Artikel 38 vum Text garantéiert eng Kohärenz tëschent der nationaler Héich-

waasserpolitik an der Direktiv 2007/60/CE am Kontext vum Héichwaasser. Dëst geschitt duerch Instrumenter wéi d'Eva-luatioun vun den Héichwaasserrisiken, d'Héichwaassergeforekaarten, déi mer an der Kommissioun haten, d'Héichwaasser-risikokaarten an de Plan de gestion des risques d'inondation.

Am Moment ënnerläit d'Gestioun vun den Héichwaasserrisiken der Législatioun vum Aménagement du Territoire. Hei gëtt also proposéiert, déi Héichwaassergefore-kaarten an och d'Héichwaasserrisiko-kaarten an d'PAge vun de Gemenge mat Héichwaasserproblemer ze integréieren. De Cofinanzement vum Stat gëtt iwwert de Fonds pour la gestion de l'eau assuréiert.

Dee sechste Schwéierpunkt betrëfft d'Ver-suergung mat Drénkwaasser an den Assai-nissement. Dat ass eng Réaffirmatioun, esou wéi se am Gesetz steet, vun de Gemeengekompetenzen am Beräich Waasser. Well all d'Servicer, déi mam Benotze vum Waasser zesummenhängen, ënnert d'Gemeengekompetenz falen, ginn all déi administrativ an technesch Disposi-tiounen iwwer Règlements communaux aus-gefouert, déi natierlech virdu vum Waasser-wirtschaftsamt aviséiert ginn.

Siwents, d'Gemeengepläng an de Plan national du cycle urbain. Dat ass e ganz wichtige Beräich. En ass als Interface tëschent der Landesplanung, dem Amé-nagement communal an der Waasser-wirtschaft ze gesinn. Den Artikel 50 gesäit den Interfaçage tëschent de kartogra-pheschen a planungstechneschen Ele-menter vum virleienden Text an deene vum 2004er Gesetz iwwert den Aménagement communal vir, notament am Beräich vun den Études préparatoires, de PAGen, de PAPen an eventuell de plans directeurs. De Plan national du cycle urbain vum Waasser liwwert dann och alleguer déi Donnéeën, déi noutwendeg sinn, fir op nationalem Niveau déi néideg Kohärenz tëschent der Landesplanung an der Waasserwirtschaft ze garantéieren.

En anere wichtige Punkt sinn d'Strukturen, déi nei geschafe ginn, fir d'Gestioun vum Waasser ze optimiséieren. De Comité de la gestion de l'eau, den Observatoire de l'eau zweetens, drëttens d'Partenariats de cours d'eau, als Komponente vun der Bedee-legung vun der Zivilgesellschaft un der Waasserpolitik. De Comité de la gestion de l'eau ass dat Organ, an deem all con-cernéiert Parteien zesummesëtzen, fir zesummen der Regierung Avisen ofzeginn zu de Moosnameprogrammer natierlech, dann awer och am Kontext Plan national vum cycle urbain de l'eau, am Kader vun de Plans de gestion fir d'Distrikter, an och den administrative Prozeduren, déi am Waasser-schutz a mat der Waasserwirtschaft ze dinn hunn.

Dat anert Instrument, den Observatoire de l'eau, deen duerch den Artikel 54 agericht gëtt, ass deen, deen am Fong als wëssen-schaftlecht a konsultatiivt Organ konzipiéiert ass. Eng drëtt Struktur ass déi vun de Part-enariats de cours d'eau, déi sech um wallou-nesche Modell vun de Contrats de rivière orientéiert. Eng fräiwëlleg lokal, regional Bedeelegung um Niveau vun der Waasser-wirtschaft ass hei am Land schonn am Kanton Réiden respektiv un der Uewersauer geschitt.

E leschte Schwéierpunkt vun deene wich-tegste Punkten an deem Gesetz ass de Waasserfong, wat jo d'Finanzinstrument ass vun enger nohalterger Waasserwirtschaft. Dëse Fong, deen ursprénglech iwwert d'Gesetz fir de Budget vum Joer 2000 entstanden ass, gëtt duerch deen aktuelle Projet reforméiert. Den Interventiounsradius vum Fong gëtt duerch deen neien Text ver-grëssert, esou datt sämtlech Aktivitéiten am Beräich vum Waasserschutz an der Waasserwirtschaft dorënnerfalen. Nieft deenen normalen Dotatiounen aus dem alljährleche Budgetsgesetz, gëtt de Fong aus deenen Taxen, déi ech virdu genannt hunn, Taxes de prélèvement, Taxes de rejet, a verschidden aneren öffentleche Fonge gespeist.

D'Kommissioun huet och zrëckbehalen, datt d'Waasser als liewenswichtig Ressource och an Zukunft muss an der öffentlecher Hand bleiwen an op kee Fall zum Spillball vu privatwirtschaftlechen Interessen dierf ginn.

Just e Wuert zum éischten Avis vum Statsrot - duerno koume jo nach zwee Avis complé-mentaires -, dee bedauert huet, datt et zu Lëtzebuerg keng statistesch Donnéeën iwwert d'Evolution vun de Waasserreserve géif ginn, och wat d'Consommatioun ube-laangt respektiv d'Pollutioun vum Waasser. De Conseil d'État huet an deem Kontext och un dee ganz interessanten Avis vum Conseil économique et social vum 6. Abrëll 2006

erënnert, dee sech deemools detailléiert mat der Waasserproblematik zu Lëtzebuerg auserneegesat huet.

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech hunn am Ufank gesot, d'Waasser ass vläicht déi wäertvollst natierlech Ressource, déi mer hunn. An nëmmen duerch eng konsequent, nohalteg Waasserpolitik kënnen mer dësen onersetzlechen an och liewensnoutwendege Patrimoine esou schützen, datt genuch Waasser a virun allem och qualitativ héichwäertegt Waasser fir eis Kanner a Kandskanner an Zukunft zur Verfügung steet. Ech mengen kënnen ze soen, datt dëse Projet de loi wesentlech Viraussetzunge schafft, fir dësem ambitiëisen Zil e ganz grousst Stéck méi no ze kommen.

Zum Schluss wollt ech dann och all deene Merci soen, déi vill Aarbecht gemaach hunn, an et war vill Aarbecht, ier dëse Projet konnt an d'Plénière kommen. Ech hunn et schonns gesot, datt et en immens technesch an och komplex Gesetz ass. Merci menges Mataarbechter aus der Fraktioun, aus dem Sekretariat vun der Chamber, awer och de Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Ministère, dem Waasserwirtschaftsamt, an net fir d'lescht och menges Kolleegen aus der Intérieurskommissioun: Merci!

Ech hunn domadder de Rapport ofgeschloss. Wann de President erlaabt, géif ech, am Numm vu menger Fraktioun, nach kuerz eng Motioun presentéieren, eng Motioun, bei där et sech ëm de Waasserschutz an der Landwirtschaft handelt. Dir wësst, datt d'Landwirtschaft insgesamt dee Gestionnaire dobaussen ass, deen a villen Einzugsgebidder vu Waasser, Waassergebidder an an zukünftege Waasserschutzgebidder läit an och do aktiv ass, a wou och net ausgeschloss ass, datt Restriktiounen an Zukunft mussen higeholl ginn.

D'Agrargesetz vum 18. Abrëll 2008 gesäit d'Finanzéierung vu Moossnamen en faveur vun der Ëmwelt an der Erhaltung vun der Biodiversitéit vir, an och den Artikel 38 vum Règlement 1698/2005/CE vum Conseil iwwert de Soutien vum Développement rural duerch den europäesche Fong, de FEADER, gesäit Hëllef vir, fir d'Onkäschte respektiv d'Verloschter ze decken, déi duerch d'Ëmsetze vun der Waasserkaderdirektiv entstinn.

Aus deene genannte Grënn wollte mer d'Regierung opfuerderen, ebe just am Kader vum Agrargesetz vum 18. Abrëll 2008, vun dësem Joer also, Agrarëmweltmoossnamen auszeschaffen, déi un d'Waasserschutzzonen eben ugepasst sinn an et erlaben, souwuel d'Ziler vun neie Waassergesetz ze erreeche wéi och der Landwirtschaft hir finanziell Perten ze kompenséieren. Agrarëmweltmoossnamen, déi och praxisno sinn - dat ass wichteg.

An engem zweeten Tiret invitéiere mer d'Regierung, d'landwirtschaftlech Berodung an de Waasserschutzzonen ze intensivéieren an och do de Bauere beschtméiglech ënnert d'Äerm ze gräife bei der Mise en œuvre vun enger Partie vu Moossnamen. Dat ass, fir datt hei virun allem de Service de vulgarisation, dee vun der Landwirtschaftskummer koordinéiert gëtt, déi néideg Moyenen zur Verfügung gestallt kritt.

Ech géif lech, Här President, déi Motioun iwwerreechen.

Merci.

Motion 1

Vu que l'agriculture en tant que gestionnaire et propriétaire de la plus grande partie des bassins versants des eaux superficielles et souterraines sera l'un des secteurs les plus touchés par les conséquences de l'application de la loi-cadre sur l'eau, et qu'elle sera confrontée à des restrictions allant au-delà de la bonne pratique agricole et pouvant entraîner des coûts supplémentaires ou pertes de rendements non négligeables;

vu que la loi du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural prévoit le financement de mesures en faveur de l'environnement et de la sauvegarde de la biodiversité;

vu que l'article 38 du règlement (CE) N°1698/2005 du Conseil concernant le soutien au développement rural par le Fonds européen agricole pour le développement rural (Feader) prévoit le paiement d'aides aux agriculteurs afin de compenser les coûts supportés et la perte de revenus subie en raison des désavantages résultant de la mise en œuvre de la directive 2000/60/CE;

la Chambre des Députés invite le Gouvernement

- à mettre en œuvre dans le cadre de la loi du 18 avril 2008 concernant le renouvelle-

ment du soutien au développement rural, des programmes agro-environnementaux spécifiques adaptés aux zones de protection des eaux, permettant d'atteindre les objectifs de la protection des eaux tout en compensant les pertes économiques encourues par les restrictions imposées;

- à encourager le «Conseil agricole» dans les zones de protection des eaux, afin d'assister les agriculteurs au mieux dans la mise en œuvre des différentes mesures, ceci en dotant le service de vulgarisation de la Chambre d'Agriculture des moyens adéquats nécessaires à cette mission.

(s.) Marco Schank, Fernand Etgen, Ali Kaes, Robert Mehlen, Gilles Roth, Romain Schneider.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Mir kommen dann zur Debatt. Eischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roth fir d'CSV-Fraktioun. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, proppert Waasser huet als Eegeschäft, dass ee kloer derduerch gesäit.

» **Une voix.** - Ganz richtig!

» **M. Gilles Roth (CSV).** - E klore Duerchbléck bei deem neie Waassergesetz ass dobäi net esou einfach. Europäesch Direktiven an nationaalt Recht ëmsetzen ass oft e komplizéierte Prozess.

Bei dem Waassergesetz ass dës Komplexitéit a senger ganzer Bandbreet zum Virschäi komm. Net manner wéi 23 Oppositions formelles gouf et vum Statsrot.

Ech wëll dem Rapporteur a President Marco Schank Merci soen. Trotz heiansdo méi animéierten Diskussiounen an der Intérieurskommissioun huet hien dëse Gesetzesprojet an d'Dréchent bruecht.

Vill Diskussiounen gouf et ëm dëse Projet. Munch hëtzeg Käpp wäert et och nach no dem Vote vun dem Gesetz ginn. Dëse Projet regelt villes an an ëm d'Waasser. An net nëmmen de Waasserpräis.

Här President, mat dësem Projet gëtt d'Waasser u sech och net méi deier, mä deen Einzelnen, dee Waasser verbraucht, muss dofir an Zukunft awer méi bezuelen.

De Waasserpräis...

» **Une voix.** - Da gëtt et jo méi deier!

» **M. Gilles Roth (CSV).** - ...gëtt an Zukunft no der Käschtendeckung an dem Verursaacherprinzip berechent. Als CSV soe mir Jo dozou.

Dës zwee Prinzipië sinn am Ëmweltberäich och net nei. Käschtendeckung a Pollueur-payeur si kee Selbstzweck. Si schreiwe sech an d'Finalitéit vun dem Gesetz - engem nohaltegen Ëmgang mat dem Waasser - an. Konkret setzt de Präis vun dem Waasser sech an Zukunft zesummen engersäits aus engem Tarif, dee fir d'Notze vum Waasser a fir d'Kläre vum Ofwaasser un d'Gemeng muss bezuelt ginn, anerersäits enger Tax, déi fir d'Notzen an d'Kläre vum Waasser vum Stat verrechent gëtt.

Déi staatlech Tax ass op 10 Cent pro Fudder fir d'Notze vum Waasser festgesat. Si gëtt herno mat ronn 19 Cent pro Fudder fir d'Ofwaasser verrechent. Dës staatlech Taxe si prinzipiell fir all Bierger am Land déiselwecht. Hei applizéiert sech deemno voll a ganz de Gläichheetsprinzip, esou wéi e fir d'Steieren an eiser Verfassung speziell verankert ass.

De Gesetzesprojet gesäit och en eenheetleche Berechnungsmodus fir den Tarif vir, deen d'Gemeng muss un den Endverbraucher, sief dat e Betrib oder en Haushalt, weider verrechnen.

Mir hunn also an Zukunft souwuel eenheetlech Taxen am Waasser- an Ofwaasserberäich wéi och en eenheetleche Berechnungsmodus fir d'Gemengentariffer fir Waasser an Ofwaasser.

D'Kromm an der Heck läit eigentlech doran, dass d'Käschte fir d'Versuergung mat Drénkwaasser an d'Gestioun vun dem Ofwaasser vu Gemeng zu Gemeng verschidde sinn. D'Ursach ass einfach déi, dass de Präis vun den Infrastrukturen an notamter d'Längt vun de Réseauen sech an der Käschtendeckung erëmispigelen. Doduerch kréie mir ganz ënnerschiedlech Präisser, déi fir d'Waasser am Land musse bezuelt ginn. Dat ass fir d'Leit schwéier novollzéibar, besonnesch an engem Land mat net emol 2.600 km². Et entsprécht awer dem Grondgedanke vun dem Käschten-

deckungsprinzip an dem Verursaacherprinzip, esou wéi se am Gesetz ëmgesat goufen.

Duerch deen neie Berechnungsmodus geet de Präis vun dem Waasser global gekuckt och net an d'Luucht. Deen eenzelne Verbraucher muss méi bezuelen, well d'Suen, déi bis elo iwwert de jeeweilege Gemengebudget allgemeng bezuelt goufen, an Zukunft op deen eenzelne Verbraucher opgedeelt ginn.

Nu kann ee soen, dass dat eben emol de Präis vu propperem Waasser ass. Dem Bierger ass et allerdéngs schwéier ze vermëttelen, dass seng Waasserrechnung ab dem 1. Januar 2010 fir e Stot mat zwee Kanner ëm 600 Euro d'Joer a méi méi deier wäert ginn.

D'Gesetz ënnersträicht duerfir, dass ekonomeschen a regionale Considérationen beim Festleeë vun de Gemengentariffer ka Rechnung gedroe ginn. D'Méiglechkeet vun enger staatlecher Kompensatioun tëschent eenzelne Regiounen am Land ass och net ausgeschloss. Nächst hënnert och eng Gemeng drun, sozial Bähëllefene ze ginn, zum Beispill am Kader vun enger Allocation de vie chère, wéi et elo schonn op verschidde Plazen am Land de Fall ass.

Mir stinn deemno als CSV zu dem eenheetleche Berechnungsmodus vun dem Waasserpräis mat den entspreichenden Offiederungen, wéi se am Gesetz virgesi sinn, och wann een, wéi vum Statsrot d'ailleurs gefuerdert, méi en einfache System léiwer gehat hätt.

Eng alternativ Léisung hätt kënnen dora bestoen, dass d'Käschtendeckung landeswäit méi iwwert d'Statstaxe geschitt wier a manner iwwert d'Gemengentariffer. Well d'Statstaxe landeswäit déiselwecht sinn, wier d'Schéier tëschent deenen eenzelne Waasserpräisser da manner grouss gewiescht.

Här President, 116 verschidde Waasserpräisser am Land si schwéier ze verrieden. An dësem Domän weist d'Gemengenautonomie sécher hir Limiten. D'Waasser als Deel vun eisem öffentleche Patrimoine gehéiert an déi öffentlech Hand. De Moment läit d'Responsabilitéit bei de Gemengen.

Mëttelfristeg brauche mer, esou wéi iwwregens am Rapport vun der Spezialkommissioun iwwert d'Territorialreform virgeschloen, eng national oder zumindest integréiert Waasserpolitik. Mir brauchen dat net nëmmen am Beräich Héichwaasser, mä och um Niveau vum Waassertarif. Fir dohinner ze kommen, ass iwwert d'Land eng méi enk Zesummenaarbecht tëschent den eenzelne Gemengen, de Waasser- an Ofwaassersyndikater ënnert der Koordinatioun vun dem Stat néideg. Mir wëllen als CSV dofir anrieden.

Här President, de Gesetzesprojet 5695 limitéiert sech net nëmmen op de Waasserpräis. «L'eau n'est pas un bien marchand comme les autres, mais un patrimoine qu'il faut protéger, défendre et traiter comme tel.» - esou heescht et e bësse feierlech am éischte Considérant vun der europäescher Waasserdirektiv, déi de Projet soll ëmsetzen.

De Gesetzesprojet verbitt an deem Sënn eng Rei vun Aktivitéiten an a ronderëm d'Waasser, déi net vereinbar si mat dem Schutz vun enger gudder Waasserqualitéit. De Statsrot stoung dëse Verbueetsbestëmmunge méi kritesch géigeniwwer. Esou gëtt zum Beispill d'Fro opgeworf, ob een iwwerhaupt nach un enger Quell kéint Waasser drénken oder op engem Scouts-camp nach Waasserspiller kéinte gemaach ginn.

Als CSV si mir fir en nohaltegen Ëmgang mat dem Waasser. Gradesou kloer soe mir, dass an deem Kontext stroferechtlech Bestëmmungen op dat Néidegst musse reduzéiert ginn. Dat zielt iwwregens fir de gesamte Beräich vun der Ëmwelt.

Mir hunn et hei oft mat sougenannten Infractions matérielles ze dinn. Een einfachen Tatbestand geet hei duer, fir am Konflikt mam Gesetz ze sinn, eng stroferechtlech Absicht muss net emol virleien. An der praktescher Uwendung vun de Strofbestëmmungen an dem neie Waassergesetz muss de Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet duerfir mat all senge Facettë spillen.

Als CSV wëlle mir ausserhalb vun der Police nëmmen eng limitéiert Zuel vu Beamten, déi d'Qualitéit vun Officiers de police judiciaire an eenzelne Fachberäicher hunn. An dësem sensibele Beräich, wou et ëm en Agrëff an d'Fräiheet vun den eenzelne Bierger geet, zielt net nëmmen d'Fachkompetenz, mä och de generellen Ëmgang mat stroferechtliche Bestëmmungen an deene prozedurale Froen, déi domat verbonne sinn.

Mir begréissen als CSV duerfir, dass d'Regierung den initiale Gesetzesprojet an deem Sënn ofgeännert huet, dass heimat nëmmen eng beschränkten Zuel vu Beamten aus dem Waasserwirtschaftsamt an Zukunft d'Qualitéit vun Officiers de police judiciaire mat deenen entspreichende Kompetenz kreien.

Här President, de Projet de loi regroupéiert all Autorisationen, déi am Waasserberäich ufalen. Bis elo waren dës an enger Hällewull vu Regele virgesinn, déi alt bis an d'17. Jorhonnert zrëckgaange sinn. Et gëtt eng einheitlech Prozedur mat engem fixen Délai vu maximal dräi Méint festgeluecht, wou de Minister muss iwwer eng Genehmegung befannen.

D'CSV ënnerstëtzt dës Iddi ausdrécklech, well si ass ganz am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung. An därselwechter Logik fuerdere mir, dass och an der Praxis dës Genehmigungsprozedur sech op verwaltungstechneschem Plang mat deem néidege Fangerspëtzegefäll abiergert. Probleme, déi et an anere Beräicher gouf a gëtt, sollen eis hei erspuert bleiwen. Diskussiounen ëm den Artikel 17 aus dem Naturschutzgesetz däerfen um Niveau vum Artikel 23 vum Waassergesetz net hir Fortsetzung fannen.

Här President, Waasserschutz ass och Schutz géint Héichwaasser. De Gesetzesprojet gesäit hei d'Erstelle vun enger Kartographie vun lwwerschwemmungsfläche laanscht d'Waasserleef vir. Gemengt sinn heimat net nëmme Flëss, mä och zum Beispill eng Baach, déi emol bei staarkem Reen aus hirem Baachbett eraustrëtt. Dës Kaart gëtt op Basis vu Simulationsmodeller respektiv Erfahrungswäerter vu vieregten lwwerschwemmungen opgestallt. Si soll a Concertatioun tëschent der Gemeng, de Bierger an dem Waasserwirtschaftsamt ausgeschafft ginn. D'Konsequenzen, déi sech heiraus erginn, sinn net ze ënnerschätzen.

Déi potenziell lwwerschwemmungsflächen, déi ausgewise ginn, mussen nämlech an den allgemenge Bepaunngsplan vun der jeeweileger Gemeng afléissen. Doduerch ginn d'Bepaunngsméiglechkeete vu Grondstécker an domat d'Propriétéitsrechter sécherlech an eenzel Fäll ageschränkt. Mä dës Limitatiounen geschéien awer am Intéressi vun der Allgemengheet.

Et ginn doduerch Situatiounen vermidden, wéi mer se aus der Vergaangenheet leider kennen. D'Leit hu mat Baugenehmegung hir Haiser an d'Waasser gesat an duerno hu missen, op d'Käschte vun der Allgemengheet, deier Moossnamen um Niveau vum Héichwaasserschutz geholl ginn, fir d'Sënnen aus der Vergaangenheet auszebigelen.

D'Ausweise vun lwwerschwemmungszonen am PAG ass fir d'CSV eng couragéiert Approche. Mä si ass sënnvoll. Mir sinn der Meenung, dass een deem och an der ugekënnegter Ëmännerung vum 2004er Gesetz iwwert den Aménagement communal Rechnung droe muss.

Här President, d'CSV begréisst, dass de Gesetzesprojet Bestëmmunge virgesäit fir e modernen an ekologeschen Ënnerhalt vun de Waasserleef, de Floss- a Baachbetter mat den Uferen. D'Regelwierk, wat bis elo gespillt huet, war meeschtens zäitlech iwwerholl. Et war rechtlech och net ëmmer gekläert, wie beim Ënnerhalt fir wat verantwortlech ass. Dat Ganzt hat als Resultat, dass besonnesch a ländleche Géigenden oft guer näischt geschitt ass.

De Gesetzesprojet schafft heifir méi Kloerheet. D'Aarbechte stinn ënnert der Federführung vum Waasserwirtschaftsamt. Jee no Besëtzverhältnisser gi mat de be-traffene Gemenge respektiv concernéierte privaten Anrainer Konventiounen gemaach, wou dann d'Rechter an d'Flichte vun de Vertragsparteie geregelt sinn. D'CSV ënnerstëtzt dës Approche.

Et gëtt ënner anerem doduerch och déi méi quokeleg Fro geregelt, wien da verantwortlech ass bei engem Schued, deen duerch e korrekten oder net korrekten Ënnerhalt vun engem Baachufer opkënnnt. De Gesetzesprojet gesäit eng staatlech Subventioun vun esou Ënnerhaltsaarbechte vu 50% vun de Käschte vir. D'Fro stellt sech awer, ob bei öffentleche Gewässer den

Ënnerhalt net eng Mission de service public ass an domat net déi finanziell Laaschten dovunner zu 100% vum Stat missten iwwerholl ginn.

Här President, iwwer Renaturéierung vu Flëss a Baache gouf et an der méi oder manner rezenter Vergaangenheet op Plazen heftegst Diskussiounen. De Gesetzesprojet geet och dëst waarmt Eisen un. E schaaft e gesonden Équiliber tëschent Ekologie a Besëtztrechter vun den Anrainer. An Zukunft kann eng Renaturéierung nëmmen am Accord mat der betroffener Gemeng gemaach ginn.

Gëtt se mat hirem Averstännis décidéiert, da mussen déi néideg Terrainen ofgetruede ginn; natierlech mat enger entsprecherender Entschiedegung fir de Propriétaire. Fakt ass, dass ouni den Accord vun de politesch Verantwortlechen op lokalem Plang keng Renaturéierung ka gemaach ginn.

Här President, de Gesetzesprojet gesäit kloer vir, dass d'Gemege verantwortlech fir d'Waasserversuergung an d'Gestioun vum Ofwaasser sinn. De Secteur vun dem Waasser an dem Ofwaasser bleift domat weiderhin an öffentlecher Hand. D'Waasser kann hei am Land deemno net liberaliséiert ginn. Op europäeschem Plang gëtt et keng sektoriell Direktiv iwwert d'Liberaliséierung vum Waasser.

Als CSV wëlle mir och net, dass et zu esou enger Direktiv kënn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Gilles Roth (CSV).** - D'Waasser ass fir eis en Element vun eiseem öffentleche Patrimoine. All Bierger huet dorop een Urecht. D'CSV ass der Meenung, dass d'Kontinuitéit an den Zougank zum Waasser fir all Bierger géint eng Liberaliséierungspolitik an deem Beräich plädéieren. Dës Positioun spigelt sech och dofir zu Recht am Gesetzesprojet erëm.

Här President, dat neit Waassergesetz ass ee couragéierte Plädoyer fir eng nohalteg Gestioun vun eiseem Waasser. Et ass eng ambitiéis Aufgabestellung, déi d'Regierung sech, hire Servicer an de Gemege gëtt. Ob de politesche Wëllen an déi finanziell a personell Mëttelen dofir duerginn, muss d'Zukunft weisen.

D'Waasser ass en Deel vun eiseem öffentleche Patrimoine. Mir därefen eis duerfir net an enger reng finanzieller Logik bewegen. Mir brauche villméi eng generell Sensibiliséierung vun de Bierger, fir dass mir méi bewosst an Zukunft mat dem Element Waasser ëmginn. D'CSV-Fraktioun wëllt mat op dee Wee goen a mir stëmmen dofir dës Projet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Roth. Fir d'DP-Fraktioun huet elo den honorabelen Här Etgen d'Wuert.

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, viwech géllt och een oprichtige Merci dem Rapporteur Marco Schank fir säin engagéierte mëndleche wéi och fir säi schrëftleche Rapport zu dësem techneschen, awer extrem wichtige Gesetz. Ech wëll an dësem Merci awer och den Här André Weidenhaupt, Direkter vum Waasserwirtschaftsamt, aschléissen, dee mat sengem akribesche Fachwëssen, sengem staarken Aarbechtswëllen, gekoppelt mat engem gesonde Sens de la diplomatie der Kommissioun eng onverzichtbar Hëllef war. Merci och dem zoustännige Minister mat all senge Mataarbechter fir dee gudde Geescht, an deem d'Diskussioun konnte gefouert ginn.

Här President, fir eng gutt Waasserqualitéit ze assuréieren, huet d'Europäesch Unioun eng Direktiv erausginn. Dëst war virun aacht Joer. A viru véier Joer ass den Délai ofgelaf, fir dës Direktiv ëmzesetzen. An elo eréischt wëllt Lëtzebuerg als lescht Land vun der Europäescher Unioun d'Direktiv ëmsetzen a sech eng integréiert Waasserschutzpolitik ginn!

Här President, wéi wëlle mer de Leit dobaussen dëst erklären? Wéi wëlle mer hinnen erklären, dass wichtig Zäit verluer

gaangen ass, fir eis eng kohärent Waasserpolitik ze ginn? Wéi wëlle mer hinnen erklären, dass Décisiounen op EU-Niveau geholl gi sinn an dann aacht Joer laang net ëmgesat ginn, bis op ee Punkt wou mer risquéieren, eemol méi veruerteelt ze ginn?

Här President, dës Regierung gesäit sech a ville Beräicher gären als europäesche Musterschüler, mä bei dësem Projet huet se eng fatzeg Datz verdéngt. Well déi Direktiv, déi et hei géllt ëmzesetzen, ass net eng x-beliebig. Et geet dorëm, ee Paradigme-wissel virzehuelen an der Waasserpolitik. Ee Wiessel, deem aner Länner scho laang hannert sech hunn. Ee Wiessel, dee mir elo ënner schwierige wirtschaftleche Kaderbedéngunge musse vollzéien.

D'europäesch Kaderdirektiv ass méi wéi nëmmen eng Rechtswirschrëft, déi vun deene verschiddene Memberlänner muss ëmgesat ginn. Dee besonnesche Reiz vun der proposéierter Waasserschutzpolitik läit an der integréierter Approche: iwwer all Landesgrenzen ewech eng koordinéiert Gestioun vun allem, wat mat Waasser ze dinn huet. Et ass een zolidd Fundament!

D'Direktiv setzt fir Europa Meilesteng vun enger neier Waasserpolitik, mat engem staarken Akzent op deen ekologeschen Aspekt. D'Zilsetzung ass kloer definéiert: eng eenheetlech Waasserpolitik op héijem Niveau. D'Kärzil heescht: „dee gudden Zoustand“!

Et gëtt och ee prezisen a verbindlechen Zäitplang. Dës Zäitschinn ass fir d'Lëtzebuurger Regierung zu enger regelrechter Course géint d'Zäit ginn, souwuel wat de legislativen Aspekt ubelaangt wéi d'Ëmsetzen an och d'Erreechen an der virgeschriwwener Zäit vun den Ziler; den ekologeschen Ziler, sief nach eng kéier ausdrécklech hei prezisiéiert.

Mir stellen nämlech grouss Mängel, Defiziter am Waassermanagement hei zu Lëtzebuerg fest. An dobäi verlaangt d'Direktiv näischt Onméigleches. Si verlaangt just realistesch Ziler.

Si verlaangt net, dass eis Flëss a Baachen esou missten ausgesi wéi virum Industriezäitalter, quasi esou wéi d'Natur se geschafen huet. Neen, se solle just ideal Liewensraim bidde fir Fësch a Waasserplanzen. D'Direktiv léisst bewosst vill Plaz fir eng flexibel Planung.

D'Moosnameprogrammer solle sech un de regionalen a lokale Gegebenheeten orientéieren. D'Décisiounen sollen do geholl ginn, wou méiglechst direkte Kontakt zu de Betroffene besteet. D'Direktiv follegt dem Subsidiaritätsprinzip. Dat gefält eis an der Demokratescher Partei.

D'Moosnameprogrammer sollen och an enker Kooperatioun mat alle Betroffenen entwéckelt ginn. Wat éischter déi Betraffe bedeelegt sinn, desto besser! Hei handelt d'Direktiv no där aler a bewährter Erkenntnis, Transparenz beim staatleche Plange schaaft Vertrauen. Och dat gefält eis an der Demokratescher Partei.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

Här President, d'DP begréisst ausdrécklech d'Grondiddi vun dëser wichtiger Direktiv. D'DP begréisst d'Zil vun engem gudden Zoustand vun eise Gewässer. D'DP begréisst, dass dëst nom Subsidiaritätsprinzip an an aller Transparenz soll gemaach ginn.

Mä d'DP bedauert, dass een ebe just dës Grondiddien am virleiende Projet net méi ermënn.

Ass et wéinst der Komplexitéit vum Dossier mat villen techneschen Elementer oder huet de politesche Wëllen, de politesche Courage gefeelt? Déi sukzessiv CSV-Innenminister hu sech schwéiergedoen, Lëtzebuerg eng integréiert Gesamtkonzeption ze ginn, mat prezisen Zilsetzungen, mat quantifizéierten Zilsetzungen, mat engem Zäitplang, awer och mat deenen néidegen Instrumenter, fir kënnen déi Zilsetzungen do an deem gesaten Zäitplang ze erreechen.

2004 ass d'Gesetz vun enger neier Waasserverwaltung gestëmmt ginn. Deemools huet de Statsrot d'Dispens vum zweete Vote net ginn, mam Argument, well d'Kaderdirektiv net gläichzäitig transposéiert ginn ass. De fréieren Innenminister Michel Wolter huet all Attributiounen, déi mam Waasser ze dinn hunn, u sech gerappt, ouni awer déi vu Bréissel gestallten Hausaufgaben ze maachen.

Et war also eng vun deene virdränglechsten Aufgabe vun dëser Regierung, deen entsprecherenden Text auszeschaffen. Wien awer zur rechter Zäit Zäit verschenkt, kënn mat der Zäit béis ënner Zäitdrock. Den entsprecherende Projet gouf eréischt ufanks 2007 an der Chamber déposéiert. D'Chamberskommissioun fillt sech net responsabel fir déi verspéit Ëmsetzung. Kee wëllt déi

Responsabilitéit droen. An dësem Fall kann ech awer nëmme soen: Et war net keen!

Här President, de virleiende Projet huet den onbestriddene Verdéngscht, dass déi gesamt Législatioun iwwert d'Gestioun vum Waasser an engem kohärente Gesetz gebündelt gëtt. D'Waasserpolitik gëtt mat dësem Gesetz och an endlech zu Lëtzebuerg definitiv nei geuerdnet, rechtlech a konzeptionell, ënner engem gemeinsamen Daach. Elo géif ee mengen, dass dat, wat esou laang gedauert huet, och richtig gemaach misst sinn. Dëst ass awer net de Fall.

Wann ee sech esou laang Zäit léisst, hätt ee sech gewënscht, dass d'Ëmsetzung vun der Kaderdirektiv an enker Kooperatioun mat den Acteuren um Terrain, de Gemengen, de Waasser- an Ofwaassersyndikater, den Ëmweltorganisatiounen, der Landwirtschaft an anere Betroffene geschitt wier, wat och dem Geescht vun der Direktiv entsprach hätt.

Den Innenminister huet awer drop beharrt, d'Direktiv a sengem Haus zesumme mat der staatlecher Waasserverwaltung ze organiséieren an dréit domat eleng d'Responsabilitéit fir all Retarden, mat all hire Konsequenzen.

De Statsrot bemängelt och gläich a senge generelle Considératiounen, dass et verfeelt gouf, eng exakt Ist-Situatioun mat statisteschen Donnéeën vun de Waasserreserven, dem Waasserverbrauch an der Waasserverschmutzung virzeleeën, fir esou besser iwwert déi sech stellend Erausforderungen ze jugéieren.

Am Ufank vun esou enger wichtiger Reform muss ee sech eng Rei Froe grondleeënder Natur stellen.

Iwwert wéi eng Waasserreserve verfüge mer? Wéi ass et mat de Reennidderschlei? Kréie mer manner Reen duerch de Klimawissel? Huet dat en Afloss op de Grondwaasserspiegel? Wéi ass d'Evolution vum Gebrauch an de Stéid, an der Landwirtschaft, an de Betriber? Wéi eng Alternativen hu mer an der Waasserversuergung? Wéi ass et mat der Iwwerschwemmungsproblematik? Entsprochen déi bestehende Kläranlagen dem leschte Stand vun der Klärtechnik? An esou weider an esou fort.

Den Inventar vun den Äntwerten op all méiglech Froen a puncto Waasser ass nëmme lückenhaft gemaach ginn.

Här President, d'Haaptzil vun der Ëmsetzung vun der Kaderdirektiv ass a bleift dee gudden Zoustand vun eiseem Waasser an net d'Zentralisatioun a Statshand vun de Pouvoirs décisionnels et financiers vun der gesamter Waassergestioun. Déi zentralistesche Approche ass duerfir och den Hauptkritikpunkt vun dësem Gesetz. Dat seet awer net nëmmen d'Demokratesch Partei.

Dëse Kritikpunkt fléisst wéi proppert Waasser aus enger Quell queesch duerch déi verschidden Avisen. Ech zitieren aus dem Avis vun der Aluseau: «L'Aluseau émet ses doutes sur l'opportunité de réunir dans une seule administration les fonctions d'organe normatif, d'organisme de contrôle et de gestionnaire de services d'eau.» An e bësse méi wäit: «L'Aluseau s'oppose de la manière la plus ferme à toutes formes de bureaucratisation démesurée», a schwätzt weider vun enger «procédure abusive et ingérable».

De Mouvement écologique schreift: „Die Gemeinden werden zum Teil zum Handlanger einer zentralistischen Struktur, dem Abwasserwirtschaftsamt, degradiert.“ A fiert virun: „Besonders die Regulations- und Kontrollfunktion wird in der Regel ungenügend wahrgenommen, weil in den meisten Fällen die Ursache der Verstöße, die schleppende Umsetzung der Projekte (...) im Wasserwirtschaftsamt selbst liegt.“

An déiselwecht Kerb heet och de Syvicol: «...un accroissement substantiel des missions de contrôle de l'État sur les communes par le biais de l'AGE (...) un renforcement tutélaire de l'État sur la politique communale...»

Gläichen Toun och am Avis vum Statsrot: «Le Conseil d'État estime que la recherche de l'efficacité sur le plan national ne justifie pas la volonté des instances étatiques d'empiéter sur l'autonomie communale, surtout que les responsabilités communales en matière de gestion de l'eau sont maintenues dans leur intégralité...», an esou kéint ech weider zitieren.

Esou gëtt d'Gemengenautonomie regelrecht verspott am Artikel 43, no deem kee Gemengereglement däréi geholl ginn ouni den Avis préalable vun der Waasserverwaltung.

Weider ass et onbegräiflech an net ze verstoen, dass all Kéiers wann ee Waasserservice e Stéck Rouer muss ersetzen oder

Verstärkungen um Réseau muss virhuelen - Aarbechten, déi zu senger Responsabilitéit zielen -, d'Waasserverwaltung muss am Viraus pour Avis conforme informéiert ginn.

Méi schlëmm nach am Artikel 66(2): Wa keng préalable Approbatioun virläit, gëtt et keng staatlech Hëllef. Déi dagdeeglech Praxis weist eis, dass dat schier onméiglech ass. Eng Dispositioun, déi an der Vergaangenheet schonn zu sëllege Kontroversen a Recours viru Geriicht gefouert huet. Hei hätt ee sech eng méi kulant Approche gewënscht.

Här President, als Demokratesch Partei hätte mir eis méi eng proaktiv, méi eng dynamesch Aktioun vun allen Acteure gewënscht, fir de Waassersecteur ze dynamiséieren. Et wier sënnavoll an néideg gewiescht, eng kloer Kompetenzopdeeling tëschent deene verschiddenen Acteure festzeleeën a besonnesch d'Syndikater an d'Gemengen als dynamesch Partner anzebeziehen. An dësem Gesetz feelt de Katalysator, fir d'Ziler vun enger nohalteger Notzung vun de Waasserreserve sécherzestellen.

Déi wirtschaftlech a finanziell Situatioun vu Lëtzebuerg an deene leschte Joren hätt et dach missen erlaben, fir méi an de Waasserschutz ze investéieren. Den Innenminister huet et och net fäerdeg bruecht, ee Ruck an dës Politikberäich ze bréngen. An och am Gesetz feelt de Ruck, fir dem Waasserschutz ee qualitative Sprong no vir ze ginn.

Schued, wierklech schued! Vill gëtt vun nohalteger Politik geschwat an trotzdeem bleift de Waasserschutz e Stéifkand an der Lëtzebuurger Politik, an och dësen Innenminister huet der Waasserverschmutzung net de Kampf ugesot.

Eenzeg Hoffnung, dass elo, wou eng iwwergeuerdnet Instanz eist Land kontrolléiert, eppes muss änneren, well mer soss risquéieren, wann déi gesaten Ziler bis 2011 respektiv 2015 net erreecht ginn, vun der EU-Kommissioun sanktionéiert ze ginn. Eleng dës Gedanke weist eis, dass déi politesch Responsabel hei kläglech versot hunn. 2015 ass schrecklech no. Als Lëtzebuurger Land sti mer virun enger Mauer, der Waassermauer.

Här President, déi sukzessiv CSV-Innenministern hunn et vermasset. Mir wollte mat der Ëmsetzung vun der EU-Kaderdirektiv iwwert d'Waasser eng transparent Waasserpolitik aféieren, déi, a Kollaboratioun mat den Acteuren um Terrain, zu enger besserer Qualitéit vun eiseem Waasser hätt solle bäidroen. A wat hu mer kritt? Een Text, dee sech méi mat institutionelle Froe beschäftegt, wéi mat der Qualitéit vum Waasser. Een Text, deem am Alleingang am Ministère ausgeschafft gouf. Een Text, deem d'Acteuren um Terrain widdert de Kapp stéisst. Een Text, dee méi Onsécherheete mat sech bréngt, wéi dass en eis Planungs-sécherheet gëtt.

Aus all dës Grënn kënne mir als Fraktioun vun der Demokratescher Partei dësem Gesetz net zoustëmmen, an och wa mir mat den Ziler vun der Direktiv averstane sinn, musse mer géint dat schlecht Lëtzebuurger Gesetz stëmmen.

Här President, eppes däreffe mer net vergiessen: D'Waasser gehéiert zu eise wichtigsten natierleche Ressourcen. Ouni Waasser kee Liewen. D'Bedeutung vun Waasser, an alle Beräicher vun eiseem Liewen, gëtt dacks ënnerschat. Firwat?

Et ass dach eppes Alldeegleches. Eben dofir! An iergendenger Form si mir all Moment op d'Waasser ugewisen. D'Waasser ass elementar. Et fléisst, läscht, léisst wuessen, spullt, rengelt, botzt, heelt, belieft, zerstéiert, hält un an dreift un, et mécht Spaass. Seng onendlech Eegeschafte maachen d'Waasser zu engem kostbare Gutt, an et kann net sinn, dass mir lichtsënnege a verschwenderesch domat ëmginn. Et géllt also éischter, den ideellen a materiellen Wäert vum Waasser ervirzehiewen, wéi säi präisleche Wäert.

Ech kommen awer net derlaanscht, fir iwwert de präisleche Wäert vum Waasser ze schwätzen. D'Direktiv fuerdert de Käschen-deckungsprinzip bei de Waasserleeschungen. De Waasserpräis soll en Ureiz fir eng effizient Notzung vun der Ressource Waasser duerstellen, an de Principe Pollueur-payeur muss ugewant ginn, dat Ganzt an enger relativ ausschweifender Form, net ganz prezis, mä awer zumindest a wéi eng Richtung et soll goe beim Waasserpräis a mat der Tarification vum Ofwaasser. Weider kann een differenzéieren tëschent den Haushalter, tëschent der Landwirtschaft an tëschent de Betriber. Déi eenzel Länner kënnen och sozial, geographesch an ekonomesch Auswirkungen an hire Berechnunge mat abezéien.

D'Gesetz hei zu Lëtzebuerg gëtt och keng definitiv Äntwert op de Waasserpräis. D'Gesetz ass gradesou ausschweifend wéi d'Direktiv. Et si wuel Incitatiounen agebaut, fir bei der Drénkwaassernotzung méi spuersam virzegoen, wat jo uspornend ass, fir beim Konsum ze spueren. Et gëtt awer och Präisschrauwen, op déi de Verbraucher selwer keen Afloss huet, nämlech de Käschtetpunkt vun den Infrastrukturen. Op Basis vun den Testgemengen hu mer festgestallt, datt et beim Waasserpräis grouss Disparitéiten tëschent de Gemenge wäert ginn, Disparitéiten, déi vum einfache bis zum duebelen a souguer méi wäit reechen, eng Forschett tëschent 4,44 an iwwer 10 Euro.

A ländleche Regiounen ass de käschten-deckende Waasserpräis méi héich wéi an den urbane Raim. D'Gesetz gesäit duerfir vir, datt de Stat iwwert d'Budgetsgesetz kann agräifen, fir déi präislech Disparitéit a Grenzen ze halen. Kee weess awer, wéi wäit de Stat hei bereet ass ze goen. Den CSV-Innenminister wäert alles drusetzen, fir mat der Wourecht bis no de Wahlen hannert dem Bierg ze bleiwen, an dann ass et un de Gemengen, fir hire Bierger an hire Betriber ze soen, wat d'Pond Kiischten, Pardon, d'Waasser wäert kaschten. Da verstoppt d'Regierung sech, ewéi esou oft, hannert der Autonomie communale, déi an deemem Gesetz awer esou schrecklech ënnergruwe gëtt.

Här President, Bierger a Betriber erwaarde sech gläichermosse Versuergungssécherheet, wat d'Quantitéit an d'Qualitéit ubelaangt, an dat zu engem bezuelbare Präis. Den Zougang zu enger an därselwechter Leeschtung, enger elementarer Déngschtleeschtung, däréf a soll an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg net ze wäit auserneedriften. Hei gëllt et eng solidaresch Léisung um nationale Plang ze fannen, fir datt d'Leit an d'Betriber aus der ländlecher Géigend net den Androck kréien, si géifen a puncto Waasserversuergung an a puncto Ofwaasser als Betriber an als Bierger zweeter Klass betruecht.

Mir mussen och versichen, de präisleche Schock, grad an dese wirtschaftlech méi schwieregen Zäiten, a Grenzen ze halen. D'Waasserversuergung an d'Waasserentsuergung si Kärdéngschtleeschtung vum de Gemengen, déi grad am Norden ee maximaalt Verantwortungsgefill vun de politesch Responsabele verlaangen, wéinst deem wäitaus gréisseren techneschem Opwand, fir dës Aufgabebai hei wouerzehuelen. De Käschtetpunkt vun den Equipementer ass verständlecherweis bei engem grousser Réseau fir wéineg Verbraucher, an och bei engem niddrege Verbrauch, vill méi deier, wéi bei engem dichte Réseau mat ville Verbraucher, an och Groussverbraucher.

Och hu mer am Éisleker Schifer kee Grondwaasserspäicher a mir mussen d'Waasser ganz oft vu wäit hier pompelen, wat mat grousser Käschte verbonnen ass. Och a puncto Ofwaasser verlaangen déi kleng Baachen eng optimal technesch a käschtenopwändeg Klärung. Derbäi kënnt, datt déi gréisser Flëss, wéi Sauer an Our, als Badegewässer agestuuft sinn an esou gréisser Opmierksamkeet verdéngen.

D'Oploe vum Environnement verdeieren och ganz oft de Präis vun de Gebailechkeeten, déi sech ästhetesch an d'Landschaftsbild integréiere sollen. Wann déi präislech Disparitéiten ze grouss ginn, hu grouss Waasserverbraucher keen anere Choix, wéi hire wirtschaftleche Site ze wiesselen. Ech denken hei u Brauereien, ech denken hei u Schluechthaiser.

Här President, déi sozial Komponent ass och bei der Tarification op der Streck bliwwen. Selwechten, jo scho gewinnten Zeenario vun dëser Regierung, oder besser gesot vum CSV-Innenminister. D'Gemenge kréien de schwaarze Péiter zougeschouert a kënnen, iwwer ee Gemengereglement, eng Allocation de vie chère fir dat deiert Waasser aféieren, ouni awer zousätzlech finanziell Mëttel vum Stat ze kréien.

Reell ass och d'Problematik vum Waasserpräis fir d'Landwirtschaft. D'landwirtschaftlech Betriber sinn haaptsächlech am ländleche Raum ugesiedelt, an d'Waasser stellt ee grousser Käschtetfacteur an der landwirtschaftlecher Produktioun duer. Et gëllt also Weeër opzezeechnen, wéi déi präislech Differenzéierung tëschent Haushalter a Landwirtschaft an dem Industriesector soll ausgesinn. Et däréf jiddefalls och net zu ze groussen Disparitéite vu landwirtschaftlechen an anere Betriber tëschent deenen eenzelne Gemenge kommen, wat jo wirkleech enger Wettbewerbsverzerrung gläichkënnt. Dir gesitt, och hei bleift d'Regierung Äntwerten a Léisunge schëlleg.

Positiv ze gesinn ass, datt d'Gesetz d'Méiglechkeet virgesäit, ee speziellen Tarif fir d'Landwirtschaft anzeféieren. Bis elo hunn nämlech déi sukzessiv CSV-Innenministeren de Gemengen et net erlaabt, der Landwirtschaft ee favorabelen Tarif zouzegestoen. Entsprechend Délibératioune vun de Gemenge goufe vun den CSV-Ministeren net approuvéiert.

» **M. le Président.** - Den Här Spautz wëllt eng Fro stellen.

» **M. Marc Spautz (CSV).** - Ech wollt den Här Etgen just froen, ob dat richteg ass, datt 1988 den CSV-Innenminister schonn eng Keier en eenheetleche Waasserpräis proposéiert hat, an datt deen deemools gescheitert ass un der DEA an un der zoustänneger Schäfte vum der Stad Lëtzebuerg vun deemools? Well Dir ëmmer sot, et wier nach ni eng Proposition komm a Richtung eenheetleche Waasserpräis, wollt ech just froen, ob déi Informatioun richteg ass, déi ech do hunn, oder ob dat net esou ass?

» **M. Fernand Etgen (DP).** - 1988 war et awer esou, datt d'Stad Lëtzebuerg am Fong derfir gesuergt huet, iwwert de Wee vun enger Konvention, déi se mat der DEA hat, fir ee Waasserausgläich ze schafen. Grad du ware mer engem eenheetleche Waasserpräis méi no wéi mer dat haut sinn.

» **M. Marc Spautz (CSV).** - Et war awer keen eenheetleche Waasserpräis.

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, de Käschtendeckungsprinzip soll nämlech duerfir do sinn, d'Consommateure wéi och d'Acteuren um Terrain ze sensibiliséieren am Émgang mam Waasser. D'DP bekennt sech dozou a begréisst dës Mesure. Mä et däréf net esou wäit kommen, datt d'Awunner aus der ländleche Gebidder wéinst der Topographie oder der Buedembeschafenheet vun der Natur bestrooft ginn.

Mir kënnen duerfir de Käschtendeckungsprinzip net radikal uwennen, an d'Direktiv huet dëst och net verlaangt. Am Géigendeel, si gesäit explizit vir, datt sozialen an topographesche Gegebenheete Rechnung gedroe kënne gi beim Waasserpräis.

Ech hätt mer erwaart, datt dëst méi systematesch am Gesetz ausgeféiert gi wier. Dëst ass awer net de Fall. Mir mussen awer oppassen, datt duerch eng ongerecht Präisgestaltung d'Sensibiliséierung vun der Leit net an der Contraire ëmschléit, nämlech a Resignatioun an der Oflehnung vis-à-vis vum Émwelt- a Waasserschutz.

Här President, d'Diskussiouner ronderëm d'Waassergesetz haten an der Vergaangenheet d'Tendenz, sech ze vill op de Waasserpräis ze beschränken. Dobäi giung et oft net ëm eng gutt Waasserpolitik, mä ëm Politik mam Waasser. Dofir ass dëst Gesetz awer ze wichteg, dofir sinn ze vill Mënschen dovun betrafft.

Déijéineg, déi am meeschten dovunner betrafft wäerte sinn, sinn eis Baueren. Si sinn duebel concernéiert. Engersäits als wichtige Waasserverbraucher an anerersäits als Propriétaire a Gestionnaire vun der Flächen, wou et gëllt, Schutz- a Preventiounsmesuré fir Grondwaasser an Iwwerflächewaasser ze huelen.

Et ass duerfir wichteg, datt d'Landwirtschaft als e privilegiéierte Partner am Waassermanagement ugesi gëtt. D'Waassergestioun kann nëmmen an enger Kooperationsioun, an engem Gescht vu Partnerschaft a géigesäitigem Vertraue mat der Bauere gemaach ginn.

Zwee Drëttel vun eisem Drénkwaasser ginn aus dem Grondwaasser gewonnen. Mir hunn 894 km Fléissgewässer ausserhalb der Uertschaften an 212 km bannent den Uertschaften. Waasserschutz gëtt et net zum Nulltarif. Dat kann an däréf kee vun eise Bauere verlaangen.

Eis Bauere wëssen och, datt si eng aktiv Roll beim Waasserschutz ze spillen hunn a si hunn an der Vergaangenheet der Bewäis dovun erbruecht. Op fräiwëlleger Basis bedeelege si sech a Quellschutzgebidder u spezifesch Waasserschutzprogrammer. Dës Projeten, déi ëmmerhin 3.000 ha landwirtschaftlech Notzfläch begräifen, gi virbidlech vun der Landwirtschaftskummer betreit.

Ënnert deemem Gesiichtspunkt kënne mer och d'Motioun, déi vum Marco Schank vir-druckt hei abruecht ginn ass, matdroen. Et muss allerdéngs en éischte Schratt sinn um Wee zu enger Duerchsetzung vun der Schutzzonen. Mir brauchen nämlech eng ëmfaassend Léisung fir den Émgang mat Chemikalien a Pestiziden an der Landwirtschaft. Dës Léisung kann net eleng zu Lëtzebuerg fonnt ginn, mä si wäert op engem europäeschen Niveau fonnt misse ginn.

Här President, mir mussen eis awer bewosst ginn, datt Waasserschutz géint d'Baueren net wäert méiglech sinn. Mir mussen d'Baueren als Partner gesinn, an op där Kooperationsioun, déi haut scho stattfënnt, opbauen. Nëmmen da kënne mer eng besser Qualitéit vun onsem Waasser errechen.

Här President, dat neit Gesetz gesäit a sengem Artikel 44 d'Obligatioun vir, Schutzzonen auszuweisen. De Fait, datt mer hei zu Lëtzebuerg bis elo just eng Schutzzon ronderëm der Stau zu Esch/Sauer hunn, beweist, wéi schwéier mer eis an där doter dach wichteger Fro dinn. D'Gesetz vun 1993 huet schonn d'Schafe vu Schutzzonen virgesinn. Geschafe gouf awer keng eenzeg. An och an där doter Fro ass dës Regierung eis all Äntwert schëlleg bliwwen, an och haut gi mer net gewuer, wéi den zoustänneger Minister dës Problematik wëllt upaken.

Schutzzonen ginn duerch e Règlement grand-ducal geschafen. Beim Ausschafe vun der Reglementatioun, der Verbueten an der spezifesch Konditione mussen déi betrafte Syndikater, déi betrafte Gemengen, den Naturschutz, awer och a besonnesch d'Landwirtschaft mat agebonne ginn. Akommesverloschter, déi duerch Schutzmoosnamen net ausbleiwen, mussen selbstverständlech kompenséiert ginn. Dat däréf keen Thema sinn.

Et gëllt, positiv un d'Schafe vu Verbueets-, dat heescht Schutzzonen erunzegoen, fir déi ustehend Problematik erfollegräich ze léisen. Datselwecht gëllt fir Uferschutzprogrammer, e wichtegt Instrument, fir en zousätzleche Schutz vun eise Gewässerleef unzestriewen, fir datt manner Pestiziden, manner Dünger, manner Gülle an eis Gewässer kommen. Et sinn dës Programmer, déi an der Zukunft vill méi déve-loppéiert mussen ginn.

Positiv am Gesetz gesinn ech och duerfir, datt am Artikel 55 déi gesetzlech Basis geschafe gëtt, fir déi sougenannt «Partenariats de rivières d'eau» an d'Liewen ze ruffen. An engem Gesetz, wat nëmmen esou vu Verbueten, Restriktiounen an Obligatiounen strotzt, ass d'Bottom-up-Philosophie, déi een an der Partnerschaftskonventionen erëmfënnt, méi wéi nëmmen en erfreetleche Lichtbléck. Hei geet et drëm, den Dialog tëschent der Regierung engersäits an der lokalen Autoritéiten an der sozioekonomeschen Träger anerersäits ze organiséieren an ze strukturéieren, an esou all Acteuren an der politesche Prozess ze associéieren an och der Public fir eng integréiert Gestiou vum Waasser ze sensibiliséieren. An deemem Punkt gi mer jiddefalls dem Geescht vun der Kaderdirektiv vollop gerecht.

Här President, positiv bewäerten ech och d'Diskussiounen an d'Dispositionen iwwert den Héichwaasserschutz, wou déi concernéiert Gemengen an Zukunft net méi eleng gelooss ginn. Si brauchen net méi déi ganz Charge ze bezuelen, bedéngt duerch der Fait, datt e Waasserlaf duerch hiren Territoire leeft. D'Landversigelung fënnt net nëmme laanscht eis grouss Flëss statt, mä si fënnt och am Rescht vum Land statt, an duerfir ass et hei net méi wéi richteg, datt an deemem Domän eng national Solidaritéit ze spillen huet. D'Gemenge kréie fir hir Héichwaassermesuré bis zu 80% Subsid.

Gradesou wichteg sinn awer och déi immens Efforten, déi geleescht gi si fir eng modern Gestiou vun der Héichwaasserproblematik. Hei wëll ech dem Waasserwirtschaftsamt ausdrécklech felicitàiere fir déi positiv Approche, mat där et dës Problematik upeekt.

Här President, een anert wichteg Element ass natierlech d'Renaturéierung vun eise Waasserleef. An der Zukunft mussen mer verstärkt den Akzent op den ekologeschen Aspekt leeë bei enger globaler Waasserschutzpolitik, well et kann net sinn, datt mer nach ëmmer weiderfuere, datt Baachen a Flëss verstëmmelt ginn, an dat aus renger Partikularinteressen.

Mir därfen net vergiessen, datt d'Kanaliséierung vum deene leschte Jorzénge mat responsabel si fir der schlechten Zoustand vun eise Waasserleef. D'Autoregeneratiounskraaft huet doduerch staark ofgeholl, well keng Bakterië sech méi kënne bilden, fir organesch Belaaschtungen ofzebauen. Bei der Renaturéierung geet et net ëm d'Ästhetik vum Landschaftsbild. Et geet drëm, eng zerstéiert Morphologie erëm hierzestellen, fir d'Autoépuration vum engem Waasserlaf ze verbessern. Nëmmen eng villfältig Struktur vum Waasserbett an eng naturno Uferzon kënnen eng gutt Viraussetzung fir eng aarteräich aquatesch Liewensgemeinschaft bidden.

Awer och bei der Renaturéierung mierkt een, datt bei dëser Regierung net dee

Rhythmus spillt, deen u sech misst do sinn. Ech wëll hei d'Beispill vun der Renaturéierung vum Uelzechtall zitéieren, déi als Naturschutzkompensatioun am Nordstroosseggesetz virgesi war. D'Nordstrooss ass nach net fäerdeg. Vu Renaturéierung ass am Uelzechtall näischt ze gesinn. Hei respektéiert d'Regierung hir eege Gesetzer net.

Mir wëssen awer, wéi schwierig et ass, alleguerten d'Acteuren un een Dësch ze kréien, mä mir hätten eis do awer méi Initiativ vun der Regierung erwënscht.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Et ass vläicht gradesou gutt, wann näischt do geschitt.

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Et muss een och soen, datt et kee Sënn mécht, deier Renaturéierungen zu all Präis duerchzezéien, well och eng renaturéiert Baach bleift eng Kloak a biologesch dout, wann d'Qualitéit vum Waasser net gewësse Mindestnormen erreecht.

Fakt ass, datt op ze vill Plazen et un adequate Kläranlage feelt, datt vill a besonnesch grouss Kläranlagen a schlechtem Zoustand sinn. Et ass a finanziell gudde Jore verpasst ginn, der Waasserfong ze speisen, fir wichteg an néideg Investitiounen virhuelen ze kënnen.

Wann d'Politik an deene leschte Joreneppes zu hirer Prioritéit gemaacht huet, dann huet sech och eppes beweegt. Eng konsequent Waasserpolitik huet awer net zu der politesche Prioritéite vun dëser Regierung geziel. Vill ass an deene leschten Deeg doriwwer geschwat ginn, fir öffentlech Investitiounen virzezéien. Vun 270 bestehende Kläranlagen mussen der 20 moderniséiert ginn, 160 mussen der souguer ofgerappt ginn, fir a 40 nei modern Kläranlagen regroupéiert ze ginn. Den Nachholbedarf a puncto Kläranlagen ass also grouss hei zu Lëtzebuerg.

Vill ass an deene leschten Deeg och vu Simplification administrative geschwat ginn. Der Waasserberäich ass ee Beräich, wou konkret Aktiounen drop waarde realiséiert ze ginn. Als Gemengen- a Syndikatspolitiker gesinn ech awer dagdeeglech, wéi schwéier d'Prozedur sinn. A menger Gemeng si mer amgang, Investitiounen ze plangen, mä mir gesinn awer och, wéi laang datt et dauert, datt d'Dossieren aviséiert an autoriséiert ginn.

Der Moment ass komm fir ze agéieren. Duerfir mussen mer eis kuerzfristeg eng nei Methodik ginn, fir an dese wirtschaftlech méi schwéieren Zäiten d'Dossiere virunzedreiwen an hei een Akzent a puncto öffentlechen Investitiounen ze setzen.

Als Demokratesch Partei wëlle mir Bierger a Betriber drop hiweisen, datt eng ökologesch besser Politik eng Plus-value fir eis Gesellschaft ass. Eis geet et drëm, eng gutt Waasserpolitik ze maachen a keng Politik mam Waasser.

Här President, eis Kanner a Kandskanner soen eis Merci, wa mir dat vum eise Groussan Urgrousselteren erierfent proppert Waasser an intakter Form weiderreechen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Den nächste Riedner ass den Här Roger Negri. Den Här Negri huet d'Wuert.

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Waasser ass eng vun deene ganz weinigen natierleche Liewensquellen, déi mir nach hei zu Lëtzebuerg hunn, mä et ass bestëmmt déi wichtegst. Dofir mussen mer alles maachen, fir eist Waasser op déi beschtméiglech Manéier ze versuergen. Dat ass och der Sënn vun der EU-Waasserdirektiv an dem Gesetz vun haut.

Fir unzefänke wëll ech dem Rapporteur vum Gesetz 5695, dem Kolleeg Marco Schank, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, an och awer dem Minister a senger ganzer Equipe, déi hien an deemem Dossier hei begleet huet.

Als LSAP-Fraktioun begrësse mer, dass d'EU-Waasserdirektiv elo endlech an nationaalt Recht ëmgesat gëtt. Dës Direktiv

ass a villen Hisiichte wichteg. Si hëlt virun allem eng Perspektiv an, déi den Ëmweltschutz an hire Mëttelpunkt stellt. D'Waasser ass nun emol net iergendeng Ressource, mä proppert Waasser ass existenziell wichteg fir all Liewensformen op der Welt.

Dat rechtfertegt och déi héich Prioritéit, déi d'EU dem Schutz vum Waasser gëtt. Et ass och ganz richtig, dass d'EU sech deem Problem unhëlt an dass net déi eenzel Memberstaten eleng responsabel sinn. Flëss a Baache maache bekanntlech net virun de Grenzen Halt, esou dass d'Politik am Beräich vum Schutz vun de Gewässer vun engem Land e groussen Impakt op d'Nopeschlänner huet. Dat gëllt iwwregens genauso gutt u méi lokalem Niveau, wann et ëm den Héichwaasserschutz geet. Jiddweree muss dofir op senger Plaz seng Responsabilitéiten iwwerhuelen.

D'Direktiv faasst all wichteg Aspekter, déi d'Waasser betreffen, an engem eenzege Regelwierk zesummen. Dat ass iwwersiichtlech an transparent. D'Lëtzebuerger Regierung huet sech entschloss, déiselwecht ëmfaassend Approche ze iwwerhuelen, an dat kënne mer als LSAP nëmmen ënnerstëtzen.

Nieft dem Schutz vun de Gewässer schafft d'EU och e Kader, deem eng durabel Gestioung garantéiere soll vun enger Ressource, déi zwar renouvelable ass, mä net endlos zur Verfügung steet.

All Secteuren, ob privat Haushälter, Industriebetriber oder Bauerebetriber, si all müssen Zougank zu dëser Ressource hunn a müssen awer nom Käschtendeckungsprinzip vum sougenannten Utilisateur-payeur dofir e méiglechst reelle Präis bezuelen. Op dës Manéier soll eng méiglechst grouss Effizienz erreecht ginn, déi sécherstellt, dass d'Reserve vu propperem Drénkwaasser net iwwerstrapazéiert ginn.

Gemeinsam Regele solle verhënneren, dass et zu Wettbewerbsverzerrunge kënnt. D'EU setzt hei de Kader, esou dass d'Betriber, déi vill Waasser verbrauchen, iwwerall an der EU déiselwecht Normen anhale müssen. Ganz allgemeng gekuckt, huet déi Strategie, déi eis d'EU virzeechent, zwee Voleten.

Éischtens, d'Preventioun.

Wat d'Qualitéit vum Waasser ugeet, muss versicht ginn, d'Emissioun vu schiedleche Substanzen esou wäit wéi méiglech ze limitéieren. Och natierlech Baach- oder Flëssleef dierfen net méi am selwechte Mooss wéi fréier begradegt a kanaliséiert ginn.

Wat d'Quantitéit ugeet, müssen all Utilisateuren derzou animéiert ginn, spuersam mam Waasser ëmzegoen.

Zweetens, d'Reparatioun an d'Verbesserung.

Deen zweete Volet setzt Ziler, fir dat Waasser, wat polluëiert gouf, erëm propper ze maache respektiv de Schued, deem duerch Begradegungen an esou weider entstanden ass, esou wäit wéi méiglech erëm ze behieven an ze verbessern. All dës Mesurë kaschten natierlech Suen.

De finanziellen Aspekt ass dofir e seriöt Hindernis, fir déiselwecht Ziler an enger fester Zäitschinn an der ganzer Europäescher Unioun erreechen ze kënnen.

D'Zil vun der EU-Waasserdirektiv ass, bis den 22. Dezember 2015 erëm proppert Waasser an der ganzer Europäescher Unioun ze hunn. Ab dem Joer 2010 gëllt déi nei Waasserdirektiv.

Dass mer d'Waasserdirektiv elo eréischt ëmsetzen, ass schued a setzt eis ënner enormen Handlungsbedarf, ouni dass awer all Detailer ofgekläert sinn. Woubäi „Detailer“ net dat richtegt Wuert ass, well de Waasserpräis ass een, wann net dee Knackpunkt vum Waassergesetz.

Mä mir hu kee Choix. Mir sinn dat lescht vun deene 27 EU-Länner, déi d'Waasserkaderdirektiv nach net ëmgesat hunn, an elo misste mer zwou Milliounen Euro un den Europäesche Geriichtshaff bezuelen, wa mer bis den 31. Dezember 2008 d'EU-Waasserkaderdirektiv net an nationaalt Recht ëmgesat hunn; dat kënnen an dat solle mer eis wierklech net leeschten, a scho guer net an dësen Zäiten.

De Projet de loi ass de 7. Mäerz 2007 depouéiert ginn, obschonn d'Direktiv 2000/60/CE vum 22. Dezember 2000 scho bis den 22. Dezember 2003 hätt missen ëmgesat ginn. Mä well et eng EU-Kaderdirektiv ass, hu mir e klengt Lach fir verschidde Problemer propper ze regléieren, an dat solle mer elo zwar konsequent, awer och mat rouegem Kapp maachen.

Här President, d'Léisung, déi d'Waasserkaderdirektiv virgesäit, ass de käschtendeckende Präis. Hannert dësem Prinzip stécht d'Iddi, dass ee mat engem käschtendeckende Präis zwou Mécken op ee Schlag ka kréien.

1. Wann d'Waasser- an d'Kanalinfrastrukturen net méi vun der öffentlecher Hand, mä vum Utilisateur financéiert musse ginn, geet de Präis natierlech erop. Wann d'Waasser méi deier gëtt, ass all Utilisateur drun interesséiert, méi spuersam mam Waasser ëmzegoen. Wann d'Betriber ausserdeem méi bezuele müssen, wa se méi staark polluëieren, gëtt dat hinnen en Ureiz, manner Schuedstoffer an d'Waasser ofzeginn. Domat wier dat éischt Zil vun der Direktiv erreecht.

2. Gläichzäiteg wäert d'Finanzéierung vun deenen deiere Mesuren ofgeséichert an net méi ofhängeg dervu sinn, wéi vill de Stat an d'Gemengen nach an hirer Keess hu respektiv bereet sinn, fir d'Waasser- an d'Kanalinfrastrukturen auszeginn.

D'Tarificatioun vum Waasser ass an der ganzer Waasser-EU-Direktiv nëmmen e klengen Aspekt an trëtt hannert deene groussen Ziler, déi ech virdrun opgezielt hunn, sécher an den Hannergrond.

Trotzdeem wëll ech méi staark dorop agoen, well grad de Waasserpräis an der Chamberskommissioun vill diskutéiert gouf an an den Ae vun der LSAP politesch gesinn zu de Knackpunkte vun dësem Gesetz gehéiert.

Spéitstens an engem Joer, wa mer kuerz virdu stinn, an alle Gemengen de käschtendeckende Waasserpräis aféieren ze sollen, a jiddweree sech bewosst gëtt, wat dat fir eenzel Gemenge bedeit, wäerte mer nach vill Diskussiounen doriwwer kréien.

D'LSAP ass der Meenung, dass de käschtendeckende Waasserpräis net op ee Schlag all Problemer léist, wéi ee sech dat esou virstelle kéint. Dofir muss een och oppassen, wéi een elo hei virgeet.

Am Rapport vun der Kommissioun steet: «L'introduction d'une tarification de l'eau basée sur les principes de la récupération des coûts en tenant compte des principes de l'utilisateur-payeur et du pollueur-payeur ne constitue pas une fin en soi, mais un moyen pour l'atteinte des objectifs environnementaux du projet de loi sous rubrique.»

Dat muss een awer nuancéiert gesinn, och wann all offiziell Texter ronderëm d'EU-Direktiv behaapten, dass de käschtendeckende Präis just e Mëttel zum Zweck wär.

Wann dat wierklech esou wär, misst d'EU-Kommissioun och mat all aneren Tarificatiounen kënnen d'accord sinn, wann e Land op engem anere Wee Ureizer schafft, manner Waasser ze polluëieren an domat och noweislech mindestens esou gutt Fortschrëtter mécht, wéi wann een de käschtendeckende Präis aféiert.

Här President, d'Haaptprioritéit vun der EU-Kommissioun war et offensichtlech, d'öffentlech Finanzéierung vun der Waasserinfrastruktur ofzeschaffen. Dat kënne mer als LSAP net esou unhuelen. Och well dëst net automatesch zu deene gewënschten Ëmweltziler féiert.

Wann zum Beispill all Privathaushalt ufänkt ze spueren an no engem Joer 25% manner Waasser verbraucht, wär dat vum ekologesche Standpunkt hier e formidabelt Resultat. D'Infrastrukturkäschte ginn awer net ëm 25% erof, esou dass also konsequent de Präis vum Waasser, op de Metercube gerechent, dat Joer deemno misst an d'Luucht goen. D'Konsumente géifen deemno och nach fir hir Spuersamkeet bestrooft ginn. Ganz ofgesinn dovunner, dass keen op d'Waasser verzichte kann a muss, kann e käschtendeckende Waasserpräis riskéiere fir een Deel vun der Bevëlkerung carrément ze deier ze sinn.

D'Waasserversuergung ass a ville Gemengen hei am Land esou niddreg am Präis, well et eng Grondversuergung mat engem existenziell wichtege Gutt ass, zu deem jiddweree muss kënnen Zougank hunn, och wann en zu deenen Äermste vun eiser Gesellschaft gehéiert. Wann de Präis sech an deene Gemengen elo verdräi- oder vervéierfache sollt, maache mir deene Leit d'Liewen nach méi schwéier.

Fir aner, déi am Summer hire Swimmingpool mat Krunnewaasser fëllen, dierft och en

erhéichte Waasserpräis ëmmer nach net genuch Ureiz sinn, fir méi spuersam mam Waasser ëmzegoen. E gestaffelte Präis wär méi sozialverdréiglech a géif zumindest déi Leit am meeschte belaauchten, déi iwwerduerchschnëttlech vill Waasser verbrauchen.

Här President, de käschtendeckende Waasserpräis ass fir Lëtzebuerg méi e grouse Problem wéi a verschidden anere Länner. Firwat?

Den Hauptproblem ass, dass mer mat der Ëmsetzung vun der Direktiv ganz spët u sinn. Wéi scho gesot, misste mer d'Kadergesetz vun der EU-Waasserdirektiv 2000/60/CE mindestens zënter dem 22. Dezember 2003 gestëmmt hunn. Mä mir hunn eréischt am Joer 2004 d'„Administration de la gestion de l'eau“ geschaffen, déi den Optrag kritt huet, dëse Projet de loi auszeschaffen.

Anstatt, esou wéi d'Direktiv et virgesäit, an e puer Schrëtt, déi, wéi et an der Kommunikatioun dovunner steet, stufeweis openeen opbauen, fir virunzekommen, musse mer elo probéieren, e grouse Sprong beieneen ze maachen.

Wa mir bis Enn d'nächst Joer all déi Investitiounen an d'Waasserinfrastruktur scho gemaach hätten, déi d'EU-Norme virgesinn hunn, da géif d'Rechnung fir de Bierger ab 2010 sécher net esou héich ginn. Mir tommelen eis elo, fir dee Réckstand opzehuelen, mä et kann een net an e puer Méint all dat maachen, wat een a Jorzéngte verpasst huet.

Eleng d'Tatsaach, dass mer nach ëmmer Gemengen hunn, déi net un eng Kläranlag ugeschloss sinn, obwuel et an deene leschten 20 Joer net u Sue gefeelt huet, weist, dass d'Ënnerhale vun enger gudder Waasser- a Kanalinfrastruktur net iwwerall déi néideg Prioritéit hat.

Duerch d'Verspéidung bei der Ëmsetzung war d'Chamberskommissioun och net an enger einfacher Situatioun. Et war schnell kloer, dass déi harmoniséiert Method fir de Waasserpräis ze rechnen, déi sech aus véier verschiddenen Elementer zesummesetzt, a wou um Enn nach zwou fixe Taxes de prélèvement an de rejet derbäikommen, déi dem Client verrechent musse ginn, zimlech komplizéiert a fir de Bierger net ganz transparent ass.

Et ass awer einfach keng Zäit bliwwen, fir seriö iwwer aner Alternativen ze diskutéieren a vläicht eng besser Léisung zu fannen.

Wéi grouss d'Forschett wier, an där sech de reelle Präis an de Gemengen herno bewege géif, ass eréischt virun e puer Woche méi däitlech ginn, wéi de Minister e puer Rechercheispiller virgeluecht huet. Virdu stoung méi oft en duerchschnëttleche Waasserpräis vu 4,5 Euro pro Metercube am Raum.

An deene meeschte Gemenge bedeit dat eng seriö Erhéijung, mä wann een ausrechent, wat dat fir en duerchschnëttlechen Haushalt mat engem Verbrauch vun ongeféier 200 Metercube am Joer bedeit, dann ass dat nach tragbar. Dat sinn ëm déi 75 Euro de Mount, wat am Verglach mat anere feste Fraisë wéi Stroum, Gas an Telefon an esou weider net disproportionéiert ass.

Här President, d'LSAP huet sech an der Chamberskommissioun vun Ufank un an ëmmer erëm derfir agesat, dass e soziaalt Element an d'Berechnung vum Waasserpräis mat erakéim, well och 75 Euro de Mount fir sozial benodeelegt Haushälter vill Sue sinn.

D'Kommissioun war no längeren Diskussiounen d'accord, dass d'Gemengen d'Méiglechkeet kréien, sozial benodeelegten Haushälter mat enger spezieller Allocation de vie chère entgéintzekommen. An zwar esou, wéi et elo am Artikel 43 no Punkt 3 vum Gesetz steet, ech zitéieren: «Les communes peuvent prendre un règlement communal pour faire bénéficier certains ménages d'une allocation de vie chère pour l'eau destinée à la consommation humaine.»

Zemools déi sozial Komponent och no der EU-Waasserdirektiv net onméiglech ass.

Dofir si mer e bësse verwonnert, dass dëst soziaalt Element net vun Ufank un am Gesetz virgesi gouf. Hei war versicht ginn, dat Ganzt an dat neit Gesetz vun der Aide sociale eranzedrécken, dat den Office social an de Gemengen nei regelt.

Mä als LSAP ass et eis drëm gaangen, dass déi sozial Schwaach net musse bielede goen, fir u proppert Waasser erunzekommen, souwuel als Drénkwaasser an och fir sech ze wäschen an esou weider, well et ass e Grondrecht vum Bierger op proppert Waasser, an dass dëst och vun der öffentlecher Hand an nom Équitéitsprinzip géréiert gëtt.

Dëst ass ganz am Sënn vun der Chambre des Employés privés, déi an hirem Avis schreift: «L'eau constitue une ressource naturelle et fait à ce titre partie du patrimoine naturel commun dont l'accès doit être garanti à tous les citoyens équitablement. D'ailleurs, il s'agit d'un bien de première nécessité pour les citoyens. De ce fait, la Chambre des Employés privés salue le principe qu'il appartiendra encore et toujours aux autorités publiques d'assurer la gestion de l'eau et sa distribution équitable à tous les citoyens. Elle s'oppose à toute idée de privatisation autour de l'eau.»

Här President, déi puer zum Deel onvollstänneg Beispiller, déi eis zënter kuerzem virleien, weisen, dass a ville Gemengen nach kee weess, wat d'Étude économique iwwert d'Waasserberechnung ergëtt, déi d'nächst Joer gemaach muss ginn. Dat kéint also fir Verschiddener eng béis Iwwerraschung ginn.

Vun deene siwe Beispiller louche souguer eng ganz Partie Gemengen iwwer 4,5 Euro pro Kubikmeter Waasser. Zu Tandel missten d'Leit 8,4 Euro bezuelen an zu Wäisswampech, wou d'Rechnung net komplett konnt opgestallt ginn, läit de Präis sécher iwwer zéng Euro pro Kubikmeter.

(Interruption)

Esou Waasserpräisser sinn absolut net tragbar. Zumools wann ee gesäit, dass an den Nopeschlänner wéi an der Belsch an a Frankräich de Waasserpräis sech ëm dräi Euro apendelt. Just an Däitschland läit e knapps iwwer fënnef Euro pro Kubikmeter.

Här President, duerch wat sinn dann déi grouss Differenzen am Waasserpräis ze erklären?

Ausschlaggebend ass natierlech zum Deel den ënnerschiddlechen Zoustand vun der Infrastruktur an deene verschiddene Gemengen, an zwar éischtens d'Gemengen, déi bis elo noléisseg waren, wäerten elo ënner Drock geroden, dréngend noutwendeg Investitiounen nozehuelen a müssen hire Bierger eng entspiechend héich Rechnung virleeën. Grad aus dësem Grond besteet awer de Risiko, dass dës Gemengen och weiderhin de strikte Minimum maachen, well se de Waasserpräis jo soss nach méi héich usetze müssen.

Zweetens, en anere Punkt, deem d'Präisdifferenz erkläert, ass, wann eng Gemeng ganz vill an hir Infrastrukturen investéiert an zum Beispill eng ekologesch performant Kläranlag baut, müssen déi Fraisen natierlech iwwert de Waasserpräis amortiséiert ginn.

Grad un dësen zwee Beispiller gesäit een, wéi eng paradox Situatiounen ënnerschiddlech Präisser kënnen ervibréngen. Duerfir muss no anere Léisunge gesicht ginn.

Drëttens, en drëtte Punkt, dee fir Präisdifferenzen tëschent de Gemenge verantwortlech ass, si geographesch an demographesch Gegebenheeten. Et ass ganz kloer, dass d'Infrastrukturkäschte besser an engem dicht besiedelte Raum kënnen rentabiliséiert ginn, wéi am ländleche Raum, wou iwwer Kilometer Leitunge musse geluecht ginn, fir e puer honnert Haushälter un d'Waasser- an d'Kanalinfrastrukturen unzeschleissen. Grad vun dësem Punkt ass scho vill geschwat ginn, well d'EU-Direktiv hei eng Ouverture léisst.

Géint den ausdréckleche Wonsch vum Statsrot huet d'Chamberskommissioun trotzdeem folgende Saz am Text vum Projet de loi dofir stoe gelooss: «Les redevances peuvent être fixées en tenant compte des conséquences environnementales et économiques des coûts ainsi que des conditions géographiques de la région concernée.»

Dat ass esou ze gesinn, dass de Stat kann intervenéieren, wann de Waasserpräis opgrond vu geographeschen Donnéeën extrem héich ass. Et gëtt och iwwer en Amendement preziséiert, fir dëst iwwert d'Loi budgétaire festzeleeën. Besser wär et wahrscheinlech gewiescht, de Präis ganz einfach ze deckelen, ze plafonéieren, also no uewen ofzegrenzen, wann Der esou wëllt. Well och e Bierger, deem an enger Gemeng wunnt, déi laang net no hirer Infrastruktur gekuckt huet an elo gezwonge gëtt dat nozehuelen, kann net esou dofir bestrooft ginn.

An där schwiereger Situatioun ass elo d'Solidaritéit tëschent de Gemenge gefuerdert. Den Drock, fir net nëmmen en harmoniséierten, mä en eenheetleche Waasserpräis iwwert d'ganzt Land à terme anzeféieren an unzestriewen, gëtt méi grouss. D'Forschett vum Waasserpräis därerf op alle Fall net ze wäit auserneegoen.

D'LSAP ass duerfir der Meenung, dass de Stat an d'Gemengen all Méiglechkeet notze

mussen, déi d'EU-Kaderdirektiv léisst, fir extrem Ënnerscheeder am Waasserpräis ze verhënneren. De Stat muss an dësem Fall och alles maachen, fir d'Gemengen ze ënnerstëtzen, déi sech ab 2010 un déi nei Gegebenheeten upasse mussen.

Si hu wierklech keng ganz dankbar Aufgab. Op där enger Säit hu se eng Obligation de résultat. Dat ass och gutt esou, mä dat léisst hinne ganz wéineg Spillraum, fir selwer ze decidéieren, wéi vill an a wat fir eng Projekte se wëlles hunn ze investéieren. Dësen Aschnëtt an d'Gemengenautonomie ass ze rechtfertegen, well et ass haut einfach net méi akzeptabel, dass eng Gemeng net un eng Kläranlag ugeschloss ass. Et ass och net an der Rei, wann eng Gemeng hir Leitungen esou schlecht an der Rei hält, dass en Drëttel vum deier opbereeten Drénkwaasser am Buedem versickert.

Duerfir mussen d'Gemengen awer och an Zukunft am Kader vun hirem PAG e Plang maachen, wat d'Waasserinfrastruktur betrëfft, deen herno verbindlech un en nationale Plang kann ugepasst ginn - esou eng Zort Plan sectoriel fir d'Waasser. Dat bedeit zousätzlechen administrativen Opwand an ass Potenzial fir nei Interessekonflikter tëschent dem Innenministère an de Gemengen.

Dat alles si Problemer, déi elo nach net genau kënnen ageschat ginn, soulaang mer net déi éischt Erfahrungsge mat der neier Method an der Praxis maachen.

Mä d'LSAP-Fraktioun wëllt nach eng Kéier drop hiweisen, dass d'EU eis just eng Kaderdirektiv fir d'Waassergestioun virgeluecht huet. Dat bedeit, dass et duerch aus Spillraum gëtt, fir mat verschiddeenen nationale Strategien déiselwecht Ziler ze erreechen. An deenen nächste Méint a Jore muss sech erausstellen, ob déi Léisungen, déi mer ënner engem gewëssenen Zäitdrock an ouni genau Basisdonnéeën ausgeschafft hunn, effektiv déi beschtméiglech sinn.

Här President, ech wëll virun allem ënnersträichen, dass dës Problemer mussen esou geléist ginn, dass déi wierklech wichteg Ziler vun der Direktiv respektiv vun deem neie Gesetz ouni ze vill Kollateralschied kënnen erreecht ginn.

Wa mer mat der Zäit besser Méiglechkeete fannen, dës Ziler ze erreechen, déi eventuell net à la lettre mat der Direktiv iwwereneestëmme, kënnen a mussen mer dat op europäeschem Niveau verdeedegen. A wann et eis geléngt, gutt Resultater virzeweisen, sinn d'Chancen, fir e bësse Flexibilität ageraumt ze kréien, sécher net déi schlechtest. D'LSAP wäert op alle Fall dës Ziler ënnerstëtzen.

Här President, als Konklusioun a fir zum Schluss ze kommen, si mer als LSAP der Meinung, dass, wann een à terme ausgeet, éischters, vun der Aféierung vun engem gestaffelte Waasserpräis, fir déi ze belounen, déi Waasser spueren, an déi ze sanktionéieren, déi Waasser verbëtzen, deen also der ökologescher an nohalteger Komponent Rechnung dréit, ass d'Zil Nummer 1 erreecht. An dat och am Gedanken un déi véier Milliarde Leit op der Welt, déi kee Recht op proppert Drénkwaasser hunn.

Wann een, zweetens, vun der Aféierung vun enger zousätzlecher sozialer Komponent ausgeet, wéi se jo am Artikel 43 vum Gesetz steet, fir deene sozial benodeelegte Mënschen op eng onkomplizéiert a fir si net erniddregend Manéier Zougank zu properelem Waasser ze verschafen; wann een also déi zwee Fakte vum gestaffelten a soziale Waasserpräis virusetze géif, da misst et jo awer méiglech sinn, toutes relations confondues, dass, wann e Mënsch zu Wäisswampech, zu Maarteleng, zu Rémeleng an zu Rouspert de Krunn opdréint, fir e gutt Glas Waasser ze drénken, dat deeselwechte Präis huet iwwert d'ganz Land.

Well een, deen zu Tandel wunnt, ka jo net dofir, dass, nëmme well en zu Tandel wunnt, et vill méi deier ass, fir d'Waasser ze bezuelen, aus welleche Grënn och ëmmer, wéi an enger anerer Gemeng.

Wa mer awer weiderfuere mat deem Kastendenke vun deene verschiddene Waasser- an Ofwaassersyndikater, wou jiddweree kuckt, wéi en eens gëtt, da komme mer net virun.

Ech froe mech duerfir, firwat mer net eng Agence de l'eau, eng Waasseragentur schafen, grad wéi mer eng Agence de l'énergie hunn, an hei via e Fong éischters de Präis emol no uewen deckelen, an zweetens en unifiéierten, harmoniséierte Präis de Leit ubidde kënnen.

Mir hunn also nach e laange Wee virun eis a mir sollen dat a Rou ugoen a mat gesondem

Mënscheverstand ëmsetzen. Well hei geet et ëm e Kadergesetz, deem säin Zil et ass, suergsam, ökologesch an nohaltege mat eiser wichtigster natierlecher Liewensquell, dem Waasser, ëmzegoen. An dat solle mer dann och all zusumme maachen.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den nächste Riedner ass den Här Gira. Den Här Gira huet d'Wuert.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee Gléck, dass d'Europäesch Unioun Kompetenzen am Beräich Ëmweltpolitik huet an Direktiven an deem Beräich erausgëtt, soss hätte mer nach an 20 Joer keng Kläranlag op der Musel! Ee Gléck, dass d'Kommissioun vu Bréissel Drock mécht, dass hir Direktiven och ëmgëst ginn, soss géife vill Gemengen zu Lëtzebuerg nach jorelaang all Fudder Waasser mat 3, 4 a méi Euro subventionéieren!

Neen, Här President, de Schutz vum liewenswichtigen Element Waasser war an ass keng politesch Prioritéit zu Lëtzebuerg, soss wieren all Uertschafte scho längst un eng Kläranlag ugeschloss, soss wieren all dës Kläranlage konform zu EU-Direktiven, soss wieren eng Péitrus an aner Baachen a Flëss an engem besseren Zoustand wéi haut a soss géife mer eis och vläicht e bësse méi Gedanken iwwer Nitrat- a Pestizidbelaaschtung vun eise Lwwerflächen- a Grondwaasser maachen.

Duerch d'EU si mer endlech 2000 forcéiert ginn, eis méi intensiv mam Thema Waasser ze beschäftegen. A wat ass geschitt? D'Waasser gëtt virun allem a bal nëmme exklusiv ënnert dem Aspekt vun enger nätzlecher Ressource vum Mënsch gesinn; gestridde gëtt bal exklusiv iwwert de Waasserpräis.

De Liewensraum Waasser u sech awer als Biotop fir onzieleg Déieren- a Planzenarten ass keen Thema an deene leschte Méint, an deene leschte Joren an, wéi Der matkritt hutt, och kaum de Moien an dëser Diskussioun. Fir dës bedauerlech Tatsaach gëtt et an eisen Aen eng ganz Rei Ursaachen. Et géif ze wäit féieren, dorop anzegoen.

Ech mengen, dass awer eng vun deenen Ursaachen eiser Meinung no ass, dass d'Waasser an der Kompetenz vum Innenminister ass. En Ëmweltminister, Dir Dammen an Dir Hären, hätt d'Element Waasser net esou exklusiv als Wirtschaftsgut gesinn, an duerfir wonnert lech och net, dass DÉI GRÉNG sech nodréiglech bestätegt fillen, dass et falsch war, d'Waasser an d'Rue Beaumont ze ginn.

Lwwerhaupt muss ee sech froen, firwat dass d'CSV 1999 mat aller Muecht derfir gesuergt huet, déi Kompetenz ze kréien, fir de véier Joer laang - musst Der lech virstellen! - d'Direktiv vun 2000 am Tirang leien ze loossen.

Ech sinn d'accord, dass mer déi Zäit nach kee Waasserwirtschaftsamt haten an dass während deene Joren dee schwieregen Exercice, ginn ech gären zou, huet misse gemaach gi fir déi Verwaltung emol opzebauen, mä parallell hätten awer onbedéngt missen d'Aarbechte fir d'Gesetz ulafen.

Duerch dëst sträfflecht Versäumnis hunn déi Texter, déi dann haut bei dem Vote stinn, missen ënner enormem Zäitdrock ausgeschafft ginn. Dat hu schonn eng Rei Virriedner gesot, an dat bréngt natierlech eng ganz Rei Nodeeler mat sech.

Éischters war net Zäit genuch, fir en intensiven État des lieux ze maachen.

Zweetens, Här President, war virun allem keng Zäit, fir eng Evaluatioun ze maache vum Gesetz vun '93.

Jo, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt zënter 1993 e Gesetz iwwert de Waasserschutz. An eisen Aen e gutt Gesetz. Mä wann ee sech dat awer emol nach eng Kéier op de Leescht hält a liest, da stellt ee fest, dass et bal an alle wichtige Punkten ouni Suité bliwwen ass. Ech froen lech: Firwat ass den Inventaire national net gemaach ginn?

Firwat, Här Minister, ass de Plan national de gestion des eaux ni ëmgëst ginn? Firwat sinn eenzel Règlements grand-ducaux 15 Joer duerno nach net geholl ginn? A firwat ass a 15 Joer net eng Drénkwaasserschutzzon ausgewise ginn?

Mir hätte jo onbedéngt missen awer en neit Gesetz maachen, eng breet Debatt féieren, eng Analys maachen a soen: Wouru scheitert et dann, dass mer, obwuel mer e gutt Gesetz hunn, obwuel mer eigentlech schonn '93 déi richteg Ziler gesat hunn, net

weiderkomm sinn? An dann hätt een doraus missen déi richteg Léieren zéien an dann, mengen ech, hätt dat neit Gesetz, an eenzelne Punkten op jidde Fall, net kënnen esou ausgesinn, wéi et haut ausgesäit.

An drëtten Nodeel, dass mer ënner Zäitdrock gehandelt hunn, ass, dass wierklech net genuch Zäit sech geholl ginn ass fir eng intensiv Konsultatioun vun allen Acteuren um Terrain ze maachen.

Mir hu kompetent Acteuren um Terrain, Waassersyndikater, Ofwaassersyndikater, och Gemengen, déi dat net schlecht géréieren, an et fënnt een och dës Kritiken an eenzelnen Avisen erëm.

Ech wëll awer elo hei an engem Punkt net falsch verstane ginn. Ech menge schonn, dass besonnesch d'Leit vum Waasserwirtschaftsamt an där kuerzer Zäit an an deem Zäitdrock hiert Beschta a Méiglech gemaach hunn, an et läit sécherlech net un hinnen, wa mer haut kee fäerdegt Gesetz hunn.

Dat wëll ech ganz kloer an däitlech hei maachen. Mä hei gëtt et eng politesch Responsabilitéit, déi éischter, wéi et scho gesot ginn ass, bei deem viregten Innenminister läit wéi bei deem heitegen. Mä et freet ee sech awer, ob och hei am Ufank vun der Legislaturperiod mat deem néidegen Drock un deem Gesetz geschafft ginn ass.

Esou dass mer elo an där Situatioun sinn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass Lëtzebuerg als allerlescht Land, mat fénnef Joer Verspéidung, d'Waasserdirektiv vun 2000 ëmsetzt, an awer wäert d'Chamber haut eng Kaz am Sak stëmme.

Bal 20 Règlements grand-ducaux sinn an dësem Kadergesetz virgesinn a mir hu se net virleien. Och déi allerwichtigst emol net. D'Resultater vun der Analyse économique, déi awer wichteg ass, fir an deem ganzen diskutierten Thema Waasserpräis en connaissance de cause ze schwätzen an och ze decidéieren, leie net vir.

Hei kritt, Dir Dammen an Dir Hären, eng Regierung Carte blanche, dëst Kadergesetz mat deenen Inhalter ze fëllen, wéi si et fir gutt fënnt. An dat eleng ass fir eis als Gréng Ursach genuch, dëst Gesetz net ze stëmme. Besonnesch, Här President, wann ee weess, wat mat dem Gesetz vun 1993 geschitt ass, oder besser gesot net geschitt ass.

Mä et gëtt awer nach e ganz anere Grond, dass mir géint dëst Gesetz stëmme wäerten. Mir sinn iwwerzeegt, dass mat dësem Gesetz eent vun den Haaptziler vun der Direktiv net erreecht wäert ginn, nämlech dass d'Lwwerflächen- a Grondwaasser bis 2015 an engem gudden ökologeschen Zoustand ass.

A mir gesi véier Ursaachen, fir dass dat ganz schwierig wäert ze erreeche sinn.

Éischters, de Problem vun de Strukturen.

D'Regierung huet de Choix geholl, prinzipiell d'Kompetenz fir d'Drénkwaasser an d'Ofwaasser bei de Gemengen ze loossen. Mä gläich drop schéngt se awer de Gemengen esou wéineg zouzeträuen, dës Kompetenzen och mat Inhalter ze fëllen, dass se se wuertwärtlech ënner Tutelle vum Waasserwirtschaftsamt setzt. Resultat vun dëser Approche: eng zentralistesche Approche, enorm bürokratesch Prozeduren, e Waasserwirtschaftsamt, wat an den Dossiere wäert ersaufen.

Den Innenminister huet eis eng Kéier viru kuerzem gesot, wéi se an der Rue Beaumont elo schonn ersaufen un de PAPen, déi do ukommen. Abee, wann ee weess, dass deemnächst déi PAPen och nach alleguerten an d'Waasserwirtschaftsamt ginn, da fäerte mir ganz kloer an däitlech, dass d'Waasserwirtschaftsamt déi primär Aufgaben, déi et eigentlech huet, net méi kann erfëllen, well et einfach mat deem ganze bürokratesche Krom do geplot ass. Et freet ee sech, ob dat wierklech néideg ass.

Mä et kënn een aneren Aspekt derbäi. Mir fannen et net gutt, dass d'Waasserwirtschaftsamt zur gläicher Zäit juche et partie ass.

Mir hätten eng ganz aner Vue gehat, wéi mer d'Strukture sollten organiséieren. An eisen Ae soll d'Waasserwirtschaftsamt Ziler festschreiwen, awer net Mëttelen, wéi d'Gemege sollen zu deenen Ziler kommen. Si sollen d'Gemege beroden an d'Gemege kontrolléieren. An dat kann d'Waasserwirtschaftsamt, ech mengen dat huet et bewisen an där kuerzer Zäit wou et existéiert.

Déi Buergermeeschteren, déi heibanne sinn, wëssen, dass een do ganz kompetent berode gëtt, wann ee seng Quelle wëllt an der Rei halen. Mir mengen awer, dass dat déi primär Aufgab gewiescht wier.

Dozou huet och d'Waasserwirtschaftsamt eenegermoossen déi néideg Moyenen. Trotz där Personalopstockung menge mir, dass d'Waasserwirtschaftsamt deene villfältigen Aufgaben, déi et hei nach zu deenen aktuellen derbäikritt, net wäert gewuess sinn.

Ech kennen de Gemengenterrain och elo genuch fir ze wëssen, dass selbstverständlech besonnesch bei der Ofwaasserpolitik an der Vergaangenheet och kloer Defiziter um Niveau vun de Gemengen do sinn. Dat wëll ech wierklech net leegnen. A wa mer an enger Rei Plaze keng Kläranlagen hunn, ass dat sécherlech och d'Schold vun de Gemengen.

Ech weess awer och, dass et souguer do, wou Gemengeresponsabel scho viru Joren a Jorzéngte gesot hunn, dat wier eng Prioritéit fir si, awer éiweg gedauert huet. Ech kann aus eegener Erfahrung zum Beispill iwwert d'Kläranlag Béiwen un der Attert schwätzen. Do ware mer jorelaang, Jorzéngte bal amgang, ier mer do konnten déi Kläranlag opmaachen.

Just eng kleng Anekdot: Mir hunn eis dann a regelméisegen Ofstänn gesinn, an iergendeng Kéier, nodeem dass e Joer erëm näischt geschitt war a mer all zesummegeruff gi sinn, sot dann den deemolege Buergermeeschter vu Réiden - de Monsieur Schmit, deen deemools zu Réiden Buergermeeschter war - a sengem dréchenen Humor: Bonjour, Dir Hären, ass haut erëm de Konveniat vun der Kläranlag Béiwen?

Genau dat war et. Dat war, well déi Zäit schonn d'Verwaltung e Manktum u Leit hat. Dat war, well ëmmer erëm nei Techniken opgeworf si ginn, well ëmmer erëm nei Ufuerderungen un dëse Projet gesat si ginn.

Mir kënnen am Ëmweltberäich e Beräich huelen, wou et besser fonctionnéiert, well d'Strukture méi kloer sinn, an dat ass a mengen Aen d'Offallpolitik. Do huet eng Ëmweltverwaltung iwwert d'Gesetz vun 1994 an de Plan national des déchets kloer Ziler gesat, an déi dräi grouss Offallsyndikater, deelweis och eenzel méi kleng Syndikater, setzen dës Ziler mat ënnerschiddleche Mëttelen ëm. Ugepasst un hir Regioun, ugepasst un hir Kompositioun. Déi eng hunn eng Verbrennungsanlag, déi aner hunn en Tipp. Déi eng maache Rohsammung, déi aner hu Recyclinghäff.

Dat soll een dach deenen Acteuren um Terrain, déi déi Kompetenzen hunn, iwwerloossen. Sécher ass Nohuelbedarf. Ech sinn do gär d'accord. Ech hunn et scho gesot, et ass net alles a Botter. Am Ofwaasserberäich virun allem sinn, mengen ech, nach iwwer 20 Gemengen, déi a kengem Syndikat sinn.

Mä dann hätt d'Regierung solle Courage beweisen. A wa mer am Offallberäich haut scho vläicht e bësse méi wäit sinn, wéi an aneren Ëmweltberäicher, da well de Josy Barthel schonn an den 80er Joren de Courage hat, en Offallgesetz 1981 ze maachen, wou de facto all Gemeng forcéiert war, an e Syndikat ze kommen, well de Josy Barthel de facto sämtlech kommunal Tippen zougemaach hat. Do hunn d'Gemege praktesch keng aner Léisung méi gehat, wéi sech zesummenzedinn.

Do sinn och déi dräi grouss Syndikater schonn uganks den 80er Joren entstanden - musst Der lech virstellen -, mam Resultat, wat mer kennen, dass mer do relativ gutt opgestallt haut sinn.

Hei hätt ee kënnen de Courage huelen a soen: Majo, léif Gemengen, Dir musst an en Ofwaassersyndikat goen. Oder méi e manner brutaalt Instrument: Wann de Stat 90% fir Kläranlagen a Kollektiere gëtt, dann hätt e jo kënne soen, eng Gemeng, déi net Member ass vun engem Ofwaassersyndikat an domat deen néidegen Know-how huet, déi kritt kee Subsid méi. Dann hätt Der emol gesinn, wéi séier dass déi reschtlech 20 Gemengen an engem Syndikat gewiescht wären.

Mir hätten eng kloer strukturéiert Situatioun iwwer Land gehat an hätte vill manner bürokratesch Prozedure misse maachen.

Beim Drénkwaasser gesi mer jo awer, dass souguer méi kleng Gemege capabel sinn, déi Gestiouen ze maachen. Et si scho wäit iwwert d'Halschent vun de Gemengen, déi hiren „Drëpsi“ kritt hunn.

Mir wësse jo och, dass awer eng Restrukturëierung am Gemengesector ass. Et kann een net op där enger Säit ëmmer soen, d'Gemege missten 3.000 Leit hunn, an dann awer, wa mer nei Gesetzer stëmmen, dat net a Betruecht zéien an ëmmer nach dervun ausgoen, wéi wa mer nach jorzéngtelaang Gemege vun e puer honnert Leit hätten.

Ech mengen, dat hei hätt ee scho kënn virgesinn an et hätt ee jo och zum Beispill kënnen eng Regelung an dat hei Gesetz setzen, wéi mer et beim Bautegesetz hunn. Firwat net draschreiw, dass Gemengen, déi e valabele Service technique hunn, eng ganz Rei Projeten zum Beispill net misste bei d'Waasserwirtschaftsamt schécken? Da wieren emol wéinstens déi Projeten aus de Féiss gewiescht, déi Dossierien hätten net missen de Wee an d'Stad an zréck maachen.

Et licht engem jo awer wierklech net an, firwat eng Stad Lëtzebuerg oder eng Stad Esch oder och soss grouss Gemengen, déi wierklech kompetent Waasserservicer hunn, all PAP deemnächst musse bei d'Waasserwirtschaftsamt schécken.

Mir hu festgestallt, dass mer an der Vergaangenheet extrem lues virukomm sinn. 1999 sollten all Kläranlagen iwwer 1.000 Einwohnergleichwäerter déi drëtt Stuf hunn. Mir hu se haut nach net, an DÉI GRÉNG, Här President, sinn iwwerzeegt, dass mer mat där doter gewieltener Virgehensweis 2015 och nach net iwwerall konform wäerte sinn.

Zweet Ursaach, dass mer mengen, dass mer wichteg Ziler vum Gesetz net erreeche wäerten, dat ass am Kontext Renaturëierung.

Hei leet d'Regierung och d'Kompetenz an d'Hänn vun de Gemengen. Si solle Maître d'ouvrage spillen, ënnert der geneeër Opsicht vum Waasserwirtschaftsamt an der Forstverwaltung. Si finanzéieren d'Projeten och nach vir, kënn wuel bis zu 100% erëmkreien.

Ech muss soen, dass mer do wierklech iwwerrascht sinn. Do si mir der Meenung, dat do ass déi beschte Manéier, fir kee Meter bei de Renaturëierung weiderzekommen.

Ech muss och do soen, dass eigentlech d'Gemengen do jo keng Kompetenz hunn. Ech kenne keng Gemengen, déi Biologen, déi Hydrologen agestallt hunn. Do wier et vill méi logesch gewiescht, dass de Stat dat iwwerholl hätt.

Wann ee kuckt, an dat Beispill ass och schonn erwähnt ginn, dass de Stat no eelef Joer d'Renaturëierung vun der Uelzecht, déi am Gesetz iwwert d'Nordstrooss steet, nach ëmmer net fäerdeg bruecht huet, da froen ech lech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Wéi sollen da Gemege mat där komplizéierter Prozedur, wéi se elo virgesinn ass, et fäerdeg bréngen, bis 2015 do weiderzekommen?

Et mierkt een, dass dat ganz heikel Projete sinn. Beim klengste Projete kënn direkt de geballte Widderstand vun de Bauergewerkschaften. Et ginn Horrorzeenarien un d'Wand gemoolt vu Malariaepidemien, déi sollen ausbriechen am Lëtzeburger Land.

Hei soll de Stat seng Verantwortung iwwerhuelen. Hien huet kompetent Verwaltungen. E soll intern mat anere Ministären, notament dem Landwirtschaftsministère, dat ofklären.

Derbäi kënn och nach, dass Renaturëierung ganz oft kee kommunale Charakter hunn, mä e regionale Charakter, jo souguer landesplaneresch Aspekter mat draspillen, an duerfir sinn DÉI GRÉNG der Meenung, da soll ee fir d'Renaturëierungen e landesplaneresch Instrument huelen; et soll een e Plan sectoriel iwwert d'Renaturëierung maachen.

Do soll ee kloer Kritären drasetzen. Et soll ee sech Moyenné ginn, an da kënn och kee Gefill vun Arbiträr op. Mir hu gutt Erfahrung gemaach mat deenen éischte Plans sectoriels, sief dat dee vun de Mobilfunkantennen, sief dat dee vun den Déchets inertes. Op eemol wéi gesi ginn ass, dass iwwert d'ganzt Land esou Tippe sollten ageeicht ginn, ass de Widderstand vill méi kleng ginn dobaussen. Ech mengen, mat Renaturëierung wier et d'selwecht.

Drëtte gréissere Problem, dee mer gesinn, ass diffus Pollution.

Jo, Här President, mir hunn en Nitratproblem zu Lëtzebuerg. Vill Quellen hu missen zougemaach ginn. Och am Stausee geet de Wäert erop, trotz Naturpark. An ech mengen et ass e bëssen ze einfach, de Belsch de Problem ze ginn.

Jo, Här President, mir hunn och e Pestizidproblem. Weder den Nitratproblem nach de Pestizidproblem ass vläicht en akuten a ganz dramatesche Problem. Mir gesinn et éischter als schlächende Problem. Do si lues a lues amgang, Wäerter eropzeklappen, och ëmmer méi flächendeckend. Mä et huet een e bëssen dat Gefill, dass dat alles tabuiséiert gëtt zu Lëtzebuerg. Vläch well déi zwee Problemer, zumindest déi mat den Nitrate bal exklusiv, déi mat de Pestiziden net exklusiv, aus der Landwirtschaft kommen. Mä dat ass keng Ursaach.

DÉI GRÉNG sinn iwwerzeegt, dass mer och dëse Stéier eng Kéier musse mat den Haren huelen a gemeinsam mat der Landwirtschaft an anere concernéierten Acteurs Léisunge fannen.

Ech wëll och soen, dass manner Dünge-mëttelasätz a manner Pestiziden och der Landwirtschaft zeguttkënn, well wann ee weess, wéi enk zum Beispill synthetesch Dünger un den Uelechpräis gebonne sinn, wann ee weess, dass ee 750 Liter Mazout brauch, fir eng Tonn synthetesch Dünger hierzustellen, dann huet d'Landwirtschaft, och schonn aus ekonomesche Grënn, Ursaache genuch, fir manner där Mëttelen anzesetzen.

Véierte Punkt, wou mer gréisser Schwierigkeete gesinn, esou wéi d'Gesetz elo hei artikuliert ass, dat ass an den Drénkwaasserschutzonen.

Bis '93 haten d'Gemege jo d'Kompetenz. Do sinn effektiv, muss ee fairerweis soen, och keng Zonen ausgewise ginn. 1993 duhn huet de Stat déi Kompetenz kritt, mam selwechte Resultat; a 15 Joer ass keng eng ausgewise ginn. Firwat ass dee Règlement grand-ducal ni geholl ginn?

Ech hu mer soe gelooss, et wier bis haut net méiglech gewiescht, mam Landwirtschaftsminister eng Léisung iwwert d'Entscheidung vun der Landwirtschaft an deenen Zonen ze fannen.

Dat fannen ech eigentlech e staarkt Stéck, muss ech soen. A wann ech da gesinn, dass mer elo am Gesetz esou en Zwittermodell hunn, wou u sech d'Gemengen erëm responsabel sinn, mä awer fir d'éischt den Accord musse kréien a genee Instruktiounen vum Waasserwirtschaftsamt, da froen ech mech awer, wéi mer do an esou wëlle weiderkommen. Dat wier zum Beispill e Règlement grand-ducal gewiescht, dee mir als Gréng onbedéngt gäre gesi gehat hätten, dass deen hei um Dësch geleeën hätt, fir dass mer wëssen, wat do elo soll an Zukunft geschéien.

Ech si ganz skeptesch, muss ech soen, wann ech esou matkréien, wat dann do an de Kulissen alles am Vireld diskutiert ginn ass.

Well mir hunn och hei keng Sanktiounen. Déi eenzeg Sanktioun, déi do ass, ass, dass déi Gemengen, déi dann esou eng Quell hätten, keng Sue méi sollte kréien. Mä beim Drénkwaasser kréie mer als Gemege souwisou kaum Sue vum Stat. Do mengen ech ass déi Sanktioun net schrecklech grouss.

Ech weess, wat da geschitt. Da geet et wéi bei ville Quellen, déi an der Vergaangenheet Nitratproblemer haten: Da gi se zougemaach. Eng Solution de facilité gëtt gesicht an da gëtt un d'SEBES ugeschloss an dann ass de Problem geléist; an dann ass erëm eng Quell, déi net méi ze gebrauchen ass.

Mir si mat där Virgehensweis net d'accord. Hei huet een dat Gefill, dass d'Ae wierklech zougemaach ginn.

Mir sinn och net d'accord, dass d'Landwirtschaft an där doter Problematik e Sonderstatus soll kréien. An dat Gefill si mer awer vun Ufank u bei dësem Gesetz net lassginn, dass hei de Landwirtschaftsministère méi wéi matgeschwat huet fir dat Gesetz hei ze maachen. Dir musst lech virstellen, dass an enger éischter Versioun vum Gesetz nach iergendwou stoung, dass d'Programmes de mesures, wann déi géife vum Innenminister décidéiert ginn, fir d'éischt missten den Accord vum Landwirtschaftsminister kréien. Dat muss ee sech wierklech virstellen! Dat ass e bëssen esou ähnlech, wéi wann den Ëmweltminister misst fir all Kommodogenehmigung fir d'éischt de Wirtschaftsminister froen, ier hien engem Betrib eng Autorisatioun gëtt.

Ech wëll hei net falsch verstane ginn. DÉI GRÉNG sinn och der Meenung, dass een un éischter Stell soll op fräiwëlleger Basis

mat der Landwirtschaft kucken, zu Léisungen ze kommen. An ech kann dat mat rouegem Gewësse soen. Deen éischte Pilotprojete, fir iwwerhaupt Drénkwaasserschutzonen op fräiwëlleg Aart a Weis ze schützen, ass zu Réiden gelaf, zur Zäit wou do e grénge Buergermeeschter war, den Här Schmit, vun deem ech scho geschwat hunn, an och haut sinn zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg grouss Projeten um Steeseler Plateau amgang, wou mat der Landwirtschaft zesummen eppes gemaach gëtt.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech fannen eng Regierung, eng Chamber, muss sech awer och Moyenné ginn, wa mer op enger Plaz manifestement mat der Fräiwëllegkeet um Enn sinn. D'Landwirtschaft ass dee Wirtschaftssector, deen am meeschten öffentlech Gelder kritt, proportional zu hirem Akommes. Ech wëll och nach eng Kéier hei kloer betounen, dass DÉI GRÉNG mat deem Prinzip an och mat deene Montanten, déi an d'Landwirtschaft ginn, kee Problem hunn. Mir hunn awer e Problem, wann eng falsch Notzung vun dësen öffentliche Gelder dozou féiert, dass d'Drénkwaasserquellen duerch iwwerhéichten Nitrat- a Pestizidwäerter onbrauchbar gemaach ginn. Do muss e Stat, do muss e Ministère handlungsfäeg bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir hutt verstanen, dass DÉI GRÉNG a véier Punkte mindestens grave Defiziter gesinn. Mir hunn dat Gefill, dass a wichtige Bereiche, wou mer ganz kloer zënter 1993 net weiderkomm sinn, praktesch de Status quo erhale bleift. Mir hunn net d'Léieren aus der Vergaangenheet gezunn, mir hu kee kloere Bilan gezunn, firwat mer net weiderkomm sinn, an dofir wäerte mir dat Gesetz och net stëmmen.

Ech wëll awer net ofstreiden, dass dat Gesetz selbstverständlech eng ganz Rei positiv Aspekter mat sech bréngt. Éischtens, dass mer emol ee Gesetz hunn. Mir félicitéieren d'Auteurs vun deem Gesetz, dass endlech d'Bestëmmungen vum Louis XIV an aus der Postkutschenzäit verschwannen. Hei si se elo verschwonnen, a wa mer se eng Kéier am Rescht vun der kommunaler Législatioun och verschwannen dinn, da si mer endlech e Stéck weiderkomm.

Zweetens, de Waasserpräis, iwwert dee jo esou vill diskutiert ginn ass. Ech wëll soen, dass DÉI GRÉNG prinzipiell zu där Approche stinn, déi elo hei fonnt ginn ass. DÉI GRÉNG waren nach ëmmer Unhänger vu käschendeckende Präisser, wann et ëm Ëmweltgelder geet. Mir sinn och der Meenung, dass eng vun den Ursachen, firwat Waasserschutz bis elo keng politesch Prioritéit war, ass, well d'Waasser näischt kascht huet, oder besser gesot, direkt näischt kascht huet.

Wéi dramatesch sech awer do an d'Täsch gelu ginn ass, iwwer Joren a Jorzéngten, dat gi mer jo elo emol lues a lues gewuer. Well, och wann d'Waasser näischt kascht huet, esou waren d'Käschte vum Waasser awer do. An der Diskussioun konnt ee jo heiansdo mengen, d'Waasser géif elo méi deier ginn duerch déi europäesch Direktiv. Dat ass jo falsch. D'Käschte vum Waasser ware gëscht dëselwecht wéi haut, a wéi muer.

De Gestehungspräis vum Waasser an der Gemeng Tandel war scho gëscht aacht Euro, a wann d'Waasser elo an der Gemeng Tandel mat dräi Euro verrechent gëtt, dann ass do all Fudder Waasser, wéi a ville Gemengen, mat fënné Euro Steiergelder aus dem Gemegebudget subventionéiert ginn. Et ass dës Subventionierung mat Steiergelder, Här President, déi DÉI GRÉNG als fundamental onsozial fannen, an dat aus zwou Ursaachen.

Éischtens, déi räich Famill, mat Schwemm an engem Verbrauch vu 400 Fudder, kritt bei deem heite Beispill 2.000 Euro d'Joer bäigeluecht aus dem Statsbudget. D'Witfra, mat der Mindestrent an engem Verbrauch vun 20 Fudder d'Joer, déi kritt 100 Euro bäigeluecht. Dat ass fir eis fundamental onsozial Politik.

Zweetens kënn dann derbäi - an Dir musst lech déi Zommen emol op der Zong zergoe loosse -, dass dës Quersubventionierung onwahrscheinlech Lächer an de Budget rappt, an déi Sue feelen, fir Crëchen, Altersheimer an aner sozial Servicer ze bezuelen. Duerfir sinn DÉI GRÉNG der Meenung, dass ee soll Ëmweltpolitik mat ëmweltpoliteschen Instrumenter maachen, a Sozialpolitik mat sozialpoliteschen Instrumenter maachen, geziilt sozialen Instrumenter.

Ech ginn lech e Beispill vu menger Gemeng, well ech dat ganz gutt kennen. Mir hunn an de leschte Jore relativ substanzuell

déi zwou Taxe gehéicht. Mir sinn de Moment bei 3,20 Euro, wat d'Waasser kascht. Fir eng Gemeng, déi hiert eegent Waasser huet, ass dat relativ substanzuell. Ech mengen, mir hate bis viru kuerzem déi héchsten Ofwaassertax am ganze Land. Dat huet eis 100.000 Euro méi Recettë bruecht. Mir hunn eis Prime d'allocation de vie chère, déi mer scho méi laang hunn, erhéicht, an deelen iwwert dee Wee 30.000 Euro ganz geziilt un déi 10% Haushälter aus, déi zu Biekerech an de Genoss vun där Prime kommen. Dat deckt sech och méi oder weëniger mat deenen 10% vun Aarmut, déi eis ëmmer vun Organisatiounen wéi Caritas an anere virgerechent ginn.

Dat mécht dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eng kleng Gemeng wéi eis, ëmmerhi 70.000 Euro netto méi am Budget, an dat ass d'Halschent vun de Fonctionnementskäschte vun eiser Maison relais, déi 1997 scho gebaut ginn ass a vun där haut méi wéi 100 Kanner profitéieren. Dat ass fir eis eng konsequent ekologesch Politik, mä dat ass awer och eng konsequent sozial Politik, an DÉI GRÉNG hunn net gewaart, weder zu Biekerech nach an der Stad Lëtzebuerg oder wou och ëmmer, bis e Saz an engem Gesetz steet, dee superfétatoire ass, fir esou eng Prime d'allocation de vie chère anzeféieren.

Ech sinn och e bëssen iwwerrascht iwwert d'Positioun vun der LSAP, déi sech an deem do Beräich esou extensiv domadder beschäftegt. Wann ech kucken, wat d'Stroumkäschte si par rapport zum Waasser, da sinn ech e bëssen iwwerrascht - am Kader vun der Stroumilberalisierung, wou d'LSAP jo awer de Ministère hat, dee federführend ass -, kee Pipchewiertchen ze héieren, wéi mer dann déi steigend Stroumpreisser, déi déi lescht Jore komm sinn, solle sozial offedieren. Ech weess net, wou den Ënnerschied sollt leien an der Belaaschtung. Ech mengen éischter, dass déi vum Stroum vill méi héich ass.

Elo si mer eis awer alleguerten eens heibannen, dass mer och den 1. Januar 2010 zu Tandel keng aacht Euro kënn froen an och zu Wäisswampech keng zéng. Duerfir sinn DÉI GRÉNG d'accord mat där Léisung, déi fonnt ginn ass, dass mer, iwwert de Statsbudget, zu engem harmonisierte Waasserpräis kommen. Ech wëll awer kloer an däitlech soen, dass DÉI GRÉNG net fir en Eenheitswaasserpräis sinn, aus enger Rei Ursaachen.

Déi éischt ass folgend: Mir sinn der Meenung, dass mer net permanent kënnen d'Leit ënnerstëtzen an där Attitüd, fir ze mengen, et kéint een am Liewen de Botter an d'Geld vum Botter kréien. Wann ech vu Belair op Biekerech plënnere, dann hunn ech eng Rei Virdeeler. Dann hunn ech manner Kaméidi, méi eng flott Landschaft, eng besser Loft a méi eng bëleg Bauplaz. Mä da muss ech awer och d'accord sinn, dass ech eventuell en Euro méi fir meng 50, 80 oder 100 Fudder Waasser d'Joer muss bezuelen. Et kann een am Liewen net permanent de Botter an d'Geld vum Botter hunn, a mir fannen et eng geféierlech Attitüd, wa mer als politesch Parteien och nach permanent déi Attitüd ënnerstëtzen.

Zweetens si mer awer der Meenung, wa mer bis op Weideres d'Waasserversuergung an den Hänn vun de Gemengen an de Gemengesyndikater hunn, dass mer e benchmarking brauchen. Ech mengen, da muss en Intérêt fir all Gemeng, fir all Syndikat do sinn, seng Servicer esou effikass wéi méiglech ze organiséieren, an da kann een net drop hoffen, dass een egal wat ka maachen, well ee jo da mat der nationaler Solidaritéit ënnerstëtzt gëtt.

E huet een e bëssen e komescht Gefill, wann ee ferventen Unhänger vun engem Eenheitswaasserpräis gläichzäiteg President vun engem Ofwaassersyndikat ass, wou mer zumindest an der Kommissioun gesot kritt hunn, dass do an der Moyenne eng Kläranlag duebel esou deier ass wéi eng vergläichbar an engem anere Syndikat, dass Kollektoren am Éislek méi deier si wéi anzwousch anescht. Mä firwat soll eng Kläranlag vun 2.000 Einwohnergleichwäerter am Syndikat x duebel esou deier si wéi anzwousch anescht? Do hu mer dann awer Problemer dat nozevollzéien, a mer hunn dat Gefill, dass ënnert dem Deckmantel vun der sozialer Gerechtegkeet awer hei ganz e bësse Prodomo-Politik gemaach gëtt.

Drëttens menge mer, dass, wa mer en Eenheitswaasserpräis hunn, dann den Drock op d'Gemege jo och do ass, fir ekologesch mat där Ressource Waasser ëmzegoen. Ech si fest iwwerzeegt, wa mer elo 2010 de käschendeckende Waasserpräis hunn, dass all Gemeng sech wäert hisetzen a wierklech kucken, zum Beispill d'Fuiten an hirem Waassernetz op e

Minimum ze reduzéieren. Mir wëssen, dass do Gemenge sinn, déi bis 20, 25% Verloscht hunn. Wann déi Gemengen och nach dat Waasser mussen akafen, bei der SEBES oder soss anzwousch, da schléit dat natierlech onwahrscheinlech op de Waasserpräis zrëck. An et kann net sinn, dass ee seet, mir hunn en Eenheitswaasserpräis, an dat, wat Dir driiwwerläit, dat kritt Dir vun deenen anere Gemenge matbezuelt. Ech mengen, dann ass all Attrait fort, fir eng ekologesch Politik ze maachen, an dat wëlle mir verhënnere.

En drëtthe positive Punkt an deem Gesetz ass d'Abannung vum Public. Ech mengen, dass dat och e Moyen ass, fir d'Thema Waasserschutz méi präsent ze maachen an em och méi Wichtegkeet ze ginn.

D'Partenariater, als véierte positive Punkt, si schonn erwähnt ginn. Ech ka selwer vun enger Pionéieraarbecht am Beräich Attert schwätzen. Mir hunn do schonn zënter Joren e grenziwwerschreidenden Attertkontrakt op d'Bee gesat, zesumme mat de belsche Kolleegen, mat engem positiven Effet, mat konkrete Resultater, déi sech nowiese loosse.

A fënneftens si mer och frou driiwwer, dass de Fonds pour la gestion de l'eau méi transparent gestalt gëtt, dass schonn am Gesetz eng Rei Taux de subsides stinn, wat d'Saach och erlichtert.

Dat sinn eng Rei gutt Usätz, Här President. Dat kann och dozou féieren, dass am Beräich Waasser als Nahrungsmëttel a Wirtschaftsgutt Fortschréttler wäerten erreicht ginn.

Dat wäert awer net dozou féieren, dovunner si mir fest iwwerzeegt, dass mer déi grouss Defiziter an de Beräicher Kläranlagen, Renaturéierungen, diffus Pollutioun a Quellschutz bis 2015 an de Grëff kréien, an dat wäert och net dozou féieren, dass de Liewensraum Waasser endlech dee Stëllewäert an eiser Gesellschaft kritt, deen en dréngend zu sengem Schutz brauch.

DÉI GRÉNG bedauern, dass mer dës Kéier trotz enger gudder Virlag vu Bréssel dat net kritt hunn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll ufänken och wéi meng Virriedner mat engem Merci un de Kolleeg Marco Schank als Rapporteur, awer och als President vun eiser zoustänneger Kommissioun. Et war e komplizéierten Dossier, wou mer, och wa mer net alleguer eens sinn oder averstane sinn oder zoustëmmen, dach awer frou sinn, dass den Dossier en Enn fonnt huet no 29 Kommissiounssitzungen, wou mat vill Gedold vill diskutéiert ginn ass, a wou de Kolleeg Schank net nëmmen als Rapporteur, mä virun allem och als President versicht huet, fir déi Sitzunge gutt ze leeden a jiddwereen zu Wuert kommen ze loosse. All Problemer sinn diskutéiert an ausgeschwat ginn.

An dee Merci wëll ech awer och de Minister mat aschléissen, dee praktesch an alle Sitzungen do war. Deen och net ëmmer e liichte Stand hat, grad wéi seng Mat-aarbechter, déi hien zu senger Säit hat an déi och an deem Dossier, grad an deem Dossier duerch eng äusserst grouss Kompetenz ervirgestach hunn.

Et ass e Projet, dee sécher kontradiktöresch diskutéiert gëtt, mä et ass e Projet, deen eng Wichtegkeet huet fir Lëtzebuerg, géif ech soen, awer net nëmme fir Lëtzebuerg, och fir Europa an, méi prioritär aus eiser Siicht gesinn, fir eis Nopeschlänner.

Op d'Wichtegkeet vum Waasser brauch ech hei net méi laang anzegoen, och well meng Riedezeit méi kuerz ass. Meng Virriedner hunn dat de Moie schonn zum Deel gemaach. De Rapporteur huet et de Moie gemaach. Hien huet drop higewisen - mat Recht -, dass eng Milliard Leit op der Welt sinn, déi kee proppert Drénkwaasser hunn, an dass am Joer véier Milliounen Leit stierwen un de Konsequenze vu schlechtem Waasser.

An esou wéi mer an de leschte Joren am Fong drop opmierksam gemaach si ginn, dass mer weltwäit Energieproblemer kritt hunn an a priori eréischt drop opmierksam gi sinn, wéi d'Präisser massiv geklomme sinn, hu mer och elo eréischt ugefaangen, an deem Domän ze reagéieren. Mir mussen awer oppassen, och wann elo d'Energiepräisser erëm falen, dass mer net de Feeler maachen, fir dostoene ze bleiwen an erëm ze waarden, bis et méi deier gëtt,

mä do wësse mer, dass do d'Konsequenze scho virauszegesi sinn an dass mer weider mussen an déi Richtung schaffen.

D'Waasser ass e selwechten Domän, wou mer wëssen, dass do eng Zäitbomm téckt a mer ëmmer méi Problemer mam Waasser kréien. An och wa mir hei zu Lëtzebuerg eis an dëser Zäit nach an enger relativ glécklecher Situatioun befannen, ass et dach wichteg, dass mer permanent op déi eenzegaarteg Ressource, déi d'Waasser duerstellt, opmierksam maachen.

Duerfir gëtt et keng Diskussioun vun eiser Säit aus doriwwer, dass mer eis eeschtlech alleguer zesumme Gedanke musse maache fir gutt Drénkwaasser an herno och, fir d'Ofwaasser erëm esou propper der Natur zrëckzeginn, wéi mer et vun der Natur kritt hunn. Dass mer do alleguerten un engem Strang an déi Richtung mussen zéien, ass fir eis absolut kloer.

D'Fro, déi sech fir eis an deem Kader stellt, ass d'Diskussioun, wéi wäit d'europäesch Politik an dës Politik anzegräfen huet. Wéi wäit muss an deem Domän d'Subsidiaritéit spillen? D'Fro ass, ob et Europa oder d'Nationalstate sinn, déi d'Zoustännegkeet missten hunn, wat d'Waasserversuergung respektiv d'Ofwaasserversuergung ubelaangt.

Mir soen do Jo a mir soen do och Neen. Jo, soe mer ganz kloer, dass et eng europäesch Kompetenz muss sinn, wat d'Qualitéit vum Waasser, vum Drénkwaasser, vum Ofwaasser ubelaangt. D'Waasserleef si grenzenlos. D'Waasser kennt keng Grenzen. Et leeft vun engem Land an dat anert, a kee Land huet duerfir d'Recht, fir Waasser, wat vläicht propper erakomm ass, op där anerer Säit knaschteg an en anert Land eriwierlafen ze loosse.

Duerfir ass et wichteg, dass vun Europa aus d'Direktiv seet, dass mer musse bis 2015 propper Waasserofleef a ganz Europa hunn. D'Ofwaasser vun eis oder vun anere kann och d'Drénkwaasser vun deenen engen oder vun deenen anere sinn.

Ech erënneren drun, dass eist Ofwaasser zum Schluss dach iergendwéi gréisstendeels an der Musel lant an da viruleeft an de Rhain, an aus deem Waasser maachen d'Hollänner erëm hiert Drénkwaasser. Esou dass ee weess, dass dat e Circuit ass.

Datt duerfir eng international Solidaritéit an och eng Responsabilitéit muss bestoen, schéngt eis nëmmen normal ze sinn. Och d'Schutzzone fir d'Waasser schéngen eis europawäit musse geregelt ze ginn, wat d'Normen ubelaangt.

Et ass am Fong awer traureg, wann een op där anerer Säit gesäit, dass mir als 27 europäesch Staaten eng Direktiv musse maachen, duerch déi mer eis verpflichten, dat ze maachen, wat am Fong an enger Normalitéit jiddwereen selbstverständlech vu sech aus misst maachen.

Et ass am Fong eng Trauregkeet, dass mir - am Fong déiselwecht Leit, déi national Politik maachen - et bei eis net maachen an dann op Europa zouginn an dann do eng Direktiv maachen, fir eis selwer ze verpflichten, dat ze maachen.

Et ass duerfir am Fong e Gléck, dass d'Europäesch Unioun déi Initiativ geholl huet, fir eben hei eenheetlech Normen, eenheetlech Ziler an eenheetlech fest fixéiert Datume festzeleeën. Duerfir fënnt et eis Zoustëmmung, dass dat um europäeschen Niveau esou realiséiert gëtt.

Nee soe mer awer zum Wee fir dohinner. Do soe mir, dass misst am Kader vun der Subsidiaritéit deenen eenzelne Staaten iwwerlooss sinn. De Wee, fir dohinner ze kommen, respektiv och wat d'Finanzéierung ubelaangt, misst exklusiv de Staaten iwwerlooss sinn.

Mir opposéieren eis och duerfir, dass am Kader vun Europa dergéint agewierkt gëtt, dass Europa eis fixéiert, wéi mir dohinner musse kommen, a virun allem och fixéiert quasi, wéi mer de Waasserpräis musse berechnen. Dat schéngen eis am Kader vun der Subsidiaritéit national Problemer ze sinn, an am Kader vun der Subsidiaritéit och kommunal Problemer ze sinn. An et ass och haaptsächlech wéinst deem Punkt, dass eise Grupp wäert géint dëst Gesetz stëmmen.

Et sinn néng Schwéierpunkten an deem Gesetz virgesinn. Ech brauch net méi dorop anzegoen. Ech ginn op verschiddener zum Schluss nach an.

Ech wëll fir d'éischt awer mam Waasserpräis ufänken. De Waasserpräis wäert sech an Zukunft aus zwou Saachen zesummesetzen: engersäits aus enger Tax, déi vum Stat fixéiert gëtt, an da vun enger Redevance, déi vun de Gemenge fixéiert gëtt. Datselwecht fanne mer erëm beim Ofwaasser. Do gëtt et Regele fir Stéid, fir d'Industrie a fir d'Landwirtschaft. Et sinn dräi verschidde Gruppen.

Datt et regional Ënnerscheeder gëtt bei de Waasserpräisser, schéngt eis eng Normalitéit ze sinn. Déi Normalitéit kann entstoen duerch d'Topographie vun der Landschaft. Et kann awer och duerch d'Bevölkerungsdicht sinn. Et ass normal, dass ländlech Géigenden net esou staark besiedelt sinn, wéi dat a grousses städteschen Deeler de Fall ass, an dass duerfir eben d'Infrastrukturen do méi deier kommen an och doduerch do d'Präisser méi héich ginn.

Et ass awer am Sënn vun enger nationaler Solidaritéit, wou mer mat dem Prinzip averstane sinn, dass en nationalen Ausgläich do geschaf gëtt. D'Waasser ass e Recht, wat all Bierger muss kréien, wat all Mënsch muss zougängelech sinn, an et kann duerfir net sinn, dass mer d'Berechnung vun engem Waasserpräis duerch Gesetz fixéieren, an domadder Leit, déi a ländleche Géigende sinn, méi staark finanziell betraff géife ginn, wéi Leit, déi aus Stied kommen.

Ech sinn net mam Kolleeg Gira averstanen, dass een dat kann ausgläichen, andeem ee seet, dass een an enger ländlecher Gemeng jo awer d'Bauplaz méi bëlleg kritt, an an der Stad kascht se eventuell méi deier, an dass een duerfir d'Waasser ka méi deier bezuelen. Ech fannen, dass dat keng Argumentatioun ass. D'Waasser ass menger Meenung no e Produkt, deen all Mënsch brauch an och all Mënsch duerfir muss zu engem rasonnabele Präis kréien.

D'Beispill ass hei geholl gi vun der Gemeng Tandel, wou gesot gëtt, och haut ass de Käschtepunkt vun der Gemeng Tandel schonn aacht Euro, a wa se nëmmen dräi Euro freet, da leet se am Fong iwwer hire Budget e Subsidiär. Ech sinn der Meenung, dass dat d'Recht ass vun enger Gemeng, fir hir Taxepolitik esou ze maachen, dass se och sozial gerecht fir all Bierger an hirer Gemeng ass. A wa si eben déi Solidaritéit bei sech spille léisst a vläicht duerch aner Recetten déi Dépensen deckt, dann ass dat e Recht vun enger Gemeng. A wa mer muer higinn a mer bréngen dee Solidaritéitsausgläich iwwert de Wee vun enger staatlecher Subventionéierung, esou fannen ech dat richtig. Mä et muss esou sinn, dass awer all Mënsch zu engem rasonnabele Präis ka Waasser iwwerall kréien, egal wou en am Land wunnt.

» **M. le Président.** - Här Gibéryen, den Här Gira wëllt eng Fro stellen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech hunn net vill Zäit, duerfir wëll ech am Fong weiterfuere. Ass et den Här Gira, dee gären eng Fro wëllt stellen? Den Här Gira, mengen ech, huet och nach Zäit. Ech weess net, ob ech mat menger Zäit auskommen.

(*Interruption*)

» **M. le Président.** - Da fuert weider.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech hu vun der Subsidiaritéit geschwat an hu gesot, dass mer der Meenung sinn, dass Europa an enger Rei vu Saachen an Domänen de Prinzip vun der Subsidiaritéit huet, dass d'Nationalstaaten déi also am Kader vun der Subsidiaritéit musse kennen decideréieren. A bei de Gemengen, géif ech soen, gëtt et ee Punkt, wou d'Subsidiaritéit voll spillt, dat ass, d'Gemengen därefe Rechnungen ausstellen. D'Gemenge mussen d'Rechnungen ausstellen.

Elo kréie se gesot, wéi se hire Präis musse berechnen, a kréien och dem Stat seng Tax fixéiert, also déi zéng respektiv déi 19 Cent. Si stellen de Leit d'Rechnung aus. Et sinn d'Gemengen, déi d'Gelder souwuel fir d'Gemenge wéi fir de Stat mussen encaiséieren. Do huet de Subsidiaritéitsprinzip voll a ganz gespillt.

De schwaarze Péiter kréien d'Gemengen a se mussen dann elo alleguer virun 2010 am Fong hir Taxen esou berechnen, fir dass se der Direktiv vum 1. Januar 2010 un entspreche kënnen.

Mir hunn en eenheetleche Berechnungsmodus. De Käschtendeckungsprinzip soll am Prinzip spillen. D'Käschten an d'Gestioun vun der Gemeng si vu Gemeng zu Gemeng verschidden. Dat ass normal an duerfir wäerten och nach Differenzen tëschent deenen eenzelne Gemengen erauskommen, mä déi awer haut wäerten opgrond vum Berechnungsmechanismus vill méi no beieneekommen, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Et gëtt Gemengen, déi hu gutt Infrastrukturen, déi hunn an de leschten zéng, 20 Joer vill investéiert an d'Waasser- an d'Ofwaasserinfrastrukturen. Si hu gutt investéiert a Waasserinfrastrukturen. Si hunn zum Beispill keng Fuiten oder wéineg Fuité méi. Aner Gemengen hu vill Fuiten. Alles dat huet eng Répercussioun op de Präis.

Duerfir ass et och wichteg, dass mer dat um Niveau vun de Gemenge loosse an dass mer keen nationale Waasserpräis tel quel fixéieren, well déi Gemengen, déi investéiert hunn an hir Infrastrukturen an doduerch e bessere Rendement kréien, hu jo iwwert de Wee vun hirem Budget Investitiounen an der Vergaangenheet gemaach, an dass duerfir dann awer herno de Waasserpräis eventuell liicht méi bëlleg ass wéi an anere Gemengen, schéngt mer awer eng normal Konsequenz vun där Politik.

Et wier och falsch, wa mer géifen en eenheetleche Waasserpräis maachen, well d'Gemengen dann net méi ugehalen wieren, fir vläicht esou intensiv an d'Infrastrukturen ze investéieren, wéi dat am Fong d'Normalitéit misst iwwerall sinn. Duerfir ass ganz kloer, dass et Differenzen tëschent de Gemenge wäert ginn.

Eng Fro, déi an der Kommissioun diskutéiert ginn ass an op déi ech awer bis haut keng kloer Äntwert kritt hunn - ech wier vläicht frou, wann de Minister nach eng Kéier géif herno bei senger Interventioun e Versuch maachen, fir net nëmme mir, mä och nach ville Leit am Land a virun allem de Gemengen dat ze soen: Wéi grouss ass de Sputt vun enger Gemeng bei der Applikatioun vun der Berechnung?

Et ass eng Kéier gesot ginn, d'Gemenge kënnen am Prinzip awer dach bal maachen, wéi se wëllen. Déi aner Kéier ass gesot ginn, si musse sech strikt un d'Gesetz, un d'Konditiounen halen. Do gesäit een net kloer. Et misst een also emol genau wëssen, wéi grouss iwwerhaapt de Sputt ass.

A wat ass, wann eng Gemeng net virum 1. Januar 2010 higee a seet, mir applizéieren dat doten tel quel, wéi et gewënscht ass, mir sinn aus där enger oder anerer Ursaach anerer Meenung?

Da muss ee wëssen, dass de Präis, wann en esou applizéiert gëtt, an d'Luucht geet. Ech hunn déi Ausso vum Kolleeg Gilles Roth de Moien hei net esou richtig verstanen. De Kolleeg Gilles Roth huet gesot, de Waasserpräis gëtt am Prinzip net méi deier; wat soss iwwert de Budget bezuelt gëtt, dat gëtt elo vun de Leit bezuelt.

(*Hilarité*)

Jo, da kann ee vläicht soen, global gesinn huet et nach ëmmer datselwecht kascht. Mä fir deen Einzelne gëtt et awer méi deier! Dat hat den Här Roth wahrscheinlech a sengen Iwwerleeungen net esou prezisiéiert.

Dat ass d'Beispill vun Tandel, wou gesot gëtt, ma et huet och elo schonn aacht Euro kascht, wann d'Leit och keng aacht Euro bezuelt hunn, der nëmmen dräi bezuelt hunn, a wa muer d'Leit déi aacht Euro bezuelen an de Budget se net méi finanzéiert, dann ass et global gesinn net méi deier ginn, mä et gëtt awer méi deier fir d'Leit.

Et muss een oppassen, dass déi Nuance do vum Här Roth net ënnergeet an d'Leit herno mengen, et géif fir si och net méi deier ginn. Ech wollt dat just dofir kloerstellen. Et gëtt méi deier. Dat muss een de Leit soen.

Et muss een dovun ausgoen, dass et an der Moyenne pro Kapp, pro Bierger dierften 200 Euro d'Joer sinn, wat d'Waasser méi deier gëtt. Dat ass net näischt.

Bei enger Famill mat zwee Kanner muss een dovun ausgoen, dass déi bei engem normale Waasserverbrauch bis 800 Euro d'Joer zousätzlech wäerte kréien. A wa mer wëssen, wat an den nächste Jore souwisou op d'Leit alleguer duerkënnt - mir hu gëschter a virgëschter d'Budgetsdebatte hei gehat, wou mer heibannen eis eens doriwwer waren, wéi schwéier d'Situatioun wäert an deenen nächste Jore ginn, fir de Stat, fir d'Gemengen, dass d'Budgeten net méi wäerten opgoen, wou dann nach zousätzlech Belaaschtungen kommen -, da muss een dat heiten och doranner mat apaken a soen, dass et da fir ganz, ganz vill Leit méi enk gëtt.

Mir bedauern, dass mer net de Gemengen d'Méiglechkeet ginn hunn, fir do méi sozial an den Tarifier virzegoen. Déi Proposition, déi an d'Gesetz do bäikomm ass, dass d'Gemenge kënnen eng Allocation de vie chère iwwer e Reglement aféieren, ass ze begrëssen. Dat war am Fong eng Iddi - dat muss ee fairerweis soen -, fir déi de Kolleeg

Negri sech an der Kommissioun vill agesat huet, bis et esou wäit war, datt dat an d'Gesetz komm ass. Dat war déi lescht Méiglechkeet, déi mer an déi Richtung nach konnten duerchsetzen, well vun der Regierung aus war am Fong net virgesinn, fir eng sozial Komponent mat an dat Gesetz hei eranzebréngen. Et huet laang gedauert, bis dat doten drakomm ass.

Mä et muss een awer wëssen, datt dat doten och erëm eng Prozedur ass - ob-schonn ech frou sinn, datt se drakomm ass -, wou sech awer d'Leit erëm esou e bësse wéi d'Heescherten hei am Land musse virkommen. D'Leit mussen och elo fir d'Waasser eng Demande maachen. Si mussen op d'Gemeng goen an da musse se eng Demande maachen. Si musse Certificatë bréngen. Si musse Paperasse bréngen. Et mussen Prozedure lafen, fir de Leit dann eng Allocation de vie chère zoukommen ze loossen.

(**Interruption**)

Vill Leit fille sech gekränk't an hirer Eier, datt se an engem Land wéi Lëtzebuerg mussen Démarché maache goen op eng Gemeng, fir eng Allocation de vie chère ze kréien, fir wéi an dësem Fall eppes Normales, wat dat Normalst vun der Welt misst sinn, fir kënne Waasser hei ze kréien.

Da sinn ech och, Här President, der Meinung, datt - esou wéi mir d'Direktiv hei ëmsetzen - Lëtzebuerg da wäert herno dat Land sinn, wat, souwuel wat d'Waasser wéi d'Ofwaasser ubelaangt, dat deierst Waasser wäert hunn an der ganzer Europäescher Unioun.

Mir sinn dat lescht Land, wat d'Direktiv ëmsetzt. Mir hunn an der Kommissioun eng Tabell kritt, net vun alle Staten, mä vu ville Staten, wou deenen hir Tariffer opgezeechent si ginn, an déi d'Direktiv awer ëmgusat hunn, vläicht nach net applizéieren,...

(**Interruption**)

...vläicht net applizéieren,...

» **Une voix**. - Dat ass wichteg.

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**. - Dat ass wichteg. ...mä déi leien esou déif! Wa mer Italien kucken, wou et praktesch ënner engem Euro läit, da misst jo awer an Italien, kéint ech mer virstellen, wann déi se esou applizéiere wéi mir - an ech ka mer virstellen, datt d'Waasserschutzmoossnamen an d'Ofwaasserbetreiung do net ka méi bëlleg si wéi hei -, wann dann do misst d'Waasser och herno op siwen, aacht, néng Euro eropgoen, da kéint ech mer virstellen, datt an Italien géif d'Revolution ausbriechen.

Duerfir mengen ech, wa mir fäerdeg sinn, da si mir hei zu Lëtzebuerg dat Land, an dat huet sech jo aus där Tabell eraus erginn, wat herno wäert deen deierste Waasserpräis an Ofwaasserpräis a ganz Europa hunn.

Wa mer awer elo hei iwwert déi Taxe méi Suen an d'Statskeess erakréien, da misste mer och à même sinn, fir méi séier an eis Kläranlagen ze investéieren, fir d'Land wierklech flächendeckend ze versuergen. Et misst eist Zil sinn, och wa mer elo kuerz virun 2009 sinn, dat awer bis 2015 ze realiséieren.

Ech géif vun eiser Säit aus och do proposéieren, dat virzezéien. Mir hu gëschter a virgëschter hei esou vill dovunner geschwat, datt Projete misste virgezu ginn, fir eisem Bau, eisem Handwierssektor méi Commanden zoukommen ze loossen. Hei wier eng Méiglechkeet, fir dat virzezéien. Hei kritt de Stat zwar eréischt vun 2010 u méi Suen duerch déi Tax hei a sâi Fong, mä näischt kéint verhënneren, datt de Budgetminister géif Kreditter, déi op anere Fongezinn, dësem Fong elo zousätzlech virgezunn zur Verfügung stellen, déi hien dann herno kéint erëm iwwert de Fong, well Suen ze vill do sinn, zrëckginn, datt hei also Gelder géife virgestreckt ginn, fir esou séier wéi méiglech am Land doranner ze investéieren, fir och der Kris ze begéinen an op där anerer Säit eist Zil ze errechen.

Well et wier wierklech blamabel, wa mir, eent vun deene Länner, wat sech jorzéngteleaang iwwerall gebreetz huet, eent vun de räichste Länner vun der Welt ze sinn, 2015

misste soen, mir hunn et net fäerdeg bruecht, datt eist Ofwaasser gekläert a propper ass.

En anert Wuert nach. Här President, ech mengen, datt et e ganz komplizéiert Gesetz ass, well d'Kommissioun 19 Sitzungen doriwwer getaagt huet, a mer nach, wa mer ganz éierlech sinn, an enger ganzer Rei vu Froen, wa mer géifen heibannen en Oral maachen, géife vill Noexame kréie bei de Membere vun där Kommissioun, well se an enger Rei vu Froen nach net genau wëssen, wéi alles gemengt a geduecht ass a wéi et applizéiert gëtt.

Da musse mer wëssen, wéi mer dat deenen 116 Gemengen elo wäerte bannent e puer Méint bäibréngen, esou datt déi verstinn, wat mir nach net alleguer esou richtig verstanen hunn, déi elo iwwer zwee, dräi Joer alles am Detail matdiskutéiert hunn.

Duerfir ass et eng wichteg Saach fir de Minister, datt hie sech elo wierklech esou guut organiséiert mat senge Servicer, fir datt d'Ëmsetzen an d'Applikatioun vun deem Gesetz hei och esou séier wéi méiglech wäerten un d'Gemenge weidergoen, well soss kréie mer de Problem, datt dat och nach zousätzlechen administrativen Opwand wäert bréngen. Ech mengen, däers si mer eis bewosst, an dat mécht d'Saach net méi licht.

Här President, meng Riedezäit ass elo ofgelaf. Duerfir géif ech soen, Här President, ofschléissend, datt d'Landwirtschaft eng ganz wichteg Roll, eng duebel Roll heiranner ze spillen huet, souwuel wat de Schutz vun de Gewässer ugeet wéi och beim Ofwaasser.

Duerfir schéngt et eis wichteg - well mer et schonn net konnten iwwert de Wee vum Gesetz erméiglechen -, datt mer do speziell Waasserpräisser kënne fixéieren, fir deenen zousätzleche Belaaschtungen, déi d'Landwirtschaft kritt, entgéintzekommen. Duerfir hu mer och déi Motioun mat ënnerstëtzt, fir datt mer iwwert dee Wee da staatlech Hëllef vis-à-vis vun der Landwirtschaft kënne bewëllegen, fir do e gerechten Ausgleich ze maachen, well ouni eng Landwirtschaft, déi an dësem Domän matschafft, ass souwisou dat Ganzt net vu groussem Sënn.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier betounen, datt mir dësem Gesetz net wäerten zoustëmmen.

» **Une voix**. - Très bien!

» **M. le Président**. - Merci, Här Gibéryen. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**. - Merci, Här President. Och dem Här Rapporteur Félicitatiounen fir säin explizite Rapport.

Ech begrëissen et, dass mer och endlech opgrond vun enger Direktiv elo kënne kloer Kritären aféieren, déi versichen, all Facettë vum Waasserverbrauch a vum Waasserschutz ze regelen.

Och wa verschidden Dispositiounen aus dem Gesetz hei vläicht zimlech diktatoresch kléngen, well de Ministère de tutelle iwwerall d'Dispositiounen praktesch huet, esou schéngt et mer awer wichteg, dass mer all Verdeelungs- a Schutzmoossnamen musse koordinéieren, wa mer wëlle konsequent virgoen.

Dass d'Waasser eng liewenswichteg Substanz ass, brauch wuel net extra ernimmt ze ginn. An obwuel mer allegueren hei där Meinung sinn, gi mer awer, mir mat ageschloss, ganz oft onverantwortlech domat ëm, ouni eis deem awer meeschtens bewosst ze sinn.

Mir si gewinnt eben, dass aus eise Krinn dat propperst Waasser vun der Welt erausleeft a stellen eis ganz rar Froen, wéisou dass dat esou ass a vu wou dass et hierkënn. Eist Waasser ass esou guut an esou propper, dass mer et zu Biekerech souguer direkt a Fläsche kënne fëllen a verkafen.

Här President,...

(**Interruptions diverses**)

Awer recycléierbar. Dat muss awer emol kloer gesot ginn.

» **Une voix**. - Absolut!

» **M. le Président**. - Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**. - Här President, d'Waasser ass en Allgemenggutt a gehéiert all Mënsch, an duerfir muss och all Mënsch Zougang dozou hunn, ouni dass hie muss op aner Servicer aus finanzielle Grënn verzichten.

Et duerf duerfir net virkommen - an ech si frou, dass dat hei och kloergestallt ginn

ass -, dass d'Waasser liberaliséiert an domadder och kommerzialiséiert ka ginn.

Den Här Rapporteur huet Recht, wann hie seet, dass an Zukunft, wann net schonn elo, a verschidde Regiounen vun der Welt d'Recht op Waasser zu Konflikter ka féieren. Ech si verschiddentlech an Afrika a weess, wéi schlëmm et ass, wa Waassermangel besteet, a wéi schlëmm et awer och ass, wann een dat Waasser, wat ee verfënn't, och nach muss ofkachen, fir dass een et iwwerhaapt kann drénken, wann een net wëllt riskéieren, dass een eng Krankheet opreeft.

Duerfir muss kloer vermëttelt ginn, dass ee mam Waasser soll virsiichteg ëmgoen, an et musse kloer Kritären agefouert ginn, fir dass d'Waasserleef och net onnéideg verschmotzt ginn. Wat d'Waasser méi propper gehale gëtt - dat soll och emol kloer sinn -, wat mer manner Infrastrukture brauchen, fir et ze sanéieren, a wat esou de Präis och méi niddreg gehale ka gi vum Waasser.

Duerfir ass et effektiv esou, wéi schonn hei virgefouert ginn ass, dass mer onbedéngt déi Kläranlagen alleguer mussen awer realiséieren, déi mer brauchen, fir dass mer proppert Waasser behalen.

Mir sollen och spuersam domat ëmgoen an de Leit kloermaachen an eis bewosst sinn, dass, wann d'Klima sech nach méi erhëtzt, d'Waasser enges Daags méi eng grouss Valeur kritt wéi d'Gold.

Ech wëll, Här President, awer och net hei verfeelen, e puer Bemierkungen ze maachen zum Waasserpräis. Et gëtt de Gemengen erëm zougeschoustert, dass se Méiglechkeete schafe mussen, fir de Waasserpräis sozial ze gestalten. Dat heescht, de Stat schreift e Waasserpräis vir, an d'Gemenge mussen dann derfir suergen, dass e fir d'Bierger sozial verträglech gëtt.

Fir mech wier et virop méi kloer gewiescht, wa mer vun uewen erof e klore soziale Präis fir deen eenzelne Verbraucher definéiert hätten. Dat heescht, ee Präis fir deen Eenzelnen a fir déi Leit, déi sozial schwaach sinn, mat enger sozialer Staffelung. Awer dann e klore Präis fir d'Famillje mat Kanner, an dat jee no Zuel vun de Kanner, well d'Famillje mat Kanner jo dee gréisste Waasserverbrauch hunn. Well et kann einfach net sinn, dass duerch d'Héicht vun engem Waasserpräis dann op eemol déi elementar Hygiène fir d'Kanner précariséiert kéint ginn.

Et duerf och net sinn, dass d'Gemengen d'Taxe fir d'Waasser mussen andreiwen an da musse Sozialhëlfelefen zouschousteren, fir déi dee Betreffenen dann erëm eng Kéier muss bei d'Gemeng biedelege. Dat ass eng aarmséileg Heeschepolitik, déi et bei verschidden aneren Taxenerhéijungen och scho gëtt. Dat heescht, wann ech d'Escher Gemeng kucken, do ginn dann d'Taxen ëm sechs Milliounen erhéicht, an da gëtt eng Millioun an de Budget agesat, fir dat sozial ofzefiederer. Dat ass eng Politik, déi...

» **Une voix**. - Dat ass eng geziilt Sozialpolitik!

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**. - Dat nennt Dir geziilt Sozialpolitik, wann d'Leit mussen heesche goen?

(**Interruption**)

Wann d'Leit musse bei d'Gemengen heesche goen, dat nennt Dir Sozialpolitik?

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG)**. - Dat ass net heeschen. Fir d'Kannergeld muss ee jo och eng Demande maachen.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)**. - Et gëtt eng Méiglechkeet, fir d'Präisser esou ze staffelen, dass d'Leit net brauchen heeschen ze goen. Dir misst lech vläicht emol eng Kéier doriwwer Gedanke maachen.

(**Interruption**)

Jo, mä natierlech, wann Dir fäerdeg sidd, geet technesch guer näischt.

(**Interruption**)

Et geet just dat, wat Dir gären hätt, awer dat, wat einfach realistesch ass a wat ouni vill Problemer kéint geregelt ginn, dat kritt Der net ronn.

Ech soen lech, d'Recht op Waasser duerf net duerch en onsoziale Waasserpräis hypothekéiert ginn, a wann dat Gesetz hei duerchgeet, da geschitt dat awer.

Här President, dann nach ganz kuerz e Wuert zum Ofwaasser. Och do sinn d'Gemengen zoustänneg fir d'Andreiwéi vun dëser Tax, eben doduerch, well iwwert d'Compteure vun de Gemenge festgestallt gëtt, wéi vill Waasser verbraucht gëtt. D'Ofwaassertax kann also fir deen eenzelne Bierger a fir d'Betriben aus där Gemeng,

wann deenen hir Compteure vun der Gemeng kontrolléiert ginn, genau berechent ginn.

Mä wéi ass et awer mat deene Betriben - an där gëtt et -, déi hiert Waasser direkt vun der SES geliwwert kréien an net um Compteur vun enger Gemeng hänken? Wie verrechent do d'Ofwaassertax? Well mir hunn hei am Land eben där Betriben nach ëmmer, wéi zum Beispill d'Brauereien oder wéi zum Beispill ArcelorMittal, déi doduerch, dass se hiert Waasser direkt vun der SES kréien, net iwwert d'Compteure vun de Gemenge fueren an doduerch och hire Waasserpräis net esou kënne verrechent kréien.

Wie verrechent deenen hire Waasserpräis? Well och déi hu schlisslech jo awer mat-zehëlfelefen, dass mer eist Waasser propper halen, a solle Strukture matfinanzéieren, fir d'Waasser propper ze halen.

» **M. le Président**. - Merci, Här Jaerling. Den nächsten a leschte Riedner ass den Här Kaes.

» **M. Ali Kaes (CSV)**. - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, erlaabt mer emol fir d'éischt, mengem Frënd a Kollege Marco Schank fir seng vill Aarbecht, déi hien an engem schwierigen Dossier gemaach huet, ze félicitéieren a Merci ze soe fir alles dat, wat hie beweegt huet.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Et ass ganz richtig, an deem Gesetzesprojet hei gëtt et sécher ganz, ganz villen, wat positiv ass a wat fir d'Zukunft, wann et da soll gestëmmt ginn, eng ganz Rei Ännerungen erbäifeiert.

Et ass richtig, wann ee seet, datt endlech e Kadergesetz kënnt, wat u sech all Problemer beréiert, déi d'Waasser ugeet.

Awer et ass och richtig, an et ass scho méi dacks heibanne gesot ginn, datt dat dote Gesetz riskéiert net d'Problemer vun den Ënnerscheeder vum Präis vum Dréknwaasser a vun den Ënnerscheeder vum Präis vum Ofwaasser ze léisen, an domadder den enormen Ënnerscheed tëschent de Präisser jee no Regioun, jee no ländlechem respektiv städteschem Raum.

Jo, et ass heibanne gesot ginn, datt ech ee vun deene wier, déi absolut kämpfe fir en eenheetlechen, en Eenheitswaasserpräis. Ech kann deene Leit, déi dat gesot hunn, nëmme soen, dat stëmmt. Ech sinn e ferventen Unhänger vun engem Eenheitswaasserpräis, an dat aus ganz gudden an aus trëftegen Ursachen.

Et ass ganz einfach esou, datt den eenzelne Bierger awer och a kenger Hisiicht verantwortlech ass fir dee Präis, dee Gestehungspräis vum Waasser, deen nun emol a senger Regioun respektiv fir seng Gemeng, fir säin Duerf ufält. Et ass also ganz kloer, datt d'Facteuren, déi a sech zu deem Gestehungspräis féieren, vun enger ganzer Rei vun eenzelne Problemer ofhänken, déi e risegen Ënnerscheed ausmaache kënnen tëschent dem städtesche Raum, wéi ech et scho gesot hunn, an dem ländleche Raum.

Ech wëll och hei ganz kloer eng Rei vu Beispiller opzielen, an da wëll ech ganz kloer un d'Adress vum Här Gira soen, datt, wann de SIDEN, dee jo hei zitéiert ginn ass, méi deier Kläranlage baut - wann dat da soll de Fall sinn an deem engen oder anere prezise Fall -, dann huet dat och prezis Ursachen.

Et ass nun eben en Ënnerscheed an der Klärtechnik, ob een dat Ofwaasser an eng kleng Baach entléisst oder ob een dat Ofwaasser an e méi grouse Floss entléisst. Do muss gegebenenfalls eng aner Klärtechnik agesat ginn.

Dann ass et och en immensen Ënnerscheed, ob een esou eng Anlag a méi engem sensibelen Naturgebitt baut oder net. Grad den Här Gira misst dat jo voll a ganz ënnerstëtzen, datt mer versichen, wa mer Kläranlagen bauen, wéi déi am Heischtergronn, wat eng deier Kläranlag gëtt, wat och duerno ganz deier wäert ze stoe kommen, mä ech kommen nach dorop ze schwätzen. Wann een an engem onberéierte Sauerfall eng Anlag muss histellen, da muss een do op vill Elementer oppassen, fir datt dat esou verträglech mat der Natur ass wéi iergendwéi méiglech. A wann deem esou ass, Dir Dammen an Dir Härren, da bréngt dat Käschte mat sech.

Da bréngt dat schonn einfach Käschte mat sech, well déi zoustänneg Instanze vum Environnement eis Oplage ginn, déi se an anere Regiounen, déi se op aner Plazen, Dir Dammen an Dir Härren, an där Form ganz einfach net ginn, well dat Gebitt do manner sensibel ass. Esou wäit zu dem Ënnerscheed tëschent de Kläranlagen.

Dann ass et ganz kloer esou, datt et och vun der Topographie ofhänkt. Ech hunn do zwou Méiglechkeeten: Ech baue fir all Duerf eng

Et stoung dran, datt an enger Iwwergang-szäit een a sech misst esou no wéi méiglech beienee komme fir d'Ménagen, an dat doduerch, datt ee géif soen, all déi Infrastrukturen, déi ausserhalb vun den Agglomeratioune leien, datt een déi Käschten, déi doraus resultéieren, zesummerechent...

(Interruptions diverses)

...an dann do d'Solidaritéit spille léisst; dat ass ganz kloer. Och dat stoung...

Gitt mer eng Chance! Ech erklären lech dat alles.

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Här Gibéryen, wann ech gelift, da loosst awer den Här Kaes hei seng Ausféierunge maachen!

(Interruption)

» M. Ali Kaes (CSV).- Ech erklären lech, firwat datt se net deponéiert ginn ass. Ech hätt et schonn erkläert, wann Der fäerdeg wiert mat Äre Remarquen.

(Interruption)

Dir kommt zu Éieren, datt Der dat erkläert kritt.

(Interruption)

Hei, den Här Bausch huet och schonn eppes héieren.

(Hilarité et interruption)

Et ass also ganz kloer, datt do och drastoung, datt, wéi gesot, bei allem, wat un Infrastrukturen ausserhalb den Agglomeratiounen ass, misst eng absolut Solidaritéit spillen, iwwert de Fonds de compensation, iwwert de Statsbudget. Och dat stoung do dran. An et steet natierlech an där Motioun, oder an deem Projet de motion stoung dran, oder steet dran,...

(Brouhaha et hilarité)

Also gleeft mer es, Dir kënnt hei esou laang laache wéi Der wëllt, dat stéiert mech grad kee Pond. Ech soen dat hei, wat ech ze soen hunn.

(Interruption)

Ech kann lech soen, ech hu ganz vill Bierger, déi därselwechter Meenung sinn. Dat wäert Der da vläicht...

(Interruption)

...an deenen nächste Méint gesinn, wéi vill Bierger därselwechter Meenung sinn!

(Brouhaha)

» M. le Président.- Här Kaes, loosst lech net provozéieren a fuert virun!

» M. Ali Kaes (CSV).- Ech wëll ganz kloer hei soen, datt an där Motioun ebenfalls drastoung, datt et, soubal dat Gesetz ëmgesat géif ginn, misst en Eenheetswaasserpräis fir d'Agriculture an en Eenheetswaasserpräis fir d'Industrie ginn.

» M. le Président.- Här Kaes, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Bausch?

» M. Ali Kaes (CSV).- Selbstverständlech, Här Bausch.

» M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här Kaes, kënnt Der ons wann ech gelift soen, wou deen Text ass, well et wierklech interessant...

» M. Ali Kaes (CSV).- Dat kënnt elo alles!

» M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Neen, den Text, datt mer dee virleien hunn. Normalerweis ass d'Chamber...

» M. Ali Kaes (CSV).- Ma dat kënnt alles. Ech hunn lech elo alles gesot an ech erzielen lech elo, firwat datt Der en net virleien hutt.

(Hilarité)

» M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Mä mir hätten awer gär den Text.

» M. Ali Kaes (CSV).- Mä dat ass guer kee Problem. Ech erzielen lech elo, firwat datt Der en net virleien hutt.

Deen Text ass - ech soen dat och ganz kloer -, wéi mir dat douewe fleeegen ze soen, op menger Mëscht gebuer.

gehéieren erëm eng Kéier virun allem eng Rei méi kleng ländlech Gemengen.

Et gëtt Gemenge vun aacht Dierfer, wat dann d'Gemeng Tandel ass, déi haut jo esou dacks ernimmt ginn ass. Wann ech awer dann op Wëntger ginn, da sinn dat 20 Dierfer. Wann esou Gemengen net IVL-gerecht sinn, dann ass dat eng national Décisioun, dann huet dat och mat Sécherheet seng Ursachen an da muss een op bestëmmte Saache Rücksicht huelen. A wann de Stat décidéiert, wa mir décidéieren, datt dat soll geschéien, da kann ech awer net gläichzäiteg soen: Herrschaften, Dir hutt awer elo Pech, Dir kënnt lech net entwéckelen!

Well nëmmen doduerch, datt ech vill Leit méi kréich, datt ech vill Leit méi a meng Gemeng kréich, kéint ech mäi Präis reduzéieren. An iwwert dee Wee, datt ech awer gebremst ginn, fir méi Leit an d'Gemeng ze kréien, ass et ganz kloer esou, datt de Präis pro Kubikmeter Waasser fir meng Bierger oder fir d'Bierger aus all deene Gemengen, déi an därselwechter Situatioun sinn, wäert extrem, extrem héich bleiwen.

Dann ass et och ganz kloer esou, datt mer nach en anere Problem hunn. Et ass schonn am Gesetz virgesinn, datt een e spezielle Präis soll fir d'Landwirtschaft maachen an datt een e spezielle Präis soll fir d'Industrie maachen.

Dat ass alles schéin a gutt, mä och hei soen ech ganz kloer - ech fänken emol bei der Landwirtschaft un -, d'Bauere brauche ganz, ganz vill Waasser a sinn op dat Waasser absolut ugewisen. Da kann et also net sinn, datt, jee nodeem wou ech Bauer sinn, u sech dat Wéinegt, wat ech souwisou als Bauer nach verdéngen, och nach zu engem groussen Deel dovun ofhänkt, ob ech Waasser zu engem rasonnabele Präis kréien oder net.

An duerfir soen ech ganz kloer, et kann net aneschters sinn, wéi datt et an deem Land hei ee Präis,...

(Interruption)

...ee Präis fir d'Landwirtschaft gëtt an ee Präis och fir Betriber gëtt.

Och hei huelen ech e Beispill: Wann e Schluechthaus zu Ettelbréck en enorm deiere Präis un Ofwaasser ze bezuelen huet, well dat Ofwaasser an enger héich technologescher Kläranlag gebotzt gëtt, an op anere Plazen eventuell e Schluechthaus steet, wou d'Ofwaasser net vill bis guer net gerengegt gëtt, dann ass dat ganz kloer eng Concurrence déloyale.

A fir déi Concurrence déloyale ze verhënnere, soen ech och ganz kloer, kann et nëmmen esou sinn, datt et ee Präis gëtt och fir d'Industrie, dat heescht fir d'Betriber.

Ech wëll och ganz kloer soen, datt een dee Solidaritéitsfacteur, deen elo scho méi dacks genannt ginn ass, hätt kënne wonnerbar spille loosse - an et gëtt eng Rei Leit heibannen, déi därselwechter Meenung sinn -, wann een de Courage gehat hätt, déi Taxe de prélèvement an déi Taxe de rejet, déi eng vun zéng Cent an déi aner vun 19 Cent, e gudde Krack méi héich ze maachen - ech soen dat ganz kloer, - an dat ze huelen, fir déi Ausgläicher spillen ze loosse, fir datt ee kann an enger Iwwergangszäit, bis een all déi Mechanismen ëmgewandelt huet, déi eventuell haut net direkt den Eenheetswaasserpräis erméiglechen, déi Suen huelen, fir déi Ausgläicher ze schafen, an domadder net vun engem harmoniséierte Waasserpräis schwätzt, wat keen harmoniséierte Waasserpräis ass.

Well wann een eng harmoniséiert Berechnungsmethod oder déiselwecht Berechnungsmethoden huet, da gesitt Dir jo un deene Beispiller, déi ausgerechent gi sinn, wat fir eng Ennerscheeder an der Realitéit entstinn.

Duerfir kann et wéi gesot net aneschters sinn, wéi datt mer iwwert deen dote Wee oder iwwer aner Weeër - ech wëll dat nach eng Kéier soen - definitiv zum Eenheetswaasserpräis kommen.

An da kommen ech lues a lues zum Schluss a wëll soen...

» Plusieurs voix.- Neen! Oh!

» M. Ali Kaes (CSV).- Dir musst lech nach e bësse gedéllegen.

Da kommen ech lues a lues zum Schluss an ech wëll lech soen, datt u sech eng Motioun virbereet war, déi all deenen dote Facteure Rechnung gedroen huet. An deem Text stoung kloer dran, datt soll ebe Rücksicht geholl ginn tëschent dem ruralen an dem urbane Beräich, dat heescht tëschent dem ländlechen an dem städtesche Raum. Et stoung och ganz kloer dran, datt d'Zil muss sinn, „dans les meilleurs délais“ en Eenheetswaasserpräis ze kréien.

» M. le Président.- Wann ech gelift! Den Här Kaes huet d'Wuert a soss keen.

» M. Ali Kaes (CSV).- ...an déi véiert Rengegungsstuf nennt sech Désinfection an ass dofir do, fir datt ënnert där Kläranlag an der Sauer u sech een nach soll kënne schwamme goen.

Dat ass jo just fir den Här Schank oder fir déi aner Buergermeeschterkolleegeen aus där Regioun, oder ass et net zoufälleg fir d'Allgemengheet?!

Den Här Schank a seng Buergermeeschterkolleege mussen awer hire Bierger herno déi Käschten, déi doraus resultéieren, verrechnen. An da soen ech lech, dat ass absolut ongerecht!

» M. Carlo Wagner (DP).- Här Schank, dat do ass net einfach!

» M. Ali Kaes (CSV).- Esou einfach ass dat. Dat ass absolut ongerecht, an duerfir kann een dat doten net esou gesinn, an duerfir soen ech ganz kloer, et kann nëmmen een Zil an deem Land hei sinn, dat ass aus all deene Fakten...

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Här Bettel, den Här Kaes huet d'Wuert.

(Interruption)

» M. Ali Kaes (CSV).- Aus all deene Facteure muss d'Solidaritéit spillen - Merci, Här Bettel. Et duerf net de ländleche Raum d'Käschten droe vun där ganzer Operatioun, mä hei muss ganz kloer an deem Land d'Solidaritéit spillen, an d'Solidaritéit kann nëmmen esou sinn, datt mer an deem Land dans les meilleurs délais en Eenheetswaasserpräis kréien: fir all Bierger deeselwechte Waasserpräis. Well, Här Gira, mir hunn och deeselwechte Stroumpräis. Mir hunn deeselwechten Telefonspräis, an och den öffentlechen...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Wann ech gelift!! Den Här Kaes huet d'Wuert a soss keen. Loost hien dach a Rou schwätzen!

(Interruptions diverses)

» M. Ali Kaes (CSV).- ...Transport ass ganz kloer eng Saach vun Ennerstëtzung och am ländleche Raum, well do fuere bekanntlech manner Leit mat dem Bus.

(Interruptions)

Här Bausch, Solidaritéit...

(Interruption)

Dir misst lech och e bësse vläicht emol eng Kéier iwwerleeën, wat dat Wuert Solidaritéit bedeit. Méi wëll ech lech net soen.

Ech wëll nëmme just hei soen, datt och den öffentlechen Transport eenheetlech opgebaut ass an et do also och keng Differenze gëtt.

An da kommen ech, Dir Dammen an Dir Hären,...

(Brouhaha général)

An da kommen ech...

Här Bettel, et wier eng Ursach fir déi Uertschaft, eleng well Dir deen Numm...

» M. le Président.- Lauschtert emol, wann ech gelift!

(Coups de cloche de la Présidence et hilarité générale)

Lauschtert, ënnert deenen doten Ëmstänn kann den Här Kaes jo hei keng korrekt Ried halen.

» Une voix.- Mir si jo net an enger Büttenried hei!

» M. Ali Kaes (CSV).- Wien d'Büttenried hei gehalen huet, dat sief emol dohinnergestallt. Schwätzt emol mat Ärem Kolleeg vun hannendrun.

(Hilarité générale)

Net méi spéit wéi de Moien hunn erëm eng ganz Rei Gemengen de Pacte logement ënnerschrifwen, wou et ënnerschiddlech...

» Une voix.- Loost mer emol doriwwer schwätzen!

» M. Ali Kaes (CSV).- ...Präisser gëtt, jee nodeem ob ee sech ganz schnell, schnell oder méi lues soll développéieren, dat heescht wuessen a senger Gemeng. Déi, déi ganz schnell solle wuessen, déi kréie méi en héije Präis wéi déi, déi IVL-gerecht solle wuessen. Dat anert si jo d'CDaen. An da gëtt et déi, déi méi lues solle wuessen. An dozou

Kläranlag an ech brauch d'Waasser zum Beispill net ze pompelen. Datselwecht gëllt och fir d'Drénkwaasser, well och do muss een et emol op deen héchste Punkt kréien, fir et dann am fräie Fall lafen ze loosse. Mä et ass awer ganz kloer esou, an ech huelen erëm d'Beispill Heischtergronn, wou eng Kläranlag gebaut gëtt, wou sechs Gemenge dran ausschëdden a wou et, wéi op villen anere Plazen, méi Héichten an Déifte gëtt an doduerch dacks muss gepompelt ginn, an doduerch ënnerwee komplizéiert Infrastrukture musse gebaut ginn. Dat ass ganz dacks de Facteur, deen dozou féiert, datt déi gesamt Infrastruktur an engem enorme Mooss méi deier gëtt, ouni datt mer gëlle Krinn - wéi dat mer jo bei dëser oder där Geleeeënheet zu Quere komm ass, a wat och Termé waren, déi an der Kommissioun gesot gi sinn - am Norde géifen an d'Kläranlagen abauen.

Ech wëll just alleguerten deene soen, déi déi Anlage wëlle kucke kommen, datt do Qualitéitsmaterial verwennt gouf, well wa mer net Qualitéitsmaterial verwennen, da kënne mer se no zéng Joer zrëck oder nei bauen. Duerfir setze mer korrekt Material an, mä et si bäi Wäitem keng gëlle Krinn. Et ass just dat, wat ee brauch, fir eng optimal a laangfristeg orientéiert Ofwaasserentsuergung am Norden ze assuréieren.

» Une voix.- Très bien!

» M. Ali Kaes (CSV).- Et ass also ganz kloer, wann ee Pompelwierker baue muss, wann ee Réckhalebecke baue muss, wann een esou vill Kilometere Kollektore baue muss, fir heiansdo nëmme 500, nëmmen 1.000 Leit ze entsuergen, da féiert dat ganz einfach dozou, datt do supplementar Käschte kommen, an dann ass dat bei Gott net d'Schold, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun dem Einzelnen, an dann duerf och net deen Einzelnen duerfir misse bludden!

Duerfir ass et scho gutt, datt et geographesch, topographesch an ökologesch Méiglechkeete gëtt an deem Text, mä fir mech ass dat alles immens vag. Wéi dat herno ausgeluecht gëtt, dat weess nach keen esou richtig, an et weess nach keen, op wat fir e Präis mer schlussendlech an deenen eenzelne Regioune kommen.

Fakt ass, datt mer am Moment zu Wäisswampech e Präis hunn, deen an d'Grëssenuerdnung vun zwielef Euro geet. Firwat geet dat an d'Grëssenuerdnung vun zwielef Euro? Dat wëll ech dann och erklären.

Ee vun den Hauptfacteuren ass erëm eng Kéier d'Kläranlag, eng performant Kläranlag - an den Här Meyers kennt déi Géigend ganz gutt -, déi d'Ofwaasser an eng ganz sensibel Baach ausschëtt, wou den Débit vun där Baach immens kleng ass, de Summer nach méi kleng ass, a wou een ëmsou genauer muss d'Rengung vun deem Ofwaasser virhuelen, fir déi Baach net ze vill ze belaachten. Duerfir ass et also ganz kloer, datt et huet missen eng ganz performant Anlag sinn.

Ech wëll awer emol eng Kéier soen, datt déi Anlagen zu engem groussen Deel heibannen duerch Gesetzer ofgestëmmt ginn, votéiert ginn, accordéiert gi vun der Waaserwirtschaftsverwaltung, och autoriséiert ginn oder nogekuckt ginn. Et ass also net esou, wéi wann do iergendee Syndikat egal wat géif maachen an onresponsabel do géif handeln. Et ass einfach lächerlech, wann een esou Aussoe mécht, mä et ass eng Realitéit, datt et eben tëschent engem ländleche Raum, an notamment tëschent engem Norden an engem Zentrum, extrem grouss Ennerscheeder gëtt. Wann een dann och nach d'Dicht vun der Populatioun hält, dat heescht wéi wéineg Leit op enger relativ grousser Fläch wunnen, da versteet ee ganz kloer, datt do muss en extrem héije Präis erauskommen. De Moment leie Präisser um Dësch - déi puer Präisser, déi ausgerechent sinn - tëschent véier an zwielef Euro. Dat ass also vum Einfache bis dat Dräifacht!

Ech wëll lech ganz kloer soen - an do kommen ech nach eng Kéier op den Heischtergronn ze schwätzen -, datt am Heischtergronn eng Kläranlag gebaut gëtt, fir déi...

» Une voix.- Wann esou vill doriwwer geschwat gëtt, da muss et eng gutt sinn.

(Hilarité)

» M. Ali Kaes (CSV).- Dat sollen d'Bierger dobaussen entscheiden. Am Heischtergronn gëtt eng Kläranlag gebaut, déi eenzeg, déi eng véiert - fir déi, déi vläicht eppes dov u verstinn - Rengegungsstuf huet,...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

(Brouhaha)

Ech muss och soen, datt a sech d'CSV-Fraktioun bereet war, deen Text ze ënnerstëtzen, mä datt eis sozialistesch Frënn...

» **Plusieurs voix.** - Aaaahhh!

» **M. Ali Kaes** (CSV). - Dat wéisst Der schonn alles, wann Der mech schwätze gelooss hätt!

(Interruptions diverses)

...datt eis sozialistesch Frënn net bereet waren - op jidde Fall eng Rei vun hinnen -, déi Motioun ze ënnerstëtzen. Esou datt déi Motioun...

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Also, Dir Dammen an Dir Hären, ech hätt elo gär, dass mer heibannen Uerdnung kréien an déi Debatten hei an der Uerdnung iwwert d'Bühn kréien. Wann dat net de Fall ass, dann ënnerbrieche mer d'Sitzung a mir fueren de Mëtteg weider.

(Brouhaha)

Neen, Här Bausch, wann ech gelift.

(Interruption et brouhaha général)

Här Kaes, maacht Är Interventioun elo fäerdeg a loosst lech net méi provozéieren!

» **M. Ali Kaes** (CSV). - Duerfir ass déi Motioun an där Form net deponéiert ginn, well et do wéi gesot keng Eenegkeet ginn ass. A vu datt déi Motioun an där Form net ënnerstëtzt gëtt, virun allem vun der sozialistescher Säit, soen ech ganz kloer, an dat ass meng eege perséinlech - ech betounen, meng eege perséinlech - Décisioun, doduerch, datt dat esou ass, wäert ech - an da kommen ech zum Schluss hei - dee Projet de loi aus all deenen Ursachen net stëmmen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Ali Kaes** (CSV). - Well ech emfanen dat als Verröt um ländleche Raum, ganz kloer un de Bierger aus dem ländleche Raum. An deem Land hei huet d'Solidaritéit schonn esou dacks gespillt, awer hei, wou et eng Kéier drëm geet, datt vläicht méi aus Süden no Norde Solidaritéit spillt,...

» **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

» **M. Ali Kaes** (CSV). - ...do gëtt déi Solidaritéit vill méi klenggeschriwwen, an duerfir soen ech ganz kloer hei, ech wäert aus deenen Ursachen de Projet de loi net stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

(Interruptions)

» **M. le Président.** - Merci, Här Kaes. Zum Ofschloss vun der Debatt huet den Här Fayot d'Wuert. Här Fayot, wann ech gelift.

» **M. Ben Fayot** (LSAP). - Här President, no deem Optrëtt vun Här Kaes muss ech soen, fannen ech et en zimlech staarkt Stéck, déi Manéier, wéi en hei virgaangen ass.

Ech huele jo un, dass all déi Saachen, déi hien hei erzielt huet aus där Motioun, an deene véier Joer, wéi an der Chamberskommissioun dat Gesetz diskutéiert ginn ass, zum Virschäi komm sinn. Ech huelen och un, dass déi am Gesetz dra sinn, well jo dann déi Kolleegen och vun der CSV an där Commissioun dra waren, och de Rapporteur.

Ech huelen och un, dass den Innenminister, den Här Halsdorf, dee jo den zoustännegge Minister ass derfir, déi Iddien, déi ebe vum Här Kaes virgedroe gi sinn, an deem Gesetz mat berücksichtegt huet, esou dass ech net verstinn, firwat dass den Här Kaes elo mat enger Motioun, déi en net virgeluecht huet, déi en net déposéiert huet, deen Theater do mécht.

Also, ech hu Vertrauen an d'Regierung, ech hu Vertrauen an den Innenminister an an deen zoustännegge Waasserdréngscht. An déi Dispositiounen, déi am Gesetz sti fir déi Solidaritéit zwëschent dem Süden an dem Norden, zwëschent dem Zentrum, de Regiounen alleguerten, wat d'Waasser ugeet, hierzestellen.

Ech kann net akzeptéieren, dass den Här Kaes hei wëllt d'LSAP accuséieren, d'Solidaritéit zwëschent de Regiounen net ze akzeptéieren an net eppes dofir ze maachen. Ech fannen dat e ganz schlechte Stil. Ech fannen dat Populismus, elektorale Populismus...

(Brouhaha)

...am héchsten Ausmooss. Dat kann ech absolut net akzeptéieren!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den Här Rapporteur, de Marco Schank, huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot.

» **M. Marco Schank** (CSV), *rapporteur*. - Jo, ech wollt d'Chamber froe fir nach eng Faute matérielle ze redresséieren am Rapport. Am mëndleche Rapport war dat richteg, mä am schrëftleche Rapport ass eng Échéance, déi falsch am Chapitre 7, Artikel 52 figuréiert. Dat huet mat de Plans de gestion ze dinne. Do steet den 22. Dezember 2015, dat misst den 22. Dezember 2009 sinn.

Ech wollt also froen, ob mer dat nach kéinte redresséieren, ier mer d'Gesetz stëmmen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Elo huet zum Ofschloss vun der Debatt den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf d'Wuert.

» **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann ech zrëckdenken un déi 29 Sätzungen, déi mer am Ganzen haten, wou mer iwwert d'Waassergesetz geschwat hunn, wou mer en...

(Interruption et hilarité)

...Gemeinschaftsprodukt zesumme ficeleiert hunn, deen e Konsens war tëschent all deene Parteien, déi do waren, wann ech zrëckkucken a gesinn, dass de Rapport, dee geschriwwen ginn ass vum Marco Schank - deem ech Merci wëll soe fir säi gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport -, ouni Géigestëmmen ugeholl ginn ass, a wann ech da gesinn, wat haut hei lass ass, muss ech soen, dass ech déi Kontrovers, déi haut hei ass, sécherlech net deelen an dass dat am Fong geholl net meng Aart a Weis ass, fir Politik ze maachen, an och net meng Aart a Weis ass, fir déi Dossieren, déi ech géréieren, weiderzekeréien.

Ech sinn e Mann, dee versicht ëmmer „step by step“ d'Saachen no vir ze bréngen, am Intérêt vun eise Bierger, an ech wëll mer net soe loosse, dass dee Projet, deen d'Regierung hei ficeleiert huet an deen e grouse Konsens fonnt huet an der Kommissioun, e schlechte Projet wär.

Dat ass a mengen Aen e gudden Projet an dee Projet, deen haut hei virläit, ass e komplette Projet. En huet e ganze Koup vu gesetzlechen Texter, déi en zesumme regroupéiert. Et ass e richtegt Kadergesetz, an deemno wéi et ëmgesat gëtt an den nächste Méint - wou ech hoffen, dass dat gutt geet -, da kann ee vläicht eng Kéier souguer vun engem Jorhonnertgesetz schwätzen.

Et sinn Elementer dran, an ech weess, dass de Waasserpräis eng Problematik ass, déi ee muss nuancéiert ugoen, wou een herno muss gutt communiquéieren; dat ass ganz wichteg. Et ass net fir nâischt, dass souguer d'EU gesot huet, d'Bierger missten agebonne ginn an déi ganz Problematik vum Waasser, justement fir déi nei Approche, dee Paradigmewiessel, dee mer hei hunn, besser ze verstoen.

Dat war jo ee vun de Problemer, dee mer haten. Mir hunn hei am Land während 200 Joer a méi d'Waasser esou géréiert, wéi mer et géréiert hunn, dat heescht mat der Autonomie communale hunn d'Gemengen hir Waasserdossiere gemaach. De Camille Gira huet et gesot, d'Waasser kascht nâischt, an doduerch ass ganz oft dann och wierklech an deem Beräich, géif ech soen, minimalistesch virgaange ginn. Dat ass 100%eg esou, an duerfir hu mer dann ebe verschidden Diskrepanzen, déi sech haut an hei weisen. Dorobber wëll ech herno nach eng Kéier zrëckkommen.

Ech wëll just soen, dass mer dat Gesetz hei nëmme konnt esou strécken, dass et en nohaltegt, integratiivt a kohärent Gesetz gëtt, wéi mer eng Verwaltung haten. An ech wëll mengem Virgänger Merci soen, dass hien et fäerdeg bruecht huet, hei an dësem Lëtzebuerg, wou alles net einfach ass, e klengen Raum fir eng Asta, eng Ëmweltverwaltung, eng Ponts et Chaussées, eng Forstverwaltung, e Service de l'énergie de l'État zesummenzekeréien an eng Ver-

waltung. Dat ass net evident. D'Kompetenze vum Laboberäich vun der Santé a vum Aménagement du Territoire sinn och doranner gefloss, an dat war schonn net schlecht, fir dat fäerdeg ze bréngen.

Dat Gesetz ze maache war nëmme méiglech, wann s de eng anstänneg Verwaltung hues, an dat hu mir elo gemaach. Et war komplex, an ech mengen, et ass gutt geschafft ginn. Den Esprit, deen an de Kommissioun war, dee wënschen ech mer och an Zukunft, well nëmme esou, wa mer net polemisch virginn, kënne mer wierklech, a mengen Aen, eppes fäerdeg bréngen. Mir hunn hei net polemisch driwwer polemiséiert, kann ech bal soen, well 23 Oppositions formelles do waren, mä mir hu Léisunge gesicht, an dat ass och gutt esou. Dee Konsens, deen hei virläit, ass a mengen Aen e gudden Konsens, dee vuntaristeschesch net nëmme eng Ëmsetzung vun der Direktiv ass, mä e richtegt Kadergesetz.

D'Basisiwwerleeung war eben déi, fir den Acquis ze halen. Et gëtt vill Leit, déi sinn an hire Käpp nach net fräi, fir esou ze iwwerleeën, wéi mir hei iwwerleeën, integrativ, an duerfir hu mer justement versicht, ech géif soen, en defensiivt Gesetz ze maachen. Mir hätt kënne e Gesetz maache wéi an England, wou d'Privatiséierung am Mëttelpunkt steet. Mir hätt kënne e Gesetz maache wéi a Frankräich, wou d'Deelpriatiséierung spillt, oder mir hätt souguer kënne e Gesetz maachen, wou mer eng strikt national Politik agefouert hätten, wou de Stat also eleng fiederféierend gewiescht wär. Dat hu mer net gemaach.

Mir hunn also weider déi originär Missioun vun de Gemengen, déi obligatoresch Missioun vun de Gemengen, déi an de Gesetzzer vu 1792 an 1906 verankert ass, bei de Gemenge gelooss: Salubritéit, Hygiène. Mir hunn hei de Subsidiaritätsprinzip spille gelooss, deen de Stat eben de Gemenge ginn huet. Mir wollten also net un d'Grondkompetenz vun de Gemenge fréckele goen, an domat si mer och, mengen ech, wat deen Aspekt ugeet, den Iwwerleeung vun der Spezialkommissioun gerecht ginn.

Ech wëllt elo scho soen, an ech soen et och nach eng Kéier zum Schluss, dat Gesetz, wat haut hei virläit, dat schléisst emol net aus, wat den Här Kaes opwerft, fir eng Kéier, „step by step“, op e Prix unique ze kommen; dat ass alles méiglech mat dësem Gesetz. Et ass en Ufank, e gudden Ufank, an en entsprécht sécherlech de Konklusioun vum Rapport vun der Spezialkommissioun. Ech wollt déi och emol eng Kéier hei virbréngen, well dat och wichteg ass. Wa mer dat Gesetz hei an Zukunft wëlle géréieren, da musse mer et och an de Kontext vun deenen Aarbechte setzen.

Am Rapport steet dran, dass am Beräich Drénkwaasser déi autonom Gemengen - et sinn der jo 23 - sech en zweet Standbee solle ginn, a si solle sech syndikaliséieren, an e Syndikat goen. Dat Gesetz hei erlaabt dat. Et ass och gesot ginn, et soll eng national Struktur gemaach ginn am Drénkwaasserberäich. Dat Gesetz hei erlaabt dat och. A mäi Wonsch wär et och, an ech wëll dat kloer an dättelech hei op dëser Tribün soen, dass déi Drénkwaassersyndikater am Osten, déi SIDERE, Syndikat Réimech a CESE heeschen, sech an engem Syndikat zesummendoe sollten, well dat wär wëschenswäert.

Am Ofwaasserberäich huet d'Spezialkommissioun och d'Iddi gefördert, dass all d'Gemenge sollten engem Syndikat bäitrieden, och d'Stad Lëtzebuerg. Ech als Minister deelen déi Meinung och. All d'Gemenge sollten dat maachen. Ech begreissen duerfir d'Initiativ vum SIDEST, wou 17 Ostgemenge ganz kloer an dës Richtung gaange sinn. Dat ass dee richteg Wee, an ech wënsche mer och hei, dass am Raum Réimech an am Raum lechternach sollt an déiselwecht Richtung geduecht ginn, fir sech och engem Syndikat unzeschleissen. An, last but not least, wëll ech soen, am Süden...

» **Une voix.** - Ären Telefon deet de Mikro summen.

» **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*. - Et ass net mäin Telefon, ech hu keen Telefon, deen elo hei Kaméidi mécht. Et ass iergendengem anere säin.

Do ass nach e leschte Wonsch, deen ech hei wollt äusseren, an zwar wär dat eng Fusioun am Süde vun deenen dräi Syndikater SIACH, STEP a SIVEC. Dat géif ech mer och wënschen.

An, last but not least, dee leschte Punkt vun den Iwwerleeung vun der Spezialkommissioun, eng national Struktur ze schafen, wou de Klärschlamm, d'Gestioun, e Labo fir

den Autocontrôle an d'Centrale d'achat géifen national ugaange ginn. Dat ass och meng Visioun, an ech wëll mech gären där Iddi unhuelen an esou eppes hei lancéieren.

Ech wëll och kuerz zum Gesetz kommen, op déi néng Schlüsselen, déi néng Punkten, déi vum Rapporteur ervirbruecht gi sinn. Ech wëll kuerz op déi Punkten agoen, well ech mengen et wier wichteg, dass een nach eng Kéier verschidde Saachen ervirsträicht.

D'Schlüsselement vun dësem Gesetz ass d'Erreeche vun engem ekologeschen a chemesch gudden Zoustand vun eise Gewässer, an dat op den Horizont 2015. Et ass eng Approche, déi iwwer e puer Etappe soll goen. Dat Ganzt ass eppes Wichteges, et ass eng Obligation de résultat, mat engem präzisen Délai. Dat heescht also och, dass keng Verschlechterung vun eise Gewässer däerf kommen. Dës Oplagen, dëst Zil, dat ass wierklech absolut, däärs muss ee sech bewosst sinn, wann een dat ugeet.

Derogatiounen sinn awer méiglech. Déi mussen awer transparent sinn. Ech wëll lech do nëmme e puer Beispiller ginn, fir lech dat besser ze illustréieren. De Stausee, zum Beispill, ass e staark modifizéiert Gewässer. Dat soll och an Zukunft esou bleiwen, domat hu mer also kee Problem.

Ech nennen lech awer zwee aner staark modifizéiert Gewässer, dat ass zum Beispill d'Péitrus hei an der Stad oder d'Kor zu Déifferdeng, déi sinn och staark modifizéiert. Do kann awer derogéiert ginn, do kann also eng Fristeverlängerung gesicht ginn, bis déi sech an e gudden Zoustand bruecht hunn. Dat kann 2021 sinn, dat ka souguer 2027 sinn. Domat wëll ech einfach illustréieren, dass, wann ee gutt argumentéiert, mer do eng Zäitschinn hunn, déi net alles onméiglech mécht.

Mir hunn en État des lieux gemaach vun eise Gewässer, an ech wëll soen, zum Beispill eis Mamer, wou de Buergermeeschter jo hei ass, déi ass an engem gudden Zoustand, dee Floss, deen duerch seng Gemeng leeft, gradesou wéi zum Beispill - alleguerten d'Baachen an d'Flëss am Éislek. Ausser, dat muss ech dem Wolzer Buergermeeschter soen, der Wolz, déi a kengem esou gudden Zoustand ass.

(Interruptions diverses et hilarité)

Sollte mer bis 2015 eis Ziler erreeche kënnen, eben „step by step“, wéi ech ëmmer esou gär soen, da wäerten zwee Drëttel vun eisen Uewerflächewaasserkierperen, also eis Flëss, an engem gudden Zoustand sinn, wat remarquabel ass par rapport zu eisen Nopeschlänner. Bei de Grondgewässer ass dat e bësse méi komplizéiert, well am Sandsteen an am Bontsandsteen hu mer punktuell Problemer, déi mer mussen ugoen.

E puer Wieder zum Waasserpräis. Duerch den Artikel 9 vun der Direktiv gëtt jo de Käschtendeckungsprinzip agefouert, als Mëttel fir d'Ëmweltziler ze erreechen - dat muss een och emol eng Kéier esou soen. Dem Pollueur-payeur muss Rechnung gedroe ginn an och dem Utilisateur-payeur. Kloer ass et fir mech an där Diskussioun iwwert de Waasserpräis, dass een d'Käschten, déi generéiert gi beim Waasser, net kann eent zu eent ëmsetzen, well dat géif wierklech am ländleche Raum bedeiten, dass e globale Waasserpräis géif entstoen, maximal tëschent aacht an zéng, an ënnen tëschent véier a fënnf Euro.

Well mer de Rechemodus harmoniséiert hunn, a well - an dat ass de Problem hei zu Lëtzebuerg - d'Waasser sech entwéckelt huet iwwer autonom Gemengen, wou d'Situatiounen dann 116 Mol verschidde si bei 116 Gemengen, géife mer eben dës breet Fourche vu Präisser kréien, an esou eng breet Fourche kënne mer eis net erlabe bei eise Bierger. Dat ass politesch net vertretbar.

Duerfir huet jo d'Kommissioun - ech ka bal soen, op Urode vum Marco Schank, vum President - den Artikel 12, de Prinzip vun der Kompensatioun agefouert, fir dass justement bei de Redevancen eben Ëmwelta wirtschaftlech Konsequenzen kënnen berücksichtegt ginn, kompenséierend wierke par rapport zum Käschtendeckungsprinzip. An och wéinst de geographesche Konditiounen an de concernéierte Regiounen kann eng Prise en charge vum Stat iwwert d'Budgetsgesetz geholl ginn. Ech mengen, dat ass wichteg, an do musse mer elo an Zukunft kucken, unhand vu Rechebeispiller musse mer dat duerchrechnen, an da gesi mer, wat dat am Detail heescht.

Wat mer am Detail definitiv festgeluecht hunn, dat sinn déi zwou Taxen, déi mer agefouert hunn. Déi Taxe ginn och vun der Direktiv praktesch gefuendert; si schwätzt nämlech vun Ëmwelt- a Ressource-

käschten, déi ee misst veranschlagen. Nun, mir hunn als Taxe de prélèvement zéng Cent festgeluecht. Bei ongeféier 35.000.000 Meter Kibb Waasser, déi de Moment verbraucht ginn, ginn dat 3,5 Milliounen Euro, déi do jährlech géifen erakommen. Bei der Ofwaassertax, oder d'Taxe de rejet, do géifen ongeféier 7 Milliounen Euro erakommen. Do hu mer jo 19 Cent verrechent, an do hu mer justement déi Solidaritéit, déi den Här Kaes fuerdert, spille gelooss. Mir hunn net einfach individuell Verschmutzungstaxeierung gemaach, well doduerch hätte mer nach méi Distorsioune, nach méi Inkohärenzen an d'Präisgestaltung kritt.

Sollt déi Solidaritéit eng Kéier an de Syndikater spillen - wéi an Ärem Syndikat, am SIDEN, oder an engem aneren -, hunn ech domadder kee Problem. Wann d'Gemengen dat wëlle maachen, hunn ech kee Problem mat engem harmoniséierte Waasserpräis, deen esou vill wéi méiglech harmoniséiert ass. Mir hunn och duerfir, fir och do Rou ze kréien, eng pauschal Kompensationsberechnung vun de Käschte betreffend d'Reewaasserbelaaschtung vun den öffentliche Plazen agefouert, ee Pauschalbetrag gemaach, fir och do am Fong geholl eng national Strategie ze hunn, eng national Approche. Ech mengen, mat där Artikulation, wéi se elo um Dësch läit, kéinte mer eppes hikréien, wat e grouss Konsens dobause wäert fannen.

Zu de Moosnameprogrammer a Bewirtschaftungsprogrammer - si solle jo de gud-den Zoustand bréngen - wëll ech just soen, dass de Bewirtschaftungsplang am Fong geholl responsabel ass, fir déi nohalteg Waasserpolitik en musique ze setzen. Dass do wäert den Däiwe am Detail leien, däärs sinn ech mer bewosst. Ech verlaangen awer och do eng néideg Flexibilitéit - net, dass mer eis do zerrieden -, an ech erwaarde mer eng partnerschaftlech Approche, an hoffen, dass mer déi kréien.

Da wollt ech nach eppes zu engem wichtege Punkt soen, deen a mengen Ae wierklech muss ervirgestrach ginn, an dat ass, dass mer nëmme méi een neie Regime vun Autorisationen hunn. Dat heescht, sechs Gesetzestexter hu mer an een eenzege Regime gemaach. Dat erlaabt eis dann eben och do méi kompakt virzegoen, an den Esprit vun deenen Texter a vun deenen Autorisationen ass sécherlech deesewechte wéi dee bei den abrogéierten Texter.

Mä mir hunn an deemselwechten Otemzuch och eng Simplification administrative agefouert, well mir hunn eng gemeinsam Instruktiounsprozedur agefouert. Wann Der eng Autorisation braucht, wou net nëmme d'Waasserwirtschaftsverwaltung oder d'Waassergesetzgebung gëllt, mä och d'Kommodos- an d'Naturschutzgesetzgebung, hutt Der just eng Ulafstell, an dat ass an deem Fall d'Administration de la gestion de l'eau. Et brauch een net nach an déi aner Verwaltungen ze goen. Ech mengen, dat wier och e Schrëtt an déi richtig Richtung, fir och hei dann eng Simplification administrative ze kréien.

Zum Ënnerhalt vun de Waasserleef an der Gestiou vun den Iwwerschwemmungsrisiken - dëst si sécherlech Schlëssel-elementer vun enger nohalterger Waasserpolitik - wëll ech just soen, dass den Ënnerhalt no natierlechen, ekologesche Kritäre gemaach gëtt, an dass de Stat eng Kofinanzierung mécht.

Bei de Renaturéierungen erwaarden ech mer och eng besser Realitéit, géif ech bal soen, well am Gesetz steet, dass d'Administration de la gestion de l'eau déi ganz Renaturéierung mécht, a Concertatioun an an enker Zesummenaarbecht mat der Administration des eaux et forêts; Artikel 37. Dat ass och e wichtege Punkt, an do erwaarden ech mer och méi Kohärenz.

Wou ech mer och Zefriddenheet erwaarden, well ech och do konform si mat den Iwwerleeunge vun der Spezialkommission, ass, wat d'Moosname géint Héichwaasser ugeet. Do stinn am Gesetz 80% - Här Clement, Dir hutt dat jo ëmmer gefuerdert -, 80% fir Moosnamen, déi e regionale Charakter hunn. Zum Beispill laanscht d'Musel kënne bis 80% subsidiéiert ginn. Wa se e lokale Charakter hunn, sinn et 50%. Mir kréien also hei finanziell eng vill besser Situatioun fir verschidde Gemengen, déi domat geplot sinn, a mir kréie mat deem Gesetz och eng harmoniséiert Approche.

Dir wësst et, haut hu mer vill Gemengen, déi nach Règlements grand-ducaux hunn, wou verschiddener souguer gekippt gi si vun de Gerichter, well d'Procédure d'urgence invoquéiert ginn ass wéi se agefouert gi sinn. Mir hunn anerer, déi hu PAGen, wou dann eben déi Moosnamen dra sinn. Heimat kréie mer e Gesetz, dat eng nuancéiert Approche erlabe wäert. Haut ass et esou,

wann Héichwaasser ass, däerf net gebaut ginn. Muer wäert et esou sinn, wann Héichwaasser ass, gëtt et Zonen, wou ni däerf gebaut ginn. Wann Héichwaasser solle sinn, gëtt et Zonen, wou ka gebaut gi mat héijen Oplagen, an an Héichwaasserzone kann och gebaut gi mat Oplagen, déi méi kleng sinn. Dat heescht, mir kréien dräi verschidden Niveauen.

Mir kréien also eng nuancéiert Approche, an ech sinn iwwerzeegt - an dat weess ech - och, well se scho mat mer geschwat hunn -, dass déi lechternacher an déi Ettelbrécker wäerten opootmen. Si hu mech schonn e puermol ugeschwat an där Problematik, well se Problemer hunn an hirer Urbanisation. Heimat mengen ech, hätte mer eng Approche, déi eise Gemenge wierklech entgéintkënn, eng Approche, déi net nëmme eise Gemengen entgéintkënn, mä och nach der Iwwerschwemmungsdirektiv, déi 2007 arrêtiert gouf, well mer hei Hochwassergefahrkarten an Hochwasserisikokarten aféieren. Hei si mer dann emol eng Kéier, dat wëll ech kloer an d'äitlech soen, mat déi Éischt, déi dës Direktiv ëmsetzen.

Mir goufe jo schonns oft kritiséiert, dass mer déi Lescht wäeren. Hei si mer mat déi Éischt, an dat ass jo dann e gudde Punkt. An e weidere gudde Punkt ass fir mech och...

Här Scheuer?

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Déi Reglementer, déi a Kraaft sinn, si jo Règlements grand-ducaux, déi falen elo ewech an et kommen nei Reglementer. Wéini kommen déi?

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Ech ginn dovun aus, wann dat Gesetz haut gestëmmt gëtt - eis Leit, déi haut hei präsent sinn, hu schonn un Ebauché vu Reglementer geschafft, déi op Basis vun deem Gesetz geholl ginn -, dass, wa mer gutt schaffen, mer dat nach an dëser Legislaturperiod packe kënnen, fir do esou wäit ze kommen, dass do kënnen Neel mat Käpp gemaach gi betreffend d'Héichwaassermesuren an eise Gemengen.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Et ass nämlech esou, datt PAPen a PAGen ustinn. Bis dohinner muss déi dote Reglementatioun stoen.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Ech kommen dorobber nach ze schwätzen. Ech wollt nach e puer Saache soen. Ech sinn elo bei 15 Minutten, gitt mer nach fënnel Minutten, da si mer fäerdeg, da kënnt Der alleguerten iesse goen. Mä et sinn nach e puer Saachen, déi ech wollt ervirsträchen.

Mir féieren eng Cellule an, déi d'Eropklamme vun de Flosspegelen iwwerwaacht an och d'Cruen annonciéiert. An dëser Cellule sinn d'Administration de la gestion de l'eau, de Ministère des Transports an d'Administration des Services de Secours vertrauden, wat och eng nei Approche ass, e Gremium, wou wierklech all d'Acteure beieneesetzen. Dëst bréngt och méi Kohärenz an deem Beräich, an och do erwaarden ech mer da wierklech eng effizient Aarbecht.

Da wollt ech zum sechste Punkt Folgendes soen. Do ass jo den Drénkwaasser- an den Ofwaasserberäich, an do maache mer jo eng Réaffirmatioun vun der Gemengekompetenz am Waasserberäich. Ech mengen, ech hunn lech dat schonn erkläert an ech brauch net weider op dësen Aspekt anzegoen. Ech ka just vläicht soen, dass verschidden technesch Aktivitéite kënne sous-traitéiert ginn, mä e kloere Jo vun Minister zum Waasser an öffentlecher Hand, dat ass ganz kloer, och wa mer 130 Acteuren am Land hunn; et sinn 116 Gemengen, siwe Syndikater am Ofwaasserberäich a siwe Syndikater am Drénkwaasserberäich.

An deem Kontext ass och déi Problematik vun de Schutzzonen ugeschwat ginn, wou ech verschidden Iwwerleeungen deelen. Richtig ass, dass mer vill kritiséiert gi sinn, dass mer vun 1993 u keng Schutzzonen ageruff hunn, ausser där vum Stausee; dat ass déi eenzeg, déi mer haten. Ech kann lech awer soen, dass elo d'technesch Verwaltung fäerdeg ass, an et geet elo drëm, de Feinschliff ze maachen, an der Concertatioun an am Partenariat mat de concernéierten Acteuren. Et hu scho Virgesprécher stattfonnt, esou dass ech mer erwaarden, dass mer och do séier wäerten an deem Dossier virukommen.

Da kënnt e wichtege Aspekt, an zwar dass den nationale Plang an d'Gemengepläng vun städteschen Zyklus vum Waasser en

neien Interface ginn tëschent Aménagement du Territoire, Aménagement communal a Waasserbewirtschaftung. Dat ass och ganz wichteg. Hei kréie mer eng concertéiert, eng kohärent Approche. Doduerch kréie mer et hin, dass am Fong geholl an de PAGen - dat, wat den Här Scheuer elo just ugeschwat huet - genau gewosst ass, wéi eng Schutzzonen, wéi eng Iwwerschwemmungszone mussen ausgewise ginn, dass genau gewosst ass, wéi déi zukünfteg Entwécklung vun der Gemeng infrastrukturell muss begleet ginn.

Hei erwaarden ech mer och munches, ëmsou méi mer och an der Commission d'aménagement en Ingenieur kréien, dee sech a Waasserfroen auskennt, esou dass also do scho beim Opstelle vum PAG Neel mat Käpp gemaach ginn an dass mer do also och eng richtig Approche wäerte kréien. An och deen nationale Plang iwwert de Waasserzyklus, dat ass schonn ugeschwat ginn, dee fonctionnéiert e bësse wéi e Plan sectoriel. Dat ass och wichteg, dass mer do e Lien maachen tëschent Aménagement du Territoire an Aménagement communal.

Wat elo de Comité vun der Waasserbewirtschaftung ugeet, de Comité de la gestion de l'eau, do erwaarden ech mer munches. Do hätt ech gär, dass d'Gemenge wierklech anstänneg dra vertraude sinn. Do muss e Règlement grand-ducal d'Zusummesetzung an de Fonctionnement regelen. Ech sinn och d'accord mat de Règlements grand-ducaux bei d'Kommission ze kommen, bei den Här Schank, a se dann hei ze kucken, him se virzedroen a mat him doriwwer ze diskutéieren. Am Ganze wäerten elo direkt 18 Règlements grand-ducaux a Kraaft trieden. Zéng sinn der de Moment schonn a Kraaft, déi ginn also just iwwerschrivven, an et mussen der nach 13 fakultativ oder méi spéit a Kraaft trieden. Dat ass de Bilan, wat elo déi Règlements grand-ducaux ugeet. Da wësst Der dat och.

Dëse Comité, dee jo e bësse fonctionnéiert wéi de CSAT, de Conseil supérieur de l'aménagement du territoire oder de Conseil supérieur de la protection de la nature, dee muss eng wichteg Roll spillen, gradesou wéi den Observatoire, deen e konsultative Charakter huet an deen eis och wäert erlaben, e Qualitéitssprong am Waasserberäich ze kréien.

Vum Partenariat de rivière, oder d'Partenariat vun de Waasserleef op Lëtzebuergesch erwaarden ech mer och eng Dynamik. Ech fannen dee Modell, deen zu Réiden entstanden ass mam Waasserhaus, oder dee Waasservertrag vun der Uewersauer, wou mer mat Wallounien zesummeschaffen, si flott Beispiller, an ech wëll gär, eng Hand mat upaken, dass mer do besser weiderkommen. Ech weess, dass eng Initiativ amgaangen ass an der Our, wou och déi Däitsch an d'Wallonie sollen zesummen e Projet maachen. Ech fannen, dat ass eng flott Initiativ, d'Abanne vun der Gesellschaft an och vläicht vun eise Kanner, justement fir se ze sensibiliséiere fir dëst wichtegt Gutt.

En phase si mer bis elo och mat der EU-Direktiv duerch déi dräi Versammlungen, déi mer schonn haten, am Kader vum Opstelle vun de Moosnameprogrammer. Dëst fält ënnert d'Rubrik Preparatioun a Konsultatioun vun de Bierger. Do hu mer dräi Aarbechtsgruppen, wou interesséiert Bierger an d'Société civile eng Hand mat upake beim Opstelle vun dëse Moosnameprogrammer.

E leschten, néngte Punkt zum Waasserfong. Deen ass erweidert ginn, an ech ginn net méi drop an, dass mer 1999 dëse Fong iwwert d'Budgetgesetz agefouert hu fir d'Kläranlagen. Dat ass gemaach ginn, well och bis dohinner net vill geschitt ass. Ech kann awer soen, dass an de leschte Joren - ech hu mer dat hei opgeschriwwen -, vun 2004 bis 2007, 153 Milliounen investéiert gi sinn an d'Kläranlagen. 2004 waren et der 25, 2005 35, 2006 42 an 2007 51, an dëst Joer wäerten et 70 bis 80 Milliounen sinn. Dir gesitt also, mir hunn do e Quantessprong gemaach. Et gëtt elo intensiv investéiert an eis Kläranlagen, an dat ass eng gutt Saach. Mä gradesou gutt ass et och, dass mer dëse Fong ausgeweit hunn.

An Zukunft kënne Renaturéierungen, Héichwaassermoosnamen, Fëschleederen a Kläranlagen an esou weider iwwert dëse Fong finanziéiert ginn, an och separat Ofwaasserréseauen an den Agglomeratione kënne bis 33% finanziéiert ginn. Dir gesitt also, dëse Fong kritt eng vill méi breet Streeung an eng vill besser Upassung un d'Realitéit. E gëtt jo gespeist iwwert d'Taxe de rejet an d'Taxe de prélèvement, an et kënne souguer, wann dat gewënscht ass, an den nächste Jore BEI-Gelder an EU-Strukturfongen draflëssen, wa mer wëlle Prêtë maache respektiv EU-Politik hei zu Lëtzebuerg ëmsetze wëllen.

» **M. le Président.** - Här Minister!

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Nach just dräi Punkten, Här Präsident, da sinn ech fäerdeg.

(*Interruption*)

Da maachen ech emol nach ee Punkt, dee mer wichtegt schéngt.

» **M. le Président.** - Dann huet dee wichtigsten eraus an da maache mer Schluss.

(*Interruptions diverses et hilarité*)

Also, da kommt, mir halen de Minister elo net op duerch Zwëscheriff.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Ee Punkt, dee mer wichtig ass, ass deen, dass mer an d'Gesetz geschriwwen hunn, dass d'Verwaltung just ee Mount Zäit huet, fir Gemengereglementer, déi geholl ginn am Ofwaasser- an Drénkwaasserberäich, ze aviséieren.

D'Tatsaach, dass mer ee Mount do gesat hunn, weist, dass mer gär, hätten, dass eng Verwaltung soll schnell schaffen, a beweist awer och, dass mer de Gemenge wëllen d'Méiglechkeet ginn, wann no engem Mount keng Äntwert do ass, dass hiert Reglement a Kraaft trëtt. Dat ass e wichtege Punkt, deen ech nach wollt soen.

An en zweete wichtege, dat sinn d'Artikelen 43 a 47, déi de Gemengen d'Méiglechkeet ginn, Reglementer ze huelen, fir verschidden Haushälter eng Allocation de vie chère ze ginn. Ech mengen, et ass och wichteg, dass een dat nach eng Kéier hei rappeliéiert.

Duerfir mengen ech, d'Käschteberechnungen an den nächste Joren oder am nächste Joer wäerte Kloerheet doriwwer schafen, wéi de reelle Waasserpräis ass, oder wéi et mam reelle Waasserpräis ass hei zu Lëtzebuerg, u wéi enge Schrauwe mer mussen eventuell dréinen, fir - an dat hätt, mengen ech, gär jiddwereen - méi Gerechtegkeet an de Waasserpräis hei zu Lëtzebuerg ze kréien.

Ech maache gär, d'Wett, dass mir net op deen deierste Präis an der EU wäerte kommen, mä mir wäerte misse gutt kommunizéieren, fir dass mer keng Polemik kréien, mä dass et nëmme ëm d'Saach geet, an zwar eng gutt Waasserpolitik hei zu Lëtzebuerg.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister, a Félicitatiounen, well Dir hutt et fäerdeg bruecht, Är dräi Punkten als wichteg ze deklaréieren.

Den Här Schneider huet d'Wuert gefrot.

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Ech wollt nach eng Fro un den Här Innenminister stellen.

Hunn ech de Projet de loi richtig gelies an hunn ech den Ausféierunge vum Minister richtig nogelauschert, datt déi Kompensation, iwwert déi den Här Kaes déi grouss emotional Ried gehalten huet an déi soll stattfannen an de Präisser zwëschent de Regiounen, am Projet de loi festgehalten ass?

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Natierlech. All déi Iwwerleeungen, déi haut gemaach gi sinn, dëst Gesetz schléisst keng vun dësen Iwwerleeungen aus. Ganz kloer an d'äitlech.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Interruptions*)

» **M. le Président.** - Domat ass och dat kloergestallt.

Mir kommen dann elo zum Vote iwwert de Projet 5695.

Wéi de Rapporteur eis opmierksam gemaach huet, ass am Artikel 52.6 eng Erreur matérielle: Et ass net ze liesen „par Règlement grand-ducal du 22 décembre 2015“, mä 2009. Mir stëmmen elo iwwert deen ofgeännerten Text of a wäerten dem

Conseil d'État dës Ännerung schrëftlech matdeelen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5695 ass eestëmmeg ugeholl mat 37 Jo-Stëmmen, géint 22 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme

Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot).

Ont voté non: M. Ali Kaes;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Eugène Berger), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par

M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann nach d'Motioun, déi vum honorabelen Här Schank déposéiert ginn ass an déi ënnerschriwwen ass vum dem Här Schank, dem Här Roth, dem Här Schneider, dem Här Etgen, dem Här Mehlen an dem Här Kaes.

Une voix.- Ass dat déi Motioun?

(Hilarité)

M. le Président.- Ech froen d'Chamber, ob mer kënnen iwwert d'Motioun vum Här Schank par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Mi hu véier Enthalungen. Domat ass d'Motioun mat ganz grousser Majoritéit ugeholl.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte fir de Moien. Mir gesinn eis haut de Mëtteg um hallwer dräi erëm.

Ech wënschen Iech all e gudden Appetit.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.44 heures)

SÉANCE 18

Présidence: M. Lucien Weiler, Président

Sommaire

- Institution et composition de la Commission spéciale «Crise économique et financière»
 - M. le Président
- 5967 - Projet de révision de l'article 34 de la Constitution
 - M. Aly Jaerling (motion renvoyée en Conférence des Présidents)
 - Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Paul-Henri Meyers (déposant une résolution)
 - Discussion générale: Mme Colette Flesch, M. Alex Bodry, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes (déposant une résolution), M. Aly Jaerling, Mme Lydie Err, M. Luc Frieden, Ministre de la Justice
 - Vote sur le projet de révision de la Constitution
 - Résolutions: M. Aly Jaerling; résolution 1 adoptée, résolution 2 renvoyée en Conférence des Présidents
- Dépôt d'un projet de loi
 - M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, François Biltgen et Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

Une voix.- Neen, Här President.

1. Institution et composition de la Commission spéciale «Crise économique et financière»

M. le Président.- D'Chamber huet an enger Resolution festgehalen fir eng nei Spezialkommissioun ze grënnen, déi den Numm „Commission spéciale «Crise économique et financière»“ droe soll.

Wat hir Zesummesetzung ubelaangt, si folgend Virschléi agaangen: fir d'CSV-Fraktioun déi Häre Laurent Mosar, Marc Spautz, Lucien Thiel a Michel Wolter; fir d'LSAP-Fraktioun déi Hären Alex Bodry, John Castegnaro a Ben Fayot; fir d'DP-Fraktioun déi Häre Charles Goerens a Claude Meisch; fir d'Fraktioun vun deene Grénge den Här François Bausch a fir d'Sensibilité politique ADR den Här Gast Gibéryen.

Ass d'Chamber mat der Bezeechnung a mat der Zesummesetzung vun dëser neier Spezialkommissioun averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Artikel 34, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers, d'Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 3. Dezember huet de Statsminister hei an der Chamber ee Projet deponéiert, dee virgesäit, dass den Artikel 34 vun der Verfassung soll ofgeännert ginn.

Fir d'Wichtigkeet, d'Zil an d'Konsequenze vun där Ofännerung richteg ze gesinn, ass et fir d'éischt emol noutwendeg, dass mer eis nach eng Kéier den Text vun deem jëtzege Artikel 34 vun der Verfassung virun Ae féieren. Dass mer e Bléck op deem Artikel werfen, fir dann och ze gesinn, wéi wäit dass deem Artikel soll ofgeännert ginn.

Dofir erlaben ech mer, deem Artikel - an ech entschëllege mech bei all deenen, déi gären d'Lëtzebuurger Sprooch hätten - an där franséischer Sprooch ze zitieren, déi d'Sprooch vun eiser Verfassung ass: «Le Grand-Duc sanctionne et promulgue les lois. Il fait connaître sa résolution dans les trois mois du vote de la Chambre.»

Deen Artikel viséiert zwou Attributiounen vum Grand-Duc: d'Sanktioun vun de Gesetzter an d'Promulgatioun vun de Gesetzter. An e schléisst u mat engem Saz, dass de Grand-Duc an enger gewëssener Frist, an zwar an dräi Méint, muss handeln, fir seng Aufgaben ze erfüllen.

Ech mengen, déi Diskussiounen, déi geféiert si ginn iwwert deem Artikel, misste mech derzou féieren, nach eng Kéier op déi zwee wesentlech Punkte vun deem Artikel anzugeen an ze soen, wouranner dass dann d'Sanktioun an d'Promulgatioun vun de Gesetzter besteet.

D'Sanktioun - Billigung, op Däitsch - ass d'Zoustëmmung vun dem Statschef zu engem Gesetz, wat d'Chamber gestëmmt huet. Duerch d'Sanktioun gëtt de Grand-Duc säin Accord zu deem Gesetz. An domat participéiert en och un der legislativer Aarbecht. Well d'Gesetz existéiert duerch d'Sanktioun, déi hiren Ausdrock fënn an der Ënnerschrëft vun dem Grand-Duc ënnert deem Text.

D'Prerogativ vun dem Grand-Duc, fir Gesetzter ze sanktionéieren, besteet zënter der éischter demokratescher Verfassung hei am Land, zënter 1848. Deen Text konnt een an der Mëtt vum 19. Jorhonnert anescht opfaassen, en ass och anescht opgefaasst ginn. Well deemools, an ech erënneren hei, stoung mer 60 Joer no enger Revolution, déi d'absolut Monarchie ofgeschaaft hat; a mir wëssen an der Geschicht, dass d'Evolution vun neien Iddien, wa se och eng Kéier abrupt ass, awer ëmmer nach zu Réminiscencé féiert an derzou féiert, dass versicht gëtt, Regimer, déi och net demokratesch waren, heiansdo erëm iwwer aner Weeër anzeféieren.

Dat ass am Laf vum 19. Jorhonnert am Zesammenhang mat de Monarchien ëmmer erëm geschitt. Dofir war och d'Interpretatioun vun der Participatioun vun dem Monarch un der legislativer Aarbecht eng

aner wéi haut. D'Opfaassung vun där Aarbecht, d'Opfaassung vum Rôle vum Monarch war 1850 nach eng aner, wéi se haut ass.

Am Laf vun der Zäit huet sech déi Opfaassung geännert. A mir stelle fest, no der Verfassung, déi haut nach an hire Grondsätz hei am Land a Kraaft ass, déi vun 1868, ass et nimools dozou komm, dass ee Statschef refuséiert huet, ee Gesetz ze sanktionéieren. An d'Auteure vun dem Livre jubilaire vum Statsrot, wa mer d'Doctrine nokucken, déi ass hei zu Lëtzebuerg net ganz heefeg, dofir musse mer och op d'Doctrine an der Belsch zrëckgräifen, well jo och d'belsch Verfassung déiselwecht ass quasisment wéi déi Lëtzebuurger, well mer se 1848 vun där Belscher vun 1838 eigentlech ofgeschriwwen hunn. Dat war deemools eng gutt Kopie.

Wa mer also op d'belsch Doctrine zrëckkucken, da stelle mer fest, datt déi Belsch Auteuren der Meenung sinn, dass déi Participatioun vun dem Statschef un der legislativer Aarbecht a besonnesch d'Sanktioun vun de Gesetzter ee Procédé automatique ass, esou wéi de Pierre Wigny 1952 a sengem Manuel iwwert den Droit constitutionnel scho festgehalen huet. A wa mer d'Doctrine an all déi Auteuren, déi doriwuer schreien, och an der Belsch, an deene leschte 50, 60 Joer suivieren, ech zitieren och do den Här Delpérée, da stelle mer fest, dass do déi Meenung unanimement gedeelt gëtt, dass d'Sanktioun vum Statschef eigentlech ee Procédé formel et automatique ass.

Nun ass et awer esou, dass bei eis zu Lëtzebuerg deem Artikel 34 an all där Zäit ni geännert ginn ass. Vläch och dohier, well eng aner Opfaassung do war. An de Conseil d'État stellt fest, dass mer eigentlech an enger Situatioun sinn, wou den Texte écrit vun der Verfassung net méi iwwereneestëmmt mat der Praxis a mat dem Text a mat der Opfaassung, déi reell iwwert deem Text besteet.

Keen anere wéi mäi Virgänger an der Verfassungskommissioun, den Här Georges Margue, huet scho viru Jorzéngte gesot, dass mer eng Rei Fiktiounen an der Verfassung hunn - Fiktiounen, dat heescht Texte, déi anescht interpretéiert ginn, wéi se wierklech an der Verfassung stinn. Den Artikel 34, Dir Dammen an Dir Hären, gehéiert zu deenen Artikelen, déi eng aner Interpretatioun, eng aner Ausleeung kritt hunn, wéi dat wierklech textuellement an der Verfassung steet.

Dofir, wa mer dee Schrëtt maachen, fir den Text haut unzepassen, maache mer eigentlech eng Upassung - an dofir hunn ech och déi Auteuren zitéiert, an ech kéint largement de Conseil d'État zitieren - zu deem, wéi den Text haut ugesi gëtt.

Nun ass et awer esou, dass den Text nach een aneren ass. A fir ze verstoen, wéisou dass een zu där doter Interpretatioun muss kommen, mengen ech, kann een de 34 och net eleng gesinn.

De Grand-Duc an déi Attributiounen, déi en huet, d'Attributiounen, déi aner Institutiounen an der Verfassung hunn, stellen ee